Conseil communal

Séance publique du 16 juin 2008

Durée de la séance: *09.30 à 11.40 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Enseignement
   - 1.1. Proposition de réintégration d'un instituteur dans l'enseignement primaire - décision.
   - 1.2. Nominations dans les enseignements préscolaire et primaire (1re liste) - décisions.

Séance secrète

2. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique (début vers 9.45 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA-Ouest): demande d'adhésion de la commune de Roeser, nouveau membre - décision.
   - 4.2. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 4.3. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 4.3.1. Aménagement d'un lotissement à Rodange, « A la Neuwies » - approbation.
     - 4.3.2. Aménagement d'un parc naturel au lieu-dit « Im Plon » (partie de l'ancien tracé « Seelebunn ») à Rodange - approbation.
     - 4.3.3. Travaux de canalisation dans le cadre des travaux de renaturation du cours d'eau « Maragole » au lieu-dit 'Im Plon' à Rodange - approbation.
     - 4.3.4. Piscine de Rodange (construction d'un restaurant externe) et extension de la pelouse - approbation.
     - 4.3.5. Confection de drainages et aménagement de voies de circulation dans le cadre du nouveau parking sis au lieu-dit « Au Doihl » à Rodange - approbation.
     - 4.3.6. Installation d'une signalisation lumineuse dans la rue de la Piscine à Rodange - approbation.
5. Personnel: augmentation de la tâche d'un rédacteur au service technique - décision.
6. Enseignement
   - 6.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 6.2. Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 - décisions.
7. Prévisions sociales
   - 7.1. Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du séisme en Chine - décision.
   - 7.2. « Péitenger Jugendhaus » ASBL: acquisition d'un minibus - octroi d'un subside spécial et vote d'un crédit spécial.
   - 7.3. Services sociaux: allocation de vie chère aux personnes à revenus faibles- décision.

7.4. Services sociaux: allocation de vie chère aux personnes à revenus faibles - vote d'un crédit supplémentaire.

8. Urbanisation
   8.1. Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue J-P Kirchen, présenté par TRADI-LUX pour la construction de cinq maisons unifamiliales - approbation provisoire.
   8.2. Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, chemin de Brouck, présenté par PROMONOVA S.A. pour la construction de cinq maisons unifamiliales - approbation provisoire.
9. Hygiène publique: aménagement d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial.
10. Transports et communications
   10.1. Règlements temporaires de la circulation routière - confirmation.
   10.2. Frais d'études pour l'introduction de zones 30km/heure - modification du libellé de l'article budgétaire - décision.
11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Enseignement: éducation préscolaire - nomination d'un instituteur (m/f) pour l'année scolaire 2008/2009.

Mme Del Boccio-Goudembourg Sandra, de Pétange, est nommée à la fonction d'institutrice dans l'éducation préscolaire de la commune de Pétange pour l'année scolaire 2008/2009.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech alleguer zu der ëffentlecher Gemengerotssëtzung, fir déi den Här Muller sech entschëllege gelooss huet. Dat heescht, mer sinn haut zu 14 am Gemengerot. Ech géif iech dann och eng Informatioun viruginn aus der „Séance à huis clos". Mer haten eng Nominatioun ze maachen am „enseignement préscolaire" an am Primärunterrecht. Am Primär hate mer keng Kandidaturen, mee am „pré-scolaire" hate mer zwou Kandidature fir ee Posten. An de Gemengerot huet haut de Moien entscheet, d'Madame Del Boccio-Goudembourg Sandra fir dee Posten ze nominéieren. Dat wier alles, wat ech ënner dem Punkt 3 ze soen hunn. Dir hutt an ärem Dossier sechs Rapportë vu Syndikater virfonnt, déi der alleguer sécher gekuckt hutt. Fir de Rescht huet de Schäfferot keng Kommunikatioun ze maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt den Här Breyer froen, ob hie vläicht zwee Wuert zu der Quintessenz vun der Reunioun mat de Péitenger Bierger hei 'A Rousen' iwwer de Schwaarzewee kéint verléieren. Well mer hei am Haus esou dacks iwwer de Schwaarzewee diskutéiert hunn, kéint den Här Breyer vläicht an een oder zwee Wuert de Gemengerot informéieren, wat dobäi erauskomm ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer haten eng kleng Reunioun, esou wéi dat och d'Politik vum Schäfferot ass, mat deene Bierger, déi direkt vum Schwaarzewee betraff sinn. Dat sinn déi, déi praktesch un de Schwaarzewee erustoussen. Ronn 30 oder 32 Leit waren do. Mer hu ganz kloer ënnerstrach, datt déi Aarbechten, déi do gemaach ginn am Kader vum „Plan local de la sécurité" an net am Kader vun der Renovatioun vun enger Strooss stattfannen. Et ass am Fong geholl dorëm gaangen – esou wéi mer dat och hei entscheet hunn –, fir méi Sécherheet an de Schwaarzewee ze kréien. Sécherheet fir de Foussgänger, deen do trëppelt, esou datt e propper an ouni ze falen op d'Gare oder aneschtwou higoe kann.

Zweetens fir méi Luucht do eran ze kréien andeems mer méi Geliichts géifen installéieren. Et war e Problem, well mer do keng genee Delimitatioune vun der Strooss a vun de Proprietéitsverhältnisser hunn. Et muss een ëmmer soen, datt mer de Schwaarzewee vum Stat ofkaf hunn oder als „cadeau empoisonné" kruten an der Zäit. Dat war virun 15 Joer. Den Hiwwel gehéiert awer nach ëmmer dem Stat an och laanscht déi Privat-proprietéite sinn d'Besëtzverhältnisser net ganz kloer. Wa mer déi Prozeduren ofgewaart hätten, da wiere mer an zéng Joer nach net ukomm fir eppes ze maachen. Also hu mer entscheet, eng propper Situatioun ze schafen. Dat ass mat deene Leit, déi dorunner erustoussen, esou gemaach ginn, datt mer en Accord gefrot hu fir mat dem Tarmac bis un hir Proprietéit erunzefueren. Do hu mer schonn aacht Ënnerschréfte vun 12 Stéck, déi aner véier musse mer nach kréien. Wa mer déi alleguer hunn, da kucke mer fir déi Situatioun do esou propper ze maachen, datt vis-à-vis vun deene private Proprietéiten eng kloer Situatioun entsteet, datt den Tarmac bis bäigefouert gëtt. Zum Hiwwel selwer, do musse mer iergendwéi enger fiktiver Linn nogoen a mer hoffen, datt den Tarmac dann och elo nach virun der grousser Vakanz ka gemaach ginn. Do si mer awer Tributaire vum Fournisseur.

Ech géif mengen, datt et am grousse ganzen eng gutt Versammlung war. Mer haten och de Polizeicommissaire derbäi. Et sinn och nach Problemer vun de Leit ervirbruecht gi wat de Parking uewen ubelaangt. Dee Parking, dee mer jo mat der CFL oder fir d'CFL geschafen hunn, wou mer awer den „droit de garde" hunn. Do solle mer kucken, och do nach méi Sécherheet ze maachen. Mer ware schonn op d'Plaz kucke mat dem Commissaire. Do ass schéngs vill Verkéier an et gëtt e ganze Koup gebuede well dee Verkéier owes ass, wa kee méi do parkt. An do muss een emol kucken, ob een net duerch gewësse Moossnamen ewéi Barrièren oder kleng Hindernisser dee Parking méi kleng mécht, esou datt haaptsächlech owes net Saachen entstinn, déi elo do sinn. De Commissaire huet dat zur Kenntnis geholl a mer kucken elo am „plan local de la sécurité" dorop ze reagéieren.

4.1.

Administration générale.

Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA-Ouest): demande

d'adhésion de la commune de Roeser, nouveau membre – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Damen an dir Häre, d'Sicona-Ouest huet sech dofir ausgeschwat fir d'Gemeng Réiser mat an de Syndikat opzehuelen. Dat bréngt natierlech mat sech, datt et Ännerungen an hire Statute ginn. An da muss d'Gemeng Réiser och nominativ opgefouert ginn. Mer mussen eis hei, esou wéi all déi aner Gemengen, déi och am Sicona vertruede sinn, prononcéiere fir den Accord ze gi fir d'Gemeng Réiser eranzehuelen an och fir d'Statuten unzehuelen. Wéi gesot, esou datt deen Numm dann derbäi stoe kënnt. Ech géif iech dann och bieden, dat gutt ze heeschen.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Titres de recettes.

Déclarations diverses au montant total de 3.322.069,19 euros – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei sinn „Titres de recettes" aus deene leschte Wochen a Méint. Do hutt der och den Detail am Dossier. Ervir ze sträichen ass, datt mer den éischten Deel vun der Gewerbesteier kruten. Dat sinn 2.939.916,78 Euro. Mer kënnen och ervirsträichen, datt mer Dividende kruten, dat sinn déi zwou eenzeg Plazen, wou mer Aktionär sinn. Dat ass Sudgaz a Surre. Och vum Stat hu mer eng weider Tranche krut fir de Bau vum Hall polyvalent zu Rodange, an zwar 195.000 Euro. Dat ass de Subsid, dee mer fir dee Bau erakruten. Mer hunn nach net alles erakrut, mee mer hunn awer schonn e groussen Deel vun deene Suen, déi mer vum Stat zegutt hunn, erakrut.

Camille Bosseler (CSV):

Ech gesinn hei bei de Punkten 10, 11 an 12 „Vente de bois". Dat freet mech ëmmer, datt d'Aarbechten an eise Bëscher viruginn. Ech hoffen, datt dat och an Zukunft esou weidergeet an datt déi al Beem verschwannen an neier ugeplanzt ginn. Esou, datt mer trotzdeem e gesonde Bësch hannerloossen. Et gesäit een d'Auswierkungen iwwerall, wou Dausenden Hektare Bëscher verbrannt ginn. Sief et duerch Brandstëftung oder duerch d'Hëtzt. D'Auswierkunge gesi mer jo awer och. Ech mengen, e Bam absorbéiert awer vill Waasser. Mer sollen awer an däer Richtung bleiwen a genuch uplanze wa mer nach Plaze fräi hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär deelen är Suergen. Mee ech mengen, duerch déi Pläng, déi mer opstellen a wat mer investéieren an eise Bësch géife mer deem Rechnung droen. Déi Suen, déi mer aus dem Verkaf vum Holz erakréien, investéiere mer nees an de Bësch - an nach doriwwer eraus. Ech mengen, dat ass scho richteg an dofir géif ech dem Här Bosseler scho Recht ginn an deem, wat hie gesot huet.

Approbation à l'unanimité.

4.3.1.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Aménagement d'un lotissement à Rodange, « A la Neuwies » - approbation.

Devis approuvés: 1.612.411,03 €
Crédits approuvés: 1.811.343,46 €
Dépense effective: 1.502.942,96 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer ëmmer nees hanner eise Servicer si fir d'Dekonte vun deenen Aarbechten, déi ofgeschloss sinn, hei an de Gemengerot ze brénge fir datt mer déi definitiv ofschléisse kënnen. Mer hunn haut d'Chance, sechs Dekonten ze kréien. Déi waren net esou einfach ze kréien. De Schäfferot muss ëmmer erëm mat der Hëllef vun eisem Sekretär intervenéiere fir datt dat kënnt. Hei hu mer sechs Dekonte virleien, déi mer iech dann och der Rei no virstelle wéilten.

Hei geet et ëm e ganz ale Projet mat Ausgabe vun 1991 bis 2005. Dat huet iwwer 15 Joer gedauert. Et ass bal esou gutt wéi de PiKo. Mee mer sinn awer elo fäerdeg. Mer haten Devisë gestëmmt fir 1.612.411,03 Euro. D'Ausgabe louche bei 1.502.942,96 Euro. Der hutt den Detail och hannendrun. Et war keen einfachen Dossier, wéi der dat och gesitt.

Well dat awer an eng Period fält, wou ech nach net am Gemengen- oder Schäfferot war, hoffen ech, esou wäit et eis méiglech ass, op är Froen ze äntwerten, wann der der hutt.

Approbation à l'unanimité.

4.3.2.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Aménagement d'un parc naturel au lieu-dit « Im Plon » (partie de l'ancien tracé « Seelebunn ») à Rodange – approbation.

Devis approuvés: 268.779,44 €
Crédits approuvés: 422.443,18 €
Dépense effective: 226.665,47 €

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den Dekont hei läit nach net esou laang zeréck. En ass 2003 ugaang. Et geet ëm den Naturpark „Im Plon", an zwar ëm deen alen Tracé vun der Seelebunn. Et ass keen esou e groussen Dekont an ech wier frou, wann der deen och géift stëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech gesinn, mer stëmmen elo schonn den Dekont hei. Mee mer haten am extraordinäre Budget d'lescht Joer e Chiffer dra. Do ass jo och nach eppes mat eriwwergeholl ginn. Dat huet jo misse bis den 15. Juni, also bis gëschter, sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, et ass bis den 30. Abrëll.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer just opgefall well do nach e klenge Chiffer am „report" stoung. Och an deem duerno.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn am Fong e Chiffer reportéiert op den Exercice 2008, dee mer net komplett gebraucht hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech si mat dem Dekont averstanen. Et ass just, datt ech eng Reklamatioun krut. Wann et reent, da staut d'Waasser do. Et soll awer do e Suivi gemaach gi vun eise Leit fir dat e bëssen ze verbesseren, net datt d'Leit do Waasser an d'Haus kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Huet dat dann näischt mat der Kanalisatioun ze doen, déi do geluecht gouf ? Ech sinn nach net perséinlech dorop ugeschwat ginn. Menger Meenung no ass et Iwwerfläche-waasser, wat do net opgefaange gëtt. Mee ech kann dat awer un eise Park-Service weiderginn, esou datt si duerno kucke ginn.

Approbation à l'unanimité.

4.3.3.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Travaux de canalisation dans le cadre des travaux de renaturation

du cours d'eau « Maragole » au lieu-dit « Im Plon » à Rodange – approbation.

Devis approuvés: 328.000,00 €
Crédits approuvés: 387.481,38 €
Dépense effective: 308.060,03 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass de Pendant dann dozou. Ier dat gemaach gouf huet d'Maragole miisste renaturéiert ginn. Do hate mer Kreditter vun 387.481,38 Euro zur Verfügung. D'Ausgabe leie bei 308.060,03 Euro. Dat ass dann de kompletten Ofschloss vum Plon mat deem, wat d'Madame Conter virdru gesot huet.

Gilbert Welter, Schäffen:

Effektiv ass eng ganz Rei vu Reklamatioune komm vu Leit, déi an der rue Nic Biever wunnen. Ech fäerten, datt mer deen Dossier spéider nach eng Kéier mussen opmaachen. Déi technesch Servicer sinn och schonn domat befaasst. Ënnenof ass e Plateau gemaach ginn, wou d'Waasser net fortleeft a wou et dann an d'Gäert vun den Haiser leeft. Deen Dossier musse mer dann nach eng Kéier kucken.

Approbation à l'unanimité.

4.3.4.

Décomptes de travaux extra-ordinaires.

Piscine de Rodange (construction d'un restaurant externe) et extension de la pelouse – approbation.

Devis approuvés: 824.298,60 €
Crédits approuvés: 895.055,18 €
Dépense effective: 887.443,84 €

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hunn dann och en Dekont vun der Rodanger Schwämm virleien. Dat war en Artikel, deen deemools geheescht huet „construction d'un restaurant (externe) et extension de la pelouse". Mer wëssen awer, datt de Restaurant net gebaut gouf. Mer hunn do effektiv vun 2004 bis 2007 geschafft. Am Devis stoungen 824.298,60 Euro, d'Kreditter waren 895.055,18 Euro an d'Ausgaben 887.443,84 Euro.

Approbation à l'unanimité.

4.3.5.

Décomptes de travaux extra-ordinaires.

Confection de drainages et aménagement de voies de circulation dans le cadre du nouveau parking sis au lieu-dit « Au Doihl » à Rodange – approbation.

Devis approuvés: 50.600,00 €
Crédits approuvés: 50.588,50 €
Dépense effective: 47.178,52 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass och ganz wichteg. Mer hu jo do deen zweete Parking ugeluecht, deen hannen an der rue de la Minière erageet. Den Devis war 50.600 Euro, d'Kreditter 50.588,50 Euro an d'Ausgabe louche bei 47.178,52 Euro. Dat ass de Parking, deen eis de Moment voll Zefriddenheet gëtt.

Approbation à l'unanimité.

4.3.6.

Décomptes de travaux extra-ordinaires.

Installation d'une signalisation lumineuse dans la rue de la Piscine à Rodange – approbation.

Devis approuvés: 80.000,00 €
Crédits approuvés: 76.955,06 €
Dépense effective: 76.955,06 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass déi Luucht, déi mer an der rue de la Piscine installéiert hunn. Et ass haaptsächlech dofir geduecht, datt d'Busse sech net mat dem normale Verkéier kräizen. Do hate mer en Devis vun 80.000 Euro virgesinn, d'Ausgabe sinn déi selwecht wéi d'Kreditter, dat heescht 76.955,06 Euro.

Approbation à l'unanimité.

5.

Personnel.

Augmentation de la tâche d'un rédacteur au service technique.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn do eng kleng Justifikatioun gemaach, wat am techneschen Service doiwwer lass ass. Mer wëssen, datt do en „expéditionnaire technique", deen elo vum September 2008 u bis den 31. August 2009 an duerno – héchstwahrscheinlech bis d'Kanner 15 Joer al sinn – Congé hëlt, esou datt seng Tâche dann normalerweis ëm 25% erofgeet. Mer wëssen och, datt doiwwer en aneren eng Tâche vu 50% huet, déi e wëll op 25% reduzéieren. Mer mengen, mer kréichen dann eventuell Schwieregkeete fir de Fonctionnement vum techneschen Service ze garantéieren. Am „aménagement communal" ass och e Redakter, deen e „congé pour travail à mi-temps" wëll huelen, esou datt en 25% erofgeet. A fir dat Ganzt ze kompenséieren an och mat dem Accord vun der Delegatioun wollte mer dann engem anere Redakter do d'Tâche ëm 25% eropsetzen. Elo kënne mer awer net einfach 25% an d'Luucht goen. Mer musse fir d'éischt op 100% an d'Luucht goen an da kënne mer em eng Reduktioun vun 25% zougestoen. Op déi Manéier kéinte mer dann dat kompenséieren, wat op däer enger Säit verluer geet.

Et si ganz komplizéiert Regelunge well d'Statuten dat esou virgesinn. Fréier konnte mer vun 50% op 75% goen, dat geet elo net méi. Mer mussen elo op 100% goen an dann eng Reduktioun vun 25% ginn. Bon, mer wësse vläicht, datt, wa mer eng Plaz vun 100% geschafen hunn et och eng Kéier eng Plaz vun 100% gëtt. Dat ass och justifizéiert wa mer kucken, datt mer am „aménagement communal" ganz vill Demandë virleien hunn. Am Ableck hu mer 488 Autorisatioune vun neie Logementer, déi ënnerwee si. Plus och nach ganz grouss Projeten, esou datt et do kann eng immens Augmentatioun vun der Tâche ginn. Héchstwahrscheinlech musse mer eis do nach eng Kéier mat deem Service befaassen.

Lily Gansen (LSAP):

Am Privatsecteur géifs de mat all deem Faillite goen.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Gesetzer gesinn dat esou vir. De Congé parental an esou weider. An engem klenge Betrib, wou zwee Leit beschäftegt sinn, kéins de ophalen. Mee et ass awer esou, a mer kënnen näischt drun änneren. Mer kënnen elo just kucke fir dat ze kompenséieren a mer wiere frou, wann der eis dat kéint stëmmen. Da kéinte mer dem Redakter seng Tâche fir d'éischt op 100% an d'Luucht setze fir eng normal Tâche fir den 1. September 2008. An dann däer Dame et erlaben, datt se 75% kéint schaffen. Et ass gutt, datt mer e groussen Service hunn.

Carlo Gira (CSV):

Wéi ass dat dann elo. Mer schafen elo e Poste vun 100% a mer reduzéieren deen. Et ass jo awer e Poste vun 100%. Kann do net ee sech drop behaapten, datt e gären déi 100% hätt. Aarbechtsrechtlech gesinn, wann dee seet, en hätt gären déi 100%.

Roland Breyer, Schäffen:

Do muss jo awer emol driwwer ofgestëmmt ginn.

Carlo Gira (CSV):

Neen, ech mengen, wéi gesäit et mam Gesetz aus wann dee klot fir déi 100% ze kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een oppassen. Et huet een e Poste vun 100% an et huet een eng Persoun, déi eng Tâche vun 100% huet. Et kann een net soen, datt, wann e Posten vun 100% besteet, datt och eng bestëmmte Persoun dee muss kréien. Dat ass keng Noutwennegkeet. Mer hunn hei e Posten a mer hunn däer Persoun elo 75% ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer sti jo awer am Zwang, well mer net kënne vun 50% op 75% goen. Mer musse jo de Wee goe vun 50% op 100% an dann eréischt kënne mer soen, datt et mat 75% duergeet. Mer gi jo praktesch vum Gesetz gezwonge fir vu 50 op 100 ze goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann iech erklären, wat d'Ursaach dovunner ass. Am Statut vum Gemengebeamte steet dran, datt et Poste vun 50% a Poste vun 100% ginn. Doropshi kruten d'Beamte beim Stat – an d'Gemengebeamten hunn dat selwecht Recht krut – d'Recht, 25%, 50%, 75% an 100% ze schaffen. Mär kënnen een zu 75% schaffe loossen, mee mär däerfen awer kee Poste schafen zu 75%. Dat miisst am Statut vum Fonctionnaire nach geännert ginn, mee dat ass nach net geännert ginn. Dat sinn d'Ursaachen dofir, datt mer elo fir d'éischt e Poste vun 100% musse schafe fir engem d'Méiglechkeet ze ginn, zu 75% ze schaffen.

Fir datt sech déi Situatioun am techneschen Service regulariséiert an déi Aarbecht, déi do ufält, gemaach ka ginn, géif ech dann awer de Gemengerot bieden, ob en averstanen ass de Poste vum Redakter am techneschen Service op 100% ze hiewe fir engem aneren d'Méiglechkeet ze ginn, eng Tâche vun 75% ze kréien, esou wéi en se gefrot huet.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec la personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei sinn d'Aarbechtskontrakter, déi ënnerschriwwe goufe mat dem „personnel enseignant suppléant" fir déi Fäll, wou Leit feelen. Sief et, datt se krank sinn, an enger Formatioun sinn oder iergendwéi e spezielle Congé haten. Ech géif iech dann och elo bieden, déi Kontrakter ze ratifizéieren, déi mer elo virleien hunn.

Ratification à l'unanimité.

6.2.1.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : première admission des enfants dans les classes préscolaires et primaires – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do sinn eng ganz Rei Ënnerrubriken dran, an déi musse mer dann elo eenzel duerchhuelen. Dat hei ass eng Formsaach. De Gemengerot muss d'Lëscht vun deene Kanner, déi dat éischt Joer an d'Spillschoul ginn, gutt heeschen. Déi ass nach net definitiv, well et wäerten awer eng ganz Rei Leit do sinn, déi an der Gemeng wunnen an awer auswäerts an d'Schoul ginn. Esou wäert et och méiglech sinn, datt nach deen een oder aneren op déi Lëscht derbäi kënnt, deen nofreet fir d'Erlaabnis ze kréie fir hei an d'Schoul ze goen obwuel se net hei wunnen. Mee op alle Fall ass dat hei déi provisoresch Lëscht, déi am Laf vun deenen nächste Wochen a Méint nach aktualiséiert gëtt. De 15. September wäert déi definitiv Zuel vun de Kanner, déi an d'Spillschoul oder an d'éischt Schouljoer ginn, festleien.

Jeannot Linden (LSAP):

Ganz kuerz. Kënnte mer dann och eng Lëscht zougestallt kréien ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi läit am Dossier. Ech sinn net frou driwwer, net nëmmen eleng dowéinst well se net komplett ass, mee ech hunn och wéinst dem Dateschutz e Problem fir déi Lëscht ze verschécken. Wann ee wëll, kann e sech eng Kopie maachen, mee mer wollten se net verschécken.

Accord à l'unanimité.

6.2.2.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : organisation de l'éducation préscolaire et de l'éducation précoce 2008/2009 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kéime mer zur Schoulorganisatioun vum Préscolaire an dem Précoce 2008/2009. Mer hu jo d'Zuel vun de Klasse schonn am leschte Gemengerot definéiert. Do hate mer och schonn d'Zuel vun deene Kanner, déi an de Préscolaire ginn, festgeluecht. Et sinn 408 Kanner, dovunner ginn der 164 op Rodange, 185 op Péiteng an 59 op Rolleng. Et muss een awer soen, datt awer schonn am Laf vun der leschter Zäit eng Rei Ännerungen usti well eng Rei Kanner intern an eiser Gemeng vun enger Sektioun an déi aner wiesselen. Dat ass awer zum Deel doduerch bedéngt, datt mer zu Rodange an zu Rolleng Opfankstrukturen, d'„Maison relais", hunn an zu Péiteng nach net. Hei si mer eréischt amgaang drun ze schaffen. Et ass och zum Deel doduerch bedéngt, datt Kanner an der Crèche zu Rodange sinn an dann och do wëllen an d'Spillschoul goen.

Verschidde Leit froen natierlech och fir an enger aner Sektioun an d'Schoul ze goen ewéi an däer, wou se och wunnen. All dat gëtt an deenen nächste Wochen iwwerschafft, an da wäerte mer déi definitiv Zuele vun der Schoul-organisatioun ufanks September feststellen. Déi kritt der mat Sécherheet an der definitiver Schoulorganisatioun matgedeelt, déi den 15. September fäerdeg ass. Um Total vun 408 Kanner wäert sech awer näischt Wiesentleches méi änneren. Dat heescht, et ass do net mat grousse Changementer ze rechnen. D'Tendenz geet awer dohinner, datt zu Rolleng méi Kanner sinn ewéi zu Péiteng. Dat ass eng Entwécklung, déi amgaangen ass, sech erauszeschielen. Mee dat muss een awer definitiv kucken.

Ervir ze sträichen ass och, datt mer am Moment 135 Kanner am „Précoce" ageschriwwen hunn. Dat sinn der liicht manner wéi an deem Joer virdrun, mee et ass awer och ëmmer méiglech, datt am Laf vun deenen nächste Wochen der e puer bäikommen. D'Aschreiwungszäit ass zwar op den 15. Mee begrenzt gewiescht, mee mer wëssen, datt der do nach ëmmer bäikommen. Vun deenen 135 Kanner sinn der 63 zu Péiteng, 51 zu Rodange an 21 zu Rolleng. Woubäi mer awer och wëssen, datt mer zu Rodange keng Plaz hu fir 51 Kanner ënnerdaach ze kréien. Mer bréngen der maximal 40 am Précoce ënner, esou datt, wéi déi Joere virdrun och schonn, 11 oder 12 Kanner wäerten op Rolleng kommen, wou mer nach genuch Raimlechkeeten hunn a wou mer mat 21 Kanner sécher nach d'Méiglechkeet hu fir déi Kanner, déi zu Rodange zevill sinn, opzefänken. Mer sinn amgaang, an dat kënne mer dem

Gemengerot och soen, esou gutt fir Rodange wéi fir Péiteng nei Infrastrukture fir de Précoce ze plangen, esou datt mer och do Raimlechkeete kréien, eréi se vum Gesetz virgeschloe ginn a wéi mer se zu Rolleng hunn.

Wat d'Personal ugeet, esou stelle mer fest, datt mer haut de Moien ee Poste gestëmmt hunn. Et gëtt sécherlech nach e Posten 2008/2009 fräi, well eng Dame aus dem „préscolaire" gefrot huet fir an den „spécial" ze wiesselen. Dat bedéngt awer, datt mer den 11. Juli dat akzeptéieren. Da gëtt ee Poste fräi am „préscolaire". Déi wäerte mer provisoresch ausschreiwen op der zweeter Lëscht. Wa mer dann am „spécial" déi Dame eranhuelen, dann hu mer och schonn direkt en Ersatz fir si am „préscolaire". An der Spillschoul ginn et zwou hallef Tâchen opgronn vun engem congé „à mi-temps" no engem congé „de maternité". Dee Poste gëtt dann och besat op der zweeter Lëscht. An et gëtt ee Posten „sans solde" no engem congé „de maternité", an dee Posten hu mer jo de Moie gestëmmt.

Et ass och ze soen, datt mer dee leschte Posten net am „Préscolaire" fräi hu mee am „Précoce", well eng Dame vum „Précoce" an den „Préscolaire" gewiesselt huet op Grond vun der interner Klasseverdeelung. Doduerch ass de Posten, deen eigentlech fräi gouf duerch e Congé „sans solde" am „Préscolaire", am „Précoce" fräi. Dat zu dem Detail vun der Schoulorganisatioun 2008/2009 vun der Spillschoul.

Accord à l'unanimité.

6.2.3.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : organisation de l'enseignement primaire pour 2008/2009 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'Schoulorganisatioun vun der Primärschoul. Op Grond vun deenen Donnéeën, déi mer hei virleien hunn, kënne mer nach eng Kéier bestätegen, datt mer 1.212 Kanner ageschriwwen hunn. Déi Zuel hate mer och schonn am Mee, et huet sech bis elo nach näischt do geännert. Et kann awer sinn, datt sech nach eppes Klenges an deenen nächste Wochen a Méint ännert. Mee dat do ass awer déi grouss Richtlinn. Mer hunn zu Péiteng 574 Kanner, dovunner sinn der 318 an der Park-Schoul an 256 an der Eigent-Schoul. Zu Rodange sinn et 452 Kanner, opgedeelt op d'Päesch-Schoul mat 243 Kanner, d'Neiwiss-Schoul mat 79 Kanner an d'Fonderie-Schoul mat 130 Kanner. An zu Rolleng sinn et 186 Kanner. Zesumme sinn dat dann 1.212 Kanner am Primärschoulunterrecht, déi op 76 Klasse verdeelt sinn. Och do hu mer fir de Moment sechs Posten opstoen. Zu Rolleng ass dat e 4. a 5. Schouljoer, zu Péiteng en 3. an e 6., an zu Rodange en 2. an en 3. Schouljoer.

Well mer jo haut keng Kandidatur op der éischter Lëscht haten, wäerten déi sechs Posten op alle Fall op däer zweeter Lëscht publizéiert ginn. Déi Poste stinn awer och zum Deel op well der dräi aus dem Primärschoul-unterrecht sech gemellt hu fir an den „spécial" ze goen. Déi Poste stinn dann op ënner däer Bedingung, datt mer deen Transfert och an der nächster Gemengerotssëtzung vum 11. Juli gutt heeschen.

Derbäi kënnt, datt mer och 7 hallef Tâchen hunn. Opgronn vun engem Congé „à mi-temps", deen eng Dame ugefrot huet no engem Congé „de maternité", musse mer eng zweet Persoun an déi Klass matstëmmen. Dat wäerte mer och an däer nächster Sëtzung maachen. An et ginn natierlech eng ganz Rei vun „Surnuméraire"-Posten am Turnen, am Moralunterrecht an esou virun. Déi ginn och déi nächst oder déi iwwernächste Sëtzung gestëmmt.

Ervirzesträichen ass och, datt mer zënter enger laanger Zäit eng Dame hunn, déi an deene leschte Joeren ëmmer eng Décharge krut fir Aarbechten um Edukatiounsministère ze maachen an op der Uni Lëtzebuerg. Déi Dame huet eng Ustellung krut an der neier Schoul, esou datt mer dovunner ausginn, datt se hir Demissioun elo definitiv gëtt. Déi ass och déi lescht Joeren all Kéier ersat gi well se jo déi Décharge hat, mee se wäert elo wahrscheinlech definitiv hei zu Péiteng demissionéieren. Mer wäerten also wahrscheinlech am nächste Gemengerot déi Demissioun virleien hunn.

An dann hu mer wéi ëmmer ee Schoulmeeschter zu Lasauvage fir d'Naturschoul ze leeden, esou wéi dat scho joerelaang de Fall ass. Et kann een nach präziséieren, datt 224 Kanner an der „morale laïque" an 988 am Reliounsunterrecht ageschriwwe sinn. Dat heescht, déi Relatioun ass 18,5 op 81,5%. Den absolut gréissten Deel vun de Kanner hei zu Péiteng geet nach ëmmer an de Reliounsunterrecht.

Dat hei sinn, op alle Fall wat d'Zuelen ugeet, provisoresch Zuelen. Am Hierscht kënnt natierlech déi definitiv Schoulorganisatioun, wou mer dann och déi noutwenneg Adaptéierung vun den Zuelen an deenen eenzelne Klasse maachen. Déi kritt der natierlech och esou bal déi definitiv Schoul-organisatioun fäerdeg ass. Och wäerten dann déi definitiv Nimm hanner deene Poste stoen, wou den Ableck nach keen drop ass. All déi Saache wäerte mer dann, nodeems mer den 11. an den 25. Juli déi noutwenneg Ofstëmmunge virgeholl hunn, adaptéieren an an déi definitiv Schoulorganisatioun androen. Déi kritt der och selbstverständlech heem geschéckt. Dat zur Aféierung an de Primärschoulunterrecht vun der Schoulorganisatioun, esou wéi mer d'Situatioun am Moment kennen an eisem Schoulwiesen.

Accord à l'unanimité.

6.2.4.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : organisation de l'enseignement spécial 2008/2009 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer am leschte Gemengerot vum 19. Mee opgronn vun engem Avis vun eiser Inspektesch entscheet hu fir fundamental Ännerunge virzehuelen. Dat heescht, d'„classe d'accueil" respektiv d'„classe d'attente", déi an deene leschte Schouljoere fonctionnéiert hunn, ginn ofgeschaf op Wonsch vun der Inspektesch. Et gouf eng ganz nei Struktur opgesat fir de „spécial", déi aus dësen Deeler zesummegesat ass.

Engersäits ginn et dräi Integratiouns-klassen, zwou zu Péiteng an eng zu Rodange, wou den Ament 18 Kanner ageschriwwe sinn. Dat ka sech awer an deenen nächste Wochen oder wann d'Schoul ugeet nach ännere. Dann hu mer 12,5 „postes d'appui", déi an deenen eenzelne Gebaier fonctionnéieren. Dat ass an deem Fall, wou e Kand Schwieregkeeten huet fir am Primärschoulunterrecht noze-kommen an et eng spezial Hëllef kritt vu brevetéiertem Léierpersonal. Dat si schonn net wéineg Posten. Dobäi hu mer och nach zwee „postes d'appui", déi op Dyslexie spezialiséiert sinn a wou mer jo de Moie vum Här Weintzen an der informeller Sëtzung e bëssen erkläert kruten, wéi dat fonctionnéiert, an datt dat awer eng wichteg Saach ass, déi mer hei zu Péiteng hunn.

Den 2. Juni hunn d'Schoulmeeschteren d'Klasseverdeelung gemaach, déi provisoresch ass. Fir datt se definitiv gëtt musse mär déi nächste Kéier am Gemengerot hei déi Nominéierunge virhuelen. Dat sinn elo véier Leit; een

aus dem „préscolaire“ an dräi aus dem Primärschoulunterrecht, déi an d'Spezialklasse wiesselen. Wann dat och vum Gemengerot ugeholl gëtt, da ginn all déi Poste vu brevetéiertem Léierpersonal besat. Et muss een deemno soen, datt, wa mer 17,5 Posten am Spezialunterrecht hunn, mer eigentlech 17,5 Posten nieft deenen 76 Léierpersounen hunn déi an der Klass sinn. Mer hunn een an der Naturschoul, esou datt mer elo 94,5 Posten hunn – hoffentlech mat elauter brevetéierte Leit, wouvunner ech och ausginn. An dat fir 1.212 Kanner am Primärschoulunterrecht ze betreien. Dat ass eng Relatioun vun 1:12,8. Also kënnt eng brevetéiert Léierpersoun op 12,8 Schüler. Dat ass schonn eng remarkabel Zuel, an et muss een hoffen, datt mer mat deem ganzen Encadrement, wat mer elo och am Spezialunterrecht ubidden, déi Zuel vun deene Kanner, déi mussen an der Primärschoul e Joer dubléieren, reduzéieren. Dat ass eise Wonsch an och de Wonsch vun der Ministesch, esou wäit ech dat aus dem neie Gesetz erausliese kann. An ech mengen, et muss jo och eise Wonsch si fir d'Zuel vun de Kanner, déi d'Primärschoul a sechs Joer fäerdeg maachen, op e Maximum eropzekréien. D'Ausnam soll sinn, datt een et a siwe Joer muss maachen. Ech mengen, hei hu mer mat eiser Entscheedung den 19. Mee als Gemengerot en Encadrement geschaf, dat dat miisst fäerdeg bréngen.

Accord à l'unanimité.

6.2.5.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : annexe – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do wollt ech eigentlech op zwee Punkten agoen. Een, dee méi einfach a séier ze klären ass. Dat sinn nëmmen technesch Erklärungen, vu datt mer vum 1. September un déi grouss Transformatiounsaarbechten an der Péitenger Schwämm maachen, déi och noutwenneg si fir déi nees fit ze maachen an eise Schoulsport erëm do ka fonctionnéieren. An natierlech och dee vum LTMA. Am nächste Schouljoer wäerte keng Kanner vu Péiteng an d'Sportshal schwamme goen. Dofir musse mer verschidde Saachen änneren. Dat heescht, mer wäerten 26 Klassen, also all Stonn, an der Eigent-Schwämm eranhuelen. Dat sinn déi méi kleng Kanner. Déi aner ginn alleguer an de PiKo op Rodange gefouert, esou datt dat nächst Schouljoer de Schwammunterrecht awer garantéiert gëtt.

Vun deem Schouljoer duerno u wäert déi Péitenger Schwämm nees disponibel sinn, an da kënne mer erëm normal fonctionnéieren. Bis dohinner wäerten et e puer Enkpäss ginn. Mee mer hunn awer elo zesumme mat eise Frënn aus dem LTMA an och zesumme mat eise Léierpersounen, déi d'Tâchen an och e bëssen d'Opdeelung vun deenen eenzelne Coursen verdeelen, gekläert, datt jidderee Schwamme kritt vum Primär. Mee mer mussen eben elo verschidde Péitenger Kanner op Rodange féiere während engem Schouljoer. Dat bleift net aus.

Dann ass et en zweete Punkt, deen e bësse méi wesentlech war a wou mer déi leschte Kéier eng relativ kontrovers Diskussioun haten. Dat waren déi „cours intégrés en langue portugaise“, déi mer d'lescht Joer op Prouf fir ee Joer agefouert haten. Et war eng länger Diskussioun an de Gemengerot hat majoritär entscheet fir et fir ee Joer ze maachen. Och einfach aus deem Grond eraus, well mer dat joerelaang an der Schoulorganisatioun stoen haten ouni et awer ëmzesetzen. Mer hunn eis schlecht gefillt fir ze soen, datt mer et zwar drastoen hunn, mee et net wëlle maachen. Dofir hu mer gesot, mer géifen et ee Joer probéieren. Eben och well d'Demande vun der portugisescher Botschaft virlouch. An no engem Joer wollte mer dann eng Bilanz zéien a kucken, ob mer dat viruféiere géifen oder net. Mer haten et probéiert am éischte Schouljoer an der Eigent-Schoul zu Péiteng, well et sech do am beschte maache gelooss huet. Et waren och 17 Kanner, déi d'lescht Joer dovunner profitéiert an dat och gemaach hunn.

Mer hunn eis zesummegesat – ech mengen, jidderee vun iech huet och déi Bilanz kritt – mat der Inspektesch a mat de Léierinnen, déi domat konfrontéiert waren. Déi pädagogesch Bilanz – esou wuel vum Léierpersonal wéi och vun der Schoulinspektesch – ass esou, datt et net méi recommandéiert gëtt fir et weiderzeféieren. Opgronn vun däer pädagogescher Bilanz huet och d'Schoulkommissioun sech an der leschter Sëtzung domat befaasst an huet op Wonsch vun de Pädagogen dem Gemengerot virgeschloen, d'Méiglechkeet vun deenen „Cours intégrés“ aus der Schoulorganisatioun ze sträichen an och dat nächst Joer keng esou Coursë méi unzebidden. Et ass elo un eis fir sech elo entweder deem unzeschléisse wat d'Inspektesch an d'Léierinne soen an och wat d'Schoulkommissioun proposéiert. Oder mer kënnen entscheeden, domat virunzefueren. Ech sinn der Meenung, mer hunn dat gemaach, wat mer a mengen Aen hu miisste maachen. Dat heescht, dat op Prouf fir ee Joer anzeféieren. Eis Pädagoge kommen zur Konklusioun, datt dat méi negativ wéi positiv ass, an dofir proposéieren ech dem Gemengerot, eis däer pädagogescher Bilanz vun deene Leit unzeschléissen an et einfach fir dat anert Joer erauszesträichen.

Dëse Woch kënnt och e Vertrieder vun der portugisescher Botschaft bei mech. An ech sinn och frou, datt en eréischt duerno kënnt. Da kënne mer an aller Rou eng Entscheedung hei huelen an dann informéieren ech hien, wat mer décidéiert hunn.

Lily Gansen (LSAP):

Bon, Här Buergermeeschter, där kennt meng Astellung dozou. Ech war vun Ufank un iwwerzeegt, datt dat do géif schief goen, wat ech och deemools gesot hunn opgronn vun anere Gemengen, wou et och schief gaangen ass. Wann een et muss probéieren, da muss een et probéieren. Et sinn anerer, bei deenen et net gaangen ass, an da musse mer och dorop lauschteren. Ech sinn och mat Freed bereet fir mech dësem Avis unzeschléissen a fir déi Coursen ze sträichen. Well et gëtt aner Mëttele fir d'Leit ze integréieren. Mee do muss och d'Integratiounsbeméiung vun deene Leit ausgoen a mär sollen se net ëmmer eranzéien. Dat huet guer kee Sënn, an dat hu mer hei gesinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt zum Deel dat selwecht soen. Ech kann d'Madame Gansen nëmmen ënnerstëtzen an deem, wat se seet. Dat war jo och eis Meenung deemools, wéi mer iwwer dat ofgestëmmt hunn. Ech wollt awer nach eppes anescht froen. D'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm soll jo elo endlech ugoen. De PiKo, wéivill Prozent ass dee besat vun de Schoulklassen – inklusiv den LTMA, dee jo och deelweis oder komplett dohinner geet – wa Péiteng zou ass. Wéivill bleift do fir d'Leit iwwereg?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer fir den Abléck zwee Muerenter fir d'Leit op sinn. Ee Moien ass d'Schoul komplett zou fir technesch Aarbechten ze maachen. Fir dat nächst Schouljoer – dat ass awer eng Ausnam well mer jo elo zu Péiteng schaffen – wäert nëmme méi ee Moien op si fir d'Leit, an ee Moie wäert zou bleiwe well mer do d'Schwämm brauche fir de Schoulsport. Méindes moies, wou normalerweis fir technesch Aarbechten zou ass, wäert och op si fir Schwammen unzebidden. Mer wäerten

eis esou organiséieren, datt mer och méindes moies d'Schwämm kënne benotzen, wou awer am Prinzip ëmmer zou ass. Et kann een also soen, datt, wat d'Visiteuren ugeet, si ee Moie verléieren, wou se net kënnen an d'Schwämm goen duerch déi Situatioun, déi mer elo hunn an duerch déi Enkpäss, déi doduerch während engem Joer entstinn.

Wat een och muss soen, moies ass net dee groussen Undrang an der Schwämm.

Norbert Pierre (LSAP):

Firwat muss dann do ee Moien zou si fir technesch Aarbechten? Ech fannen dat awer e bëssen iwwerdriwwen. Dat gëtt et awer néierens.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ginn zwou Saachen, zou Explikatiounen. Déi eng ass déi vum Personal. Mer musse kucken, datt mer do mat deenen 10 Leit iwwer d'Ronne kommen. Dat ass elo anescht, well jo déi Péitenger Schwämm zou ass. Da kënnt dat Personal, wat zu Péiteng ass, op Rodange.

Déi aner Saach ass déi, datt mer awer eng Kéier eng Méiglechkeet mussen hu fir am Fong ze botzen, eppes ze flécken oder nach aner Aarbechten ze maachen, an dofir wollte mer eis méindes moies Zäit huelen. Well mer si jo awer samschdes a sonndes op. Et ass just elo dëst Joer, wou mer zu Péiteng zou sinn, wou mer et net maachen. Mee dat Joer drop wäerte mer et nees aféieren. Méindes moies kommen d'Schoule laanschteneen, a fir d'Leit huet et net esou vill Auswierkungen.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Personal aus dem PiKo an aus der Péitenger Schwämm kënne jo ausgetauscht ginn. Dat dierft jo kee Problem sinn. Se kënne jo op déi eng Plaz grad esou gutt goe wéi op déi aner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass kee Problem.

Accord à l'unanimité.

6.2.6.

Enseignement.

Organisations scolaires pour l'année 2008/2009 : allocation d'indemnités – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eng Saach, déi all Joer d'selwecht drop steet. Do ass keng Ännerung. D'Situatioun, wéi se hei steet, besteet schonn 10 oder 15 Joer, a mer schloen iech vir, dat, wat mer elo schonn esou laang hunn, och bäizebehalen.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Prévisions sociales.

Aides aux sinistrés : subvention au profit des victimes du séisme en Chine – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mär haten nees eng Kéier eng Naturkatastrof, an zwar dës Kéier d'Äerdbiewen a China. An dat an der Provënz Sechuan. Do gouf den 12. Mee 2008 op der Richter-Skala 7,8 ugewisen. Dat ass, esou wäit ech weess, déi gréissten Äerdbiewekatastrof, déi do war. D'Nobiewen haten eng Stäerkt vun 5,2 op der Richter-Skala, esou datt mer fënnef Milliounе Mënschen haten, déi keen Daach méi iwwer dem Kapp haten. Eng Million ware blesséiert an ëm déi 100.000 Doudeger. Déi international Organisatiounen hunn natierlech opgeruff fir ze hëllefen. Ënner aneren och d'Caritas. Mär hu jo do e Budget vun 7.500 Euro am Exercice 2008 stoen, wou mer 2.500 Euro wëlle benotze fir den Affer ze hëllefen. Mer wëllen déi 2.500 Euro un d'Caritas Lëtzebuerg iwwerweisen, an dat mat der Mentioun „séisme en Chine".

Accord par 13 voix. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Prévisions sociales.

« Péitenger Jugendhaus » asbl. : acquisition d'un minibus – octroi d'un subside spécial et vote d'un crédit spécial.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Jugendhaus ass un eis erugetrueden, ewéi schonn 2001, fir ze froen, ob mer eis net kéinte bedeelege beim Akaf vun engem Minibus. Si hu jo e Minibus, mat deem si sech och ganz vill dorëmmer beweegen an och an déi aner Jugendhaiser fueren. Deen ass de Moment awer relativ „vétuste", esou datt se dru geduecht hu fir en neien ze kafen. Si hunn eis och hei eng Offer virgeluegt, déi och vum Ministère accordéiert gouf. An zwar geet et do ëm e Fiat Ducato Combi, deen 21.954 Euro géif kaschten. Hiren ale Minibus géif awer zeréckgeholl gi fir 4.140 Euro. Vun deem, wat do nach iwweregbleift géif de Familljeministère 75% bäileeën a mär als Gemeng géifen dann de Rescht, dat sinn 4.454 Euro, bäidroen. Dofir géif ech iech bieden, zwee Voten ze huelen. An zwar fir gutt ze heeschen, datt mer eng extra Hëllef gi fir dëse Minibus an dat Ganzt och fir et an de Budget anzeschreiwen op e „crédit spécial".

Lily Gansen (LSAP):

Huet d'Jugendhaus guer keng aner Recetten?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Nee, si hu keng aner Recetten.

Accord par 13 voix. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.3.

Prévisions sociales.

Services sociaux : allocation de vie chère aux personnes à revenus faibles – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt selwer héieren an der Deklaratioun zur Lag vum Land den 22. Mee vum Statsminister, datt an eisem Land an och ronderëm an Europa d'Inflatioun ganz héich ass. Hien huet verschidde Reaktiounen ugekënnegt, wéi de Stat – a wou en och hofft, datt d'Gemengen nozéie kënnen – op dës Präisdeierecht an déi Problematik, déi do entsteet, kéint awierken. D'Regierung huet entscheet, fir déi staatlech Präisser fir dëst an déi nächst Joer anzefréieren. En huet och d'Fro gestallt, ob et méiglech ass fir d'Gemengentaxen anzefréieren. Dat wäerte mer elo selwer mussen als Gemengerot décidéieren, ob mer dat maachen oder net. En huet och ënnerstrach, datt an deene leschten dräi Joer d'Liewensmëttel weltwäit ëm 83% méi deier gi sinn, wat wesentlech ass. Déi Präiserhéijung, an dat ass richteg, betrëfft och an eisem Land haaptsächlech déi manner bemëttelt Familljen. Doropshin hu mer eis am Schäfferot Gedanke gemaach a mer hunn eis „Allocation de vie chère aux personnes à revenu faible" emol ënnersicht. A mer schloen iech haut vir, par rapport zu der Délibératioun déi mer den 16. November 2004 geholl hunn, Ännerungen ze maachen. Engersäits déi Plafonge vum Verdéngscht ze hiewen, an anersäits déi Primen, déi mer auszebezuelen, och substantiell ze hiewen. Wann ech substantiell soen, dann ass dat je 25% no uewen opgeronnt. Dat heescht, mer géifen esou wuel de Plafong, deen ee ka verdénge fir iwwerhaapt an de

Genoss vun dëser Allocatioun ze kommen, hiewen ewéi och d'Primen. Esou, datt och méi Leit an de Genoss dervu kommen. Dat heescht, datt effektiv méi Leit duerch dës Moossnam net nëmme méi Sue kréien, mee datt och méi Leit an de Genoss vun dëser Allocatioun kommen.

Ech géif gären zwee Beispiller opféieren. Eng „famille monoparentale" mat zwee Kanner kënnt elo schonn an de Genoss zum heitegen Index ab engem Akommes vun 2.185,69 Euro. An eng Koppel mat zwee Kanner ab engem Akommes pro Mount vun 2.487,17 Euro.

Derbäi kann een awer och soen, an dat ass och z'ënnersträichen, datt mer, wat d'Akommes ugeet, net alles a Betruecht zéien. D'Kannergeld hu mer zum Beispill net a Betruecht gezu fir déi Berechnung ze maachen. Wat een och muss soen – an dat ass nei -, dat ass, datt déi Steierbonifikatioun, déi d'Familllen elo fir d'Kanner kréien opgronn vun der neier Gesetzgebung, déi ginn och net mat an d'Berechnung geholl fir d'Akommes festzeleeën. Ech géif soen, datt mer hei e wesentleche Schratt proposéiere fir déi Leit, a besonnesch déi Familllen, déi Problemer hu fir d'Enner zesummen ze kréien opgronn vun der héijer Inflatioun an der Präisentwécklung, déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen.

Accord à l'unanimité.

7.4.

Prévisions sociales.

Services sociaux : allocation de vie chère aux personnes à revenus faibles – vote d'un crédit supplémentaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat, wat mer ënner dem Punkt 7.3. gesinn hunn, huet awer och Auswierkungen op de Budget 2008. Mer haten d'Kreditter berechent opgronn vun deenen Tauxen, déi mer virgesinn hate bis dato. Wa mer d'Zuel eropsetze vun deenen, déi d'Allocatioun kréien doduerch datt mer de Plafong eropsetzen an doduerch, datt mer och dann déi Zomm eropsetzen, musse mer mat méi Ausgabe rechnen. An dofir froe mer iech och, de Kredit ëm 25.000 € ze erhéijen an net méi op 42.000 € ze loossen, mee op 67.000 € ze erhéijen. Mer mengen, mer miisste mat däer Zomm eens ze ginn an deenen neien Demanden domat Rechnung ze droen. Dat ass natierlech eng Schätzung.

Et kann ee genee ausrechnen, wat déi 25% méi ausmaache vun deene Leit, déi fir de Moment betraff sinn. Mee ausrechnen, ween elo nach bäikënnt, dat ass méi schwéier.

Dat ass elo de Virschlag, deen um Dësch läit. Op jiddwer Fall muss ee soen, datt mer heimat e Schratt maachen, dee fir mech an déi richteg Richtung geet. Et ass net einfach haut mat 2.000 Euro, wann een och nach zwee Kanner huet. Do froen ech mech, wéi d'Leit et maache wa se och nach Loyer musse bezuelen. Ech mengen, mer verdoen eis net, wa mer do emol eng Kéier soen, datt d'Gemeng och en Deel bäileet. Besonnesch well alles méi deier gëtt ewéi zum Beispill de Brennes.

John Polfer (CSV):

Här Buergermeeschter, mer hu virdun e Subsid gestëmmt fir China. Hei maachen dann elo och eppes fir eis Leit. Ech wëll just dem Schäfferot Merci soen – och am Numm vun der Finanzkommissioun – well am Februar hat ech schonn déi Ureegung ginn, datt dat sougenannte Gromperegeld emol miisst nogekuckt ginn. An ech sinn och frou, datt de Schäfferot esou séier drop reagéiert huet fir déi Saach an d'Hand ze huelen. Des Weidere wollt ech awer och däer Beamtin Merci soen, well si déi ganz Saach verwalt. An et ass keng esou einfach Rechnungsweis, déi do mat Index 100 opgefouert gëtt.

Dann awer och well der dru geduecht hutt fir net nëmmen d'Primen an d'Luucht ze setzen, mee och d'Mindestakommes. Dohir kënnt och de Gedanken, datt vill méi Leit an de Genoss vun der Allocatioun kéinte kommen. Et ass, wéi der och gesot hutt, schwéier fir déi genee Berechnung do ze maachen. Mee déi Dame aus deem Service huet gemengt, dat kéint eventuell duergoen. Mär ginn op alle Fall e positiven Avis fir déi Saach hei.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et kann een et nëmme begréissen, datt de Schäfferot op dee Wee gaangen ass. Meng Suerg ass ëmmer, datt, wann een de Leit méi zougesteet, eng ganz eescht Analys gemaach muss gi vun deenen, déi an de Genoss kommen. Mer hu scho vill Leit, déi vun eise Systemer profitéieren. Se hunn et zegutt, mee et gëtt heiansdo falsch exploitéiert. D'Gesetzer kennen déi meescht, déi dorop aus sinn, ganz gutt. Mär aner si vläicht do net esou gutt am Bild. Dofir soen ech - an dat wëll ech de Leit och un d'Häerz leeën - datt mer dat wierklech kontrolléieren, esou, datt déi Leit, déi et wierklech mussen hunn an et och zegutt hunn, dat kréien.

Camille Bosseler (CSV):

Ech begréissen och, datt déi Leit, déi wierklech Hëllef brauchen, gehollef kréien. Ech wollt just froen, ob bekannt ass, wéi de Prozentsaz ass vu Lëtzebuerger a vun auslännesche Bierger, déi dat kréien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech hunn deen net hei dobäi, mee ech géif soen, datt mer et esou maachen, datt mer dem Gemengerot eng Kéier eng Opstellung gi wann dëst Joer eriwwer ass. Éischtens wéi d'Progressioun ass, wéivill Leit mer derbäi kritt hunn. Da kënne mer eng Bilanz zéien an och kucken, wéivill Lëtzebuerger a wéivill Net-Lëtzebuerger dobäi sinn. Dat kann d'Madame Schlesser, déi dat verwalt, sécherlech maachen.

Carlo Gira (CSV):

Et ass zwar net wesentlech ob et Lëtzebuerger sinn oder net, well ech mengen, et geet hei ëm déi Leit, déi net vill Suen hunn. A wann een héiert, wat am Ausland gesot gëtt a wat do vu Protester lafen, da wiere mer zu Lëtzebuerg nach zimlech gutt gestallt, wat awer net soll verhënneren, datt een no deene Leit soll kucken, déi manner bemëttelt sinn. Den Här Buergermeeschter huet et och schonn ugeschwat - an ech wollt dat och proposéieren -, datt een net elo op enger Säit de Leit Suen erausgëtt an op däer aner Säit direkt Taxen erhéicht. Well ech menge mat de Mazouts- oder Mëllechpräisser an esou weider wier et gutt, wann een dat géif afréieren, esou wéi et och vum Ministère virgeschloe gouf.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt dat do wierklech eng Iwwerleeung ass, déi mer hei am Gemengerot musse maachen. Et ass eng Entscheedung, déi mer hei mussen huelen. Mer mussen eis hei eng Kéier festleeën, ob mer dat maachen, wat de Statsminister eis proposéiert, an zwar fir de Rescht vun dësem Joer an och fir dat anert Joer d'Taxen anzefréieren. Mer wëssen awer, wat d'Waasser- oder d'Kanaltax ugeet, datt, wa mer eis net un déi Direktiv halen, da komme mer do e bëssen hannendran an da gëtt et vläicht eng Kéier méi e grousse Coup wann et drëm geet fir eis un déi europäesch Direktiven ze hale fir käschtendeckend ze sinn. Mee ech géif awer och soen, datt et vläicht net gënschteg wier wa mer zu de Leit soen, se kréichen 25% méi, a moar géife mer da soen, d'Waassertax géif gehéicht ginn, esou datt et just duer géif goe fir d'Waasser- oder d'Kanaltax ze bezuelen. Dat musse mer eis gutt iwwerleeën, a mer sollen eis an deenen nächste Wochen eng Kéier austausche fir ze kucke wat mer maachen. De

Sekretär seet mer elo mat Recht, datt en neit Gesetz ënnerwee ass fir Sozialhëllef. Et soll um Punkt si fir an d'Chamber ze kommen. Wann dat de Fall ass, da gëtt d'Waasserversuergung e Recht fir all Bierger. An an deem Kader ass dann och eng Hëllef fir d'Leit virgesinn. Da muss een dat och global kucken. Mee bis dohinner, a bis alles gekläert ass, soll een awer net ufänken, zevill un der Schrauf vun der Waasser- a Kanaltax ze dréinen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Mer brauchen eis net esou un d'Virschléi vum Stat halen, well hien hält sech och net ëmmer drun. De Stat ka jo och emol um Mazout an um Benzin, an esou virun, seng Taxen an seng TVA afréieren a just nach mat der „matière première" an d'Luucht goen. Wat et méi an d'Luucht geet, wat de Stat méi asäckelt.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen dat op alle Fall, datt een deene Leit entgéint kënnt, well et gëtt ëmmer méi haart fir ze liewen. Wa mer op däer enger Säit eise Stat hunn, deen zech Milliarde méi Recette kritt wéi virgesinn, a wa mer op däer aner Säit en Index hunn, deen agefruer ass an eréischt 2010 nees a Betrib soll goen, da kéint deen och schonn 2009 kommen. Mee dorop hu mär keen Afloss. Mer kënnen awer net gesot kréien, mer sollen de Waasserpräis upassen an op däer aner Säit kënnt kee Cent méi an d'Keess eran. Bei kengem.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Aus dem Gespréich eraus héieren ech, datt mer dee richtege Choix getraff hunn. A fir déi weider Evolutioun vun eisen Taxe wäerte mer eis nach austauschen, wéi mer wäerten op déi Demandë reagéieren a wéi mer wäerte virgoen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer sollten eng Kéier driwwer diskutéieren, wat am „Office social" op eis duerkënnt. Well wann een do méi wäit denkt, da gëtt et ganz haart fir d'Gemengen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn och amgaangen, eis däer Saach am Syvicol unzehuelen.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue J-P Kirchen, présenté par TRADI-LUX pour la construction de cinq maisons unifamiliales – approbation provisoire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ënner de Punkten 8.1. an 8.2. hu mer zwee Projeten, déi scho méi laang hei am Haus an- an ausginn. Mer hunn elo eng Léisung fonnt, déi esou wuel der Gemeng wéi och dem Promoteur an der „Commission de l'aménagement" vum Ministère gefält.

Tradi-Lux S.A. wëll an der rue Kirchen fënnef Eefamilljenhaiser opriichten. Mer haten dat am Schäfferot a mer haten eng „appréciation sommaire" gemaach den 27. September 2007, wou mer awer drop gehalen hunn, datt iwwer dee Wee, wou mer erakommen, och eng Verbindung op déi zukünfteg „trame verte" besteet, déi mer wëlle realiséieren. Mer wëllen e Wee vun eisem Pompjeesbau – indirekt dann och vum Lycée aus – a Richtung Zentrum maachen. Hei ass eng Entrée an et war fir eis och eng wichteg Saach.

Mer hunn och den Dossier den 3. Oktober an den Inneministère weiderginn, a mer hunn am Dezember 2007 den Avis vum Minister krut. Doropshin hu mer nach eng Kéier Gespréicher gefouert a mer proposéieren elo dee Projet mat dräi Oplagen: et soll keng Konstruktioun an der Gréngzon geschéien, datt d'Beem do sollen erhale bleiwen an datt den Zougang zu deem Foussgängerwee a Richtung Zentrum iwwer hire Wee méiglech ass. Dat waren déi dräi Oplagen, an ech géif dem Gemengerot opgronn vun dëser Propositioun virschloen, dat esou unzehuele fir datt mer endlech do mat dem Bau vun den Haiser ukommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Iwwerhuele mär déi Strooss dann och duerno? Well soss miissten déi jo all mat hire Kiwwele bis vir op den Trëttoir kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, déi iwwerhuele mer.

Approbation par 13 voix. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, chemin de Brouck, présenté par PROMONOVA S.A. pour la construction de cinq maisons unifamiliales – approbation provisoire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ass och e Projet, wou scho méi laang dru geschafft gëtt. Et ass ënnen am Bruckerwee, den ënneschten Deel. Dee Projet gouf vu Promonova S.A. virgestallt. Och do geet et ëm fënnef Eefamilljenhaiser. Hei hat de Gemengerot eng „appréciation sommaire" den 5. September 2007 gemaach. De Minister huet den 21. September 2007 dee kompletten Dossier krut an den 5. Mäerz 2008 säin Avis ofginn. Do sinn och nees verschidde Saachen ze bemierken. Deen hei Projet grenzt och un eng Gréngzon an do kann och keng Konstruktioun hikommen. Et gouf och festgehalen, datt e Maximum vu fënnef Eefamilljenhaiser kéint gebaut ginn. Et war ee Moment Rieds vu Bi-Familljenhaiser, mee et ginn der nëmme fënnef autoriséiert. An d'Evakuatioun vum Ofwaasser muss mat enger Pompelstatioun a Richtung Kläranlag gemaach ginn. An dat natierlech och op Käschte vum Promoteur. Dat sinn déi dräi Remarquen, déi mer virschloe fir festzehalen opgronn vun deenen Avisen, déi mer krut hunn. Da kéint, laut dem Schäfferot, ugefaange gi mat dem Bau vun dësem Projet.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu mer dee Plang e bëssen ugekuckt an ech hu mer eng Kopie gemaach well mer am Dossier keng leien hunn. Ech fannen et emol gutt, datt de Schäfferot et fäerdeg bruecht huet, aus deenen aacht oder néng Unitéiten der fënnef ze maachen. Et war jo virgesi fir zwee Mol véier ze bauen. Dat begréissen ech.

Wou ech net esou iwwerzeegt an zefridde sinn, dat ass, wann ech déi zwee éischt Haiser kucken. Déi stousse jo praktesch direkt un déi Gréngzon. Dat heescht, déi däerfe kee Pad an de Gaart maachen, well an enger Gréngzon däerf ee jo näischt opriichten. Déi sinn esou no bäi. Dat Haus, wat no beim Rond-point läit, dat läit nach relativ gutt an och déi aner zwee. Mee déi do zwee stoussen hannen – wann een d'Grenz vun der Gréngzon kuckt – genee dodrun. A wa mer fäerdeg sinn, dann huet no zéng Joer awer een e Schapp dohinner gebaut. Do gesinn ech eng Gefor.

An déi aner Säit hätt ech begréisst, wann eng Klausel dra gewiescht wier, datt se mat dem Kaf vun der Bauplaz och d'Nuisancë matkafen. Well do kënnt de Kaméidi mam Zuch, do si mer eis ganz sécher. Dat ass wéi wann den Zuch hanner der Schlofkummer erafiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass jo kloer, datt d'Leit dat do wësse wa si et kafen. Ech muss awer ganz

kloer soen, datt ech laang Zäit an enger Gare gewunnt hunn. An ech kann iech soen, datt mat esou engem Kaméidi besser ze liewen ass wéi mat enger Strooss, wou en Auto ufiert. Ech hunn op enger Plaz gewunnt, wou hannen d'Eisebunn war a vir d'Strooss. Mer ware méi geplot vir mat der Strooss wéi hanne mat der Eisebunn. Dat kann ech iech soen. Et mécht awer vläicht net esou vill aus wéi een unhëlt. Natierlech sinn d'Nuisancen do. Do ass keng Diskussioun. Dofir ass och déi „trame verte" vun zéng Meter virgesi fir dat e bëssen ze schützen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass jo och de Minister, deen dorop higewisen huet a sengem Schreiwes. Do weist e jo op déi Nuisancen hin, déi do entstinn, wann déi Zich duerchfueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt mat Sécherheet Recht. Et ass net, wéi wann der hannendrun e Bësch hutt.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat sinn déi Saachen, déi mech e bësse stéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Ech mengen, mat ärer Zäit kann een dat net vergläichen. Well déi Linn jo nees op ass op Virton, do leeft awer vill driwwer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee déi Zäit, wou ech do gewunnt hunn, huet d'Schmelz nach voll geschafft. Ech géif dann awer no däer Diskussioun iwwer goen zum Vote, natierlech mat däer Remarque, déi den Här Linden gemaach huet, datt awer Kaméidi do ka sinn.

Approbation par 12 voix. MM. Pierre et Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

9.

Hygiène publique.

Aménagement d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange – approbation du devis et vote d'un crédit spécial.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer haten nogekuckt. Zënter ongefeier 2000 hu mer meeschtens véier Nische pro Joer gebraucht. Elo tëscht Oktober 2007 an Abrëll 2008 ass ob eemol déi ganz Demande an d'Luucht gaangen a mer hunn an deene siwe Méint fënnef Nische gebraucht. Fir awer net a Bedrängnis ze geroden, a well eis elo nëmmen nach fënnef Nischen iwwereg bleiwen, hu mer eis geduecht, mer géife virgräifen an direkt der bestellen. Well et dauert jo awer e puer Méint ier een dat ganzt Material geliwwert kritt an ier et dann och opgeriicht ass. Net datt mer eng Kéier do stinn an zu de Leit musse soen, datt et eis Leed deet, mee mer hätte keng Nische méi. Dat Ganzt géife mer opriichte mat deem Material, wéi mer et den Ableck schonn hunn. Et géingen Nische fir 12 Famille ginn. Dat wier am Himalaya Blue. Dat Ganzt géif 12.000 Euro kaschten. Dofir géif ech iech bieden ären Accord ze gi fir déi extra Aarbechten, fir den Devis vun 12.000 Euro an och fir de Spezialkredit an däer Héicht, dee mer dann an en neien Artikel an de Budget 2008 androen.

Norbert Pierre (LSAP):

Wéi aus dem Plang erauszegesinn ass, schéngt dat an der Héicht ze sinn. Also nees wéi eng Mauer. Ech sinn zwar kee Frënd dovunner, mee ech mengen, mer hate schlecht Erfahrunge mat deene Mauere gemaach. Et kritt een se och an enger ronner Form oder an zech aner Ausféierungen, ouni an d'Héicht ze goen. Dat géif ech op alle Fall virzéien, well hei ass jo scho virprogrammiert, datt Problemer mat de Leit a mat de Blummen opdauchen. Jidderee wëll nach säi Bild ophänken. An dat gesäit net grad gutt aus. Dat anert war eng relativ gutt Léisung.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass esou, datt dat anert vläicht ästhetesch méi schéin ass an een och méi Plaz ronderëm huet. Natierlech ass et och e Käschtepunkt. Et muss een de Leit awer kloer maachen, datt, wa se eng Nisch an engem Kolumbarium wëllen, kee Graf hunn. Et ass nun emol virprogrammiert fir ze soen, datt et eng Nisch ass an et kann een och net 20 Leit vun enger Famill virdru stellen, wat och eventuell nëmmen Allerhellgen de Fall ass. Mer ginn elo einfach op dee Wee, well dat eis och Plaz gewënnt a mer kréien der méi dohinner. An et passt och an de Kontext vun deem, wat mer schonn hunn. Ech mengen, de Wëlle war, fir an deem Sënn weider ze fueren. Ech mengen, wann deen een oder aneren eng Reklamatioun hätt, da géif ech em gären déi hei Explikatioune ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann dat schonn an der Héicht soll kommen, kann een do – et gëtt jo konstruktiounsméisseg esou Saachen – och eppes dropstellen a wou net e raschtegen Drot do gemaach gëtt ronderëm ? Mee datt eng Plack festgemaach gëtt, esou wéi et zu Rodange ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat kann een eventuell virgesinn. Natierlech soll een och net zevill dropstellen. Well dann ass nees d'Gefor do, datt alles eroffält an dann hu mer erëm alles um Buedem leien. E Kolumbarium ass nun emol virgesi fir dat einfach ganz diskret ze halen ouni vill Ornementer ronderëm.

Approbation par 13 voix. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.1.

Transports et communications.

Règlements temporaires de la circulation routière – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn zwee Verkéiersreglementer, déi mat Aarbechten zesummenhänken, déi mer mat Sudgaz maachen hei zu Péiteng an zu Rodange an der rue de la Fontaine. Do wollte mer lassfueren. Déi wäerten och bis Enn 2008 daueren, an zwar bis de „congé collectif" am Dezember. An der rue de la Fontaine gëtt de Verkéier deelweis ënnerbonnen oder duerch rout Luuchte regléiert. Oder awer duerch en „sens unique", deen dann a Richtung Philippart Strooss eropgoe géif a wou déi aner da missten iwwer d'rue Amalbergue a rue de la Minière erafueren. Da hänkt awer vun der Evolutioun vum Schantjen of. Am ganze Beräich vun der rue de la Fontaine wier dann d'Parken och verbuede well do geschafft gëtt. An der rue de la Minière wier och d'Parke verbueden tëscht der rue Amalbergue an der rue Philippart well duerch den „sens unique" trotzdeem e bësse méi Verkéier do géif entstoen. Et sinn déi klassesch Reglementer, déi do a Fonctioun vun dem Schantjen evoluéieren. Wann et noutwenneg ass gi Luuchte gesat, wann net, da gëtt gekuckt fir mat normale Prioritéitsschëlter ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Och bis Enn Joer wier d'rue Lentz hei zu Péiteng betraff. Do géifen dann och déi selwecht Aarbechte geschéien. Do wier et esou, datt an der Lentz Strooss tëscht der rue de l'Indépendance an der rue de la Paix géif en „sens unique" lafen, an datt dann dodran och d'Parke verbuede wier fir d'Aarbechten ze erméiglechen. Et misst een dann duerch d'rue de la Paix erausfuere wann een do misst zirkuléieren.

Norbert Pierre (LSAP):

Et gehéiert net direkt elo zu deenen zwee Reglementer hei, mee et gehéiert

dozou. Mer hunn elo op verschidde Plaz geschafft, wou Uschlëss un de Kanal gemaach goufen wéi zu Rolleng an der rue de la Montagne. Zu Rolleng och an der rue des Prés, wou den Här Linden och e puer Mol reklaméiert hat. Ech fannen dat gelungen, datt Enterprisen do während Méint einfach d'Halschent vun der Strooss zoumaachen. Dat ass et net ginn. Wou si mer dann do ? Wéi déi de Kanal do gemaach hunn, do war iwwer eng Woch laang op. Ouni Protektioun, ouni näischt. Do verstinn ech net, datt eis Leit net méi op d'Plaz gi fir ze reklaméieren oder datt d'Police laanscht geschéckt gëtt. Oder war dat an de Reglementer virdru virgesinn, datt déi esou laang do konnte wirtschaften. Ech weess dat net.

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss ee soen, datt eis Servicer dat Ganzt e bësse large gehandhabt hunn. Hei sinn elo Aarbechten, déi mer selwer gemaach hunn, an do si mer méi um Ball. Mee et ass haaptsächlech bei deene Lotisseuren, déi einfach froe fir e Kanaluschloss ze maachen. Et war jo katastrofal do bei Baumeister, wat déi do getriwwelt hunn. Eis Servicer hunn si gefrot, wéi laang se bräichten an da gouf eng Period vun sechs oder ning Méint gefrot an dann hunn se se och kritt. Ech erënneren drun, datt scho Leit an der rue du Chemin de Fer gewunnt, mer haten d'Strooss nach net op do uewen. Mär hunn och gesot, datt mer do méi sec misste ginn, sief et och, datt eng Verlängerung méiglech ass. Mee och vun däer aner Säit muss emol en Effort gemaach ginn. Net, datt se einfach blockéieren, ewéi se wëllen. Do sinn och Instruktiounen erausgaange fir datt mer méi sec solle ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt mech dem Norbert uschléissen. An der rue de la Montagne steet e Gitter, et ass mat Schlaken zougemaach. Du frees dech firwat.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass dat d'selwecht wéi an der rue des Alliés do uewen. Do hu mer och e Schantjen an se kréien den Tarmac net erbäi. Et sinn nëmmen zwou oder dräi Firmen, déi e maachen. Am Moment ass Hochkonjunktur. Ech weess, datt de Rond-point op der Biff elo iergendwann eng Kéier nei gemaach gëtt. Dann ass déi Firma do, dann hunn se Tarmac zevill an da wäerten se och beliwwert ginn. Mee esou laang bleift dee Schantjen.

Confirmation à l'unanimité.

10.2.

Transports et communications.

Frais d'études pour l'introduction de zones 30 km/h – modification du libellé de l'article budgétaire – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass e Libellé, dee mer wollte changéieren. Mer haten e Kredit vun 62.000 Euro am Budget stoe fir „frais d'études pour l'introduction de zone 30 km/h". Et war och schonn eng Kéier driwwer geschwat ginn. Mer hunn awer fonnt, et wier besser, wa mer elo mol géifen d'Reglement generell maachen an dann eréischt d'Zonen. De Wee war net ganz richteg, esou datt mer elo léiwer eng „élaboration générale" vun eisem Verkéiersreglement virhuelen. A wann dee Kader steet, da wëlle mer do punktuell eppes maachen. Et wier am Fong esou ëmzeänneren, datt mer kéinte soen „Elaboration d'un nouveau règlement général de la circulation", esou datt mer déi Sue kéinte fir deen Zweck investéieren.

Accord à l'unanimité.

11.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wéi esou dacks an de leschte Joere war et och an der Nuecht vum 28. Mee an e Freideg, den 6. Juni nees esou wäit, vill Stroossen a besonnesch vill Kelleren zu Péiteng stoungen nees ënner Waasser. Iwwerschwemmungen, well d'Ofwaasserleitungen d'Waasser net méi gepackt hunn, dat heescht, et ass duerch sämtlech Lächer a Kelleren oder op der Strooss, plazeweis erausgeschoss, an esou guer d'Deckele si richteg ewechgesprengt ginn.

Des Weidere stoung ënner der Eisebunnsbréck an der rue du Chemin de Fer d'Waasser méi héich wéi den Trëttoir. Kellere stounge mengen Informatiounen no ënner Waasser an de Stroossen Chemin de Fer, Prënzebierg, Niederkorn, Belair, Athus, an de Jenken an an der Haaptstrooss.

Wat sinn d'Ursaachen, a wat kann een dergéint maachen? Sollen d'Ursaachen net vläicht awer eppes mat Buedemversigelung ze dinn hunn, oder vläicht eppes mam Klimawandel? Well obwuel de Phänomen vun den Iwwerschwemmungen net nei ass, war et awer ni esou regelméisseg an nach ni esou hefteg wéi an deene leschte Joeren.

Wat gedenkt de Schäfferot hei ze ënnerhuelen? Well et ka jo net sinn, datt et ëmmer déi selwecht Leit sinn, deene regelméisseg d'Wäschmaschinn, den Trockner, den Tiefkühler, d'Heizung an nach e ganze Koup aner Saache futti fueren, wéi zum Beispill an der rue Prënzebierg; an datt et ëmmer déi selwecht Leit sinn, déi regelméisseg mussen de Moder, de Bulli an de Knascht ewech maachen, an déi mussen dofir suergen, datt d'Gemaier nees dréche gi fir datt sech kee Schimmel breet mécht. Ech kann déi Roserei vun deene Leit gutt verstoen, déi schonn Angscht kréien, wann d'Meteo Reen annoncéiert.

Geet et duer, datt mer ëmmer méi grouss Réier an de Buedem leeën, fir ëmmer méi Waasser méi séier ofzeféieren? Well ënner Versigelung fällt och, ech zitéieren, „Flächenversiegelung oder Bodenversiegelung bezeichnet das Bedecken des natürlichen Bodens durch Bauwerke des Menschen. Von Flächenversiegelung wird deshalb gesprochen, weil in den Boden kein Niederschlag mehr eindringen kann und so viele der dort normalerweise ablaufenden Prozesse gestoppt werden. Zur Versiegelung werden auch nicht sichtbare Bauwerke unter der Erdoberfläche gezählt, wie z.B. Leitungen, Kanäle, Fundamente sowie stark verdichtete Böden" (Bund für Umwelt und Naturschutz Deutschland).

Roland Breyer, Schäffen:

Ech kann d'Roserei vun de Leit och verstoe wann ee Waasser an de Keller kritt. Et ass awer e Phänomen, deen net onbedéngt mat däer Versigelung ze doen huet, et kann domat ze doen hunn. Mee ech ka mech awer erënneren, datt mer an de siwwenzeger oder achtzeger Joeren och Waasser an de Kelleren haten. A vill méi wéi elo signaléiert gëtt. Dat ass besser ginn. Ech weess, datt mer an aner Stroossen, déi net hei opgezielt ginn esou wéi d'Gillardin Strooss, och vill Problemer haten a wou regelméisseg alles iwwerschwemmt war. Do sinn e ganze Koup Saachen ënnerholl ginn. Mer schwätzen hei vun engem Naturphänomen. Et muss een emol fir d'éischt d'Pointë kucken. Déi Pointë kënn een net als Regel huelen. Wéi ginn eis Kanäl berechent. Déi hunn normalerweis eng Liewensdauer vun 30 oder 40 Joer. Do gëtt dann ëmmer 20 Joer zeréckgekuckt, wann e Kanal geluecht gëtt, ob déi Schlied, déi kommen. An do gëtt et eng bestëmmte Moyenne. Mär halen eis un déi däitsch Norme fir eis Kanäl auszerechnen. Dës Norme gesi vir, datt normalerweis 12,5 Liter op de Quadratmeter d'Norm ass

während 15 Minutten. Wann esou e Schlued kënnt an et si méi wéi 12,5 Liter op de Quadratmeter, dann ass dat aussergewéinlech, dann hunn eis Réier net déi richteg Dimensioun dofir.

Den 28. an den 29. Mee hate mer Nidderschlag vun 22 Liter op de Quadratmeter während 15 Minutten an och nach driwwer ewech. Also sinn do plazeweis Problemer. Mer kënnen och net soen, datt mer d'Réier méi grouss géife maachen, well mer dann aner Problemer kréien. Mer kënne Réier vun zwee Meter an de Buedem leeën, mee da leeft guer näischt méi well mer dann alles verknascht a verkucht hu bannendran. D'Pompjeeën haten den 28. an den 29. Mee 78 Asätz. Dat sinn der vill, mee mer hunn awer och iwwer 5.000 Uschlëss un d'Kanäl an der Gemeng, esou datt een dat awer och ëmmer proportional muss kucken.

An da muss een och emol kucken, wéi déi Uschlëss an der Zäit gemaach goufen. Ech hu mäin do uewe selwer gemaach an ech weess och, wéi mer dat gemaach hunn. Do ass samschdes moies e Gruef gemaach ginn. An da sinn nach zwou Persounen hëllefe komm. Mat der Pioche gouf dann an den Haaptkanal gefacht an deen aneren ass do erugefouert ginn, et ass e bësse Speis derbäi koum an da war dat an der Rei. All déi Saache wësse mer, en et si Feeler do, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen. Mär hunn e ganzt gutt Kanalreglement, esou guer ee vun deene beschte Reglementer, déi do sinn, an déi d'Responsabilitéit un den Demandeur gëtt. Mär hunn dra stoen, datt ee muss Virsiichtsmoossnamen huelen, fir datt ee keen „refoulement de la canalisation" kritt. Mer hunn och dra stoen, datt d'Iwwerflächewaasser, dat an d'Garage leeft, muss opgefaange ginn, an datt een dat net einfach esou däerf komme loossen. Wat d'Verantwortung, op alle Fall déi gesetzlech, ugeet, sti mer gutt do. Wat déi moralesch ugeet, do kann een ëmmer driwwer diskutéieren.

Mär wëllen déi eng oder aner Firma agrééieren an d'Leit verflichten, datt se de Kanaluschloss duerch esou eng agrééiert Firma maache loossen. De Moment ass dat nach net esou. De Moment gëtt dat nach net kontrolléiert an et besteet och nach keng Obligatioun. Wann een dat moar wëll opmaachen an net weess, wéi dat muss sinn, da mécht en dat. E muss wuel Bescheed ginn, mee wee geet dat da kontrolléiere wa samschdes moies e Kanal ugeschloss gëtt? Dofir hätte mär léiwer, mer hätten eng agrééiert Firma a mer géifen de Leit soen, se miisste bei dës oder déi Firma goen an déi och hir Präisser virleeën. Dat kascht eben e bësse méi, mee da si mer och sécher, datt e richteg geluecht gëtt. Mär hu plazeweis nach e Kanal, deen duerch dräi Haiser geet an dann eréischt un den Haaptkanal ugeschloss gëtt. All déi Saachen hu mer. Dofir muss ee kucken, firwat deen een iwwerschwemmt ass an deen aneren net. Wa mer flächendeckend eng ganz Strooss hunn, déi iwwerschwemmt ass, da musse mer vläicht d'Ursaach bei eis sichen. Mär hunn och nach ëmmer Problemer mat der Kanalisatioun, si ass nach net iwwerall perfekt. Mee mer sinn eis der Problematik bewosst, mee bei Naturkatastrofen ass ëmmer eng Pointe do an et sinn ëmmer Leit, déi geschiedegt ginn. Do wäert et och schwéier si fir deenen ëmmer gerecht ze ginn.

Bon, jiddereen huet eng Obligatioun fir deem doheem virzekommen an duerch dat Reglement och ze maachen. Mär kucken ob alle Fall fir eisen Deel ze maachen. Et deet eis och Leed, datt nach ëmmer Leit drënner leiden. Mee et wäert och an Zukunft net ausbleiwen, datt mer 100% gerecht kënne ginn. Wéi gesot, mär denken drun an hunn och all déi Saachen notéiert. Wann e Stuerm ass an eng Persoun den Daach ofgedeckt krut, den Noper awer net, da muss een emol kucke firwat et grad deen ass. Wat hat en drop leien ? Heiansdo muss een d'Ursaach och emol bei sech sichen. Eis Servicer sti gäre bereet, d'Leit doranner ze beroden.

Romain Becker (Déi Gréng):

Jo, well ech hunn elo haaptsächlech un d'rue Prënzebierg geduecht. Do ass net nëmmen ee betraff, mee do si sämtlech Siphonen duerch de Keller geflunn. Dat hunn ech selwer mat eegenen A gesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

D'rue Prënzebierg ass eng Strooss, déi op der Lëscht steet, a wou de Kanal geschwë frësch gemaach muss ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Nach eng Saach, déi den Awunner vu Péiteng besonnesch um Mo läit, a wou ech heibanne schonn zweemol dervu geschwat hunn, ass de Fait, datt ëmmer méi Camionnetten, Camionen oder Bussen owes no der Schicht, de Weekend a während de Feierdeeg an de Stroosse stinn. An ech hat scho gefrot ob mer net kënnen esou séier wéi méiglech op de Wee wéi déi Déifferdenger Gemeng goen, an all dës Gefierer aus de Wunnstroosse verbidden a se op en zentrale Parking forcéieren, wéi zum Beispill de Parking bei der Gare, wou et jo souwisou owes no 18 Auer, de Weekend an d'Feierdeeg méi roueg ass an iwwer d'Halschent vum Parking eidel steet, respektiv op de Parking hanner der Shell?

Dat selwecht gëlt natierlech fir Rolleng a Rodange. Fir Rodange denken ech un de Parking vun der Ares, just fir Rolleng fält mer elo esou séier kee Parking an.

Roland Breyer, Schäffen:

Där hutt esou léif ugefaangen a gesot, et géif deene Péitenger besonnesch um Mo leien, mee och deene Rodanger an deene Rollenger. Mer kréien d'Reklamatioune vun iwwerall, dat ass gewosst. Der waart esou léif virdrun den Artikel fir den „Règlement général de la circulation" an Ugrëff ze huelen. Mer hunn och scho Kontakter mat Schroeder et Associés lafen, wou mer amgaange sinn un engem Reglement ze schaffen, wou all déi Propositiounen erafléissen. Do steet dran – ech hat iech dat och schonn an enger Reunioun annoncéiert, wou mer zesumme waren -, datt et de Camionnettë verbueden ass, tëscht 6 Auer owes an 7 Auer moies am Beräich vun enger Agglomeratioun ze stoen. Dat gëlt och fir de ganze Weekend. Dat steet do mat dran. Mer hunn och do Alternative festgeluecht, wou se kënne parke goen. Déi där opgefouert hutt sinn och sécherlech derbäi. Et kommen nach anerer derbäi, esou an der rue de l'Industrie zu Rodange. An och op der Bretelle vun der Fontaine d'Olière kommen nach Alternativen derbäi, déi mer amgaange sinn ze sichen.

Dat Reglement, wa mer dat elo kënne weiderdreiwe mat deene Suen, déi mer elo hunn, wäerte mer am Oktober kënnen hei am Gemengerot presentéieren. Eischter komme mer net vun der Plaz. Wa mer et am Oktober packen, dann ass et nach gutt. Et ass dann och schonn ofgestëmmt mat dem „Service de circulation national". Dofir gi mer jo och deen heite Wee. Wa mer mat eisen eegene Mëttele schaffen, da si mer ëmmer drun a mussen ëmmer dru bleiwen. Hei brauche mer d'„avis préalables" vu Ponts et Chaussées a vum Ministère, an dann ass dat schonn ofgeschwat. An ech rechnen domat, datt mer et am Oktober, spéitstens awer am November kënne stëmmen. An datt et dann nach eng Kéier de staatlechen Autoritéiten ënnerbruecht gëtt. Mee dann ass et jo schonn ofgeschwat, esou datt den „délai de formalités" ganz kleng wier. Ech rechne perséinlech domat, datt mer vum Januar 2009 un en neit Reglement hunn a wou e ganze Koup vun deene Saachen hei agefloss sinn. D'Verkéierskommissioun ass jo och nach mat verschidde punktuelle Saache

befaasst. Mer wäerten och nach e puer aner Ännerunge proposéiere wat d'Awunner an de Parking résidentiel ugeet. Et kënnt eng Ännerung dohinner, mee se brauch awer hir Zäit.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soen iech Merci Här Breyer, mee ass et dann net esou, datt schonn eng Kéier esou eng Propositioun vun engem Reglement op den Instanzewee geschéckt gouf ?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat war gemaach ginn, mee et ass net conforme mat der neier Gesetzgebung. Fréier, do hu mer eis ëmmer mat engem „règlement d'urgence" iwwer d'Distanz gehollef. Mer hunn do gesot, et wier dréngend fir iergendeppes ze änneren. An dat hu mer refuséiert kritt. Ganz einfach. All déi Reglementer, déi mer do geholl hunn, ausser deene Verkéiersreglementer, wou et ëm Schantercher geet, déi hu mer gemaach an och schonn driwwer diskutéiert. De Parking hanner der Schoul zum Beispill, deen ass och nach net reglementéiert, well mer dat all Kéier refuséiert kritt hunn. Mer hunn et net formell refuséiert kritt, mee et ass just matgedeelt ginn, datt déi Reglementer net de Wee wier, mee datt de Wee elo aneschters wier. Se hunn also net formell an de Bréif geschriwwen, datt et refuséiert wier, mee se hunn awer och net geschriwwen, datt et ugeholl wier. Et war och kee Stempel drop, esou datt mer gesot hunn, mer miissten dat Ganzt op deem richtege Wee maache loossen. Et sinn nei Gesetzgebungen do, déi ee verflichten, dee Wee ze goen. Et brauch ee fir en normalt Reglement ze ännere wéinstens tëscht sechs an néng Méint wann een déi Formalitéiten anhält. A wann een dat punktuell wëll maachen, dann ass een éiweg amgaang. Dofir maache mär et elo generell.

Guy Brecht (LSAP):

Wéi wäit ass den Dossier 'Drëtt Apdikt" an der Gemeng Péiteng?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bon, wat déi drëtt Apdikt vun der Gemeng Péiteng ugeet, do ass ze soen, datt mer den 5. Mäerz de Gesondheetsminister gefrot hu fir eng drëtt Apdikt op Péiteng ze kréien. Dat war opgronn vun dem Gemengerot sengem Beschloss, deen e virdru geholl huet. Den Här Di Bartolomeo huet eis och den 12. Mäerz gesot, datt hien dat géif ënnerstëtzen an datt hien och a Betruecht zitt fir eng drëtt Apdikt an eiser Gemeng festzeleeën. Dat gouf och duerch en „arrêté ministériel" vum 4. September 2007 gemaach, esou datt déi Formalitéite bis dohin an der Rei waren. Doropshin ass – ech mengen dat war um Enn vum leschte Joer – och eng Apdiktesch genannt ginn, déi dës drëtt Apdikt ka bedreiwen. Déi ass och amgaang eng Plaz ze sichen, wou se dës Apdikt kann opmaachen. Dat läit elo an hirer Hand fir dat weider ze dreiwen. Ech weess, datt do Gespréicher lafen. Do soll eppes ganz Neies gebaut ginn, wou si dann eng Apdikt dra soll kréien. Awer dat ass éischter d'Aufgab vun der Apdiktesch a mär kënnen do am Fong geholl net direkt agräifen. Ech weess awer, datt do eppes Konkretes leeft. Dat soll zu Rolleng sinn, esou wäit ech am Bild sinn. Mee ech kann iech awer nach net formell soen, ob et elo dat do gëtt oder net. Dat ass éischter si, déi dat entscheet, et ass keng Entscheedung vum Gemengerot. Mär haten zwou Konditioune gestallt: et miisste Parkplazen do sinn an den ëffentlechen Transport misst och dohinner kommen. Dat waren déi Richtlinnen, déi de Gemengerot uginn hat. De Rescht wäert si elo entscheeden. Mee ech weess, datt do eppes Konkretes leeft an et an nächster Zukunft nach méi konkret gëtt. Mee et ass natierlech esou, datt, wa si nei baut, dat awer nach eent bis annerhalleft Joer dauert bis dat dann do steet.

Guy Brecht (LSAP):

Vill Leit aus dem Broucker Wee zu Rodange reklaméieren iwwer déi katastrofal Verkéierssituatioun an hirer Strooss. Virun allem dann, wann 2 Schwéiertransportgefierer probéiere sech mateneen ze kräizen. Bei villen anere Situatiounen ass d'Sécherheet vun den Trëttoirsbenotzer an Urainer net méi garantéiert. Wier et net méiglech sech Gedanken ze maache fir de Broucker Wee nach just an eng Richtung ze befueren? Déi selwecht Situatioun fënnt een och an der Gendarmerie-Strooss erëm. Déi kéint een zum Beispill just eropfueren, an de Broucker Wee erof. Dat wier desto méi sënnvoll, well mer jo elo déi nei Méiglechkeet hu mat der Strooss laanscht d'Sportshal. Ech géif op jiddwer Fall mengen, datt mat der Méiglechkeet 'Gendarmerie erop a Broucker Wee erof' vill Geforepunkten entschäerft wieren. Dofir meng Fro: Ass dat machbar, a wann net, wat schwätzt dogéint?

Ech wëll awer direkt dozou soen, datt mer alleguer Vertrieder vum Vollek sinn an datt mer gewielt sinn. Do ginn heiansdo Saachen un een erugedroen, wou ee sech seet an och dem Drock nogëtt a seet, et géif een dat nofroen. De Conseiller weess och schonn d'Äntwert am Viraus. Bon, ech weess, datt et e Geforepunkt ass och laanscht d'Schoul ze fueren. Mee ech wollt e Beispill ginn an dat froe fir datt et iergendwéi niddergeschriwwe gëtt. Mee wat ech awer wëll ënnersträichen an däer Fro, dat ass, ob et wierklech net ze maachen ass fir de Brouckerwee an eng Richtung befueren ze loossen ?

Roland Breyer, Schäffen:

Mer haten am Virfeld schonn d'Geleeënheet fir driwwer ze schwätzen. Mer maachen dat awer als Volleksvertrieder och offiziell hei. Et ass esou, datt de Brouckerwee eng Breet huet vun 6,9 Meter. Dat ass net allze grouss. Wann een elo gesäit, datt do geparkt gëtt, da géifen normalerweis zwee Autoe laanschtenee kommen. Zwee Camionen awer net. Elo kéint ee soen, datt ee sollt versichen, d'Camionen erauszekréien. Bis 2003 hate mer Schëlter, datt et fir méi wéi 3,5 Tonne verbuede wier. Mee mer hu se ewech geholl well do eng nei Reglementatioun koum iwwer den Transit. Deen hu mer reglementéiert a gefrot, wéi mer iwwerhaapt duerch d'Gemeng däerfe fueren. Do kucke mer emol, datt mer déi alleguer hei ewech kréien, déi net mussen hei fueren. Et huet kee Wäert, datt een e Schëld dohinner stellt, datt et fir 3,5 Tonne verbueden ass, well et hält jo keen sech drun an et gëtt net kontrolléiert. Du hues Schëlter do stoen, déi eng falsch Sécherheet ginn.

Mer hunn eis méi mam Transit beschäftegt a gesot, et däerf een nëmmen iwwer de Rond-point Lamadelaine erafuere wann een hei eppes ze doen huet. Awer net, datt een dann hei mat Fernlaster duerch d'Haaptstroosse fiert. An du kanns och nëmmen an eng Richtung fueren an déi aner Säit erëmkommen.

D'Gendarmerie Strooss huet nëmme 6 Meter, déi ass nach méi schmuel. Also vun der Philosophie aus géif et sech ubidden, do en „sens unique" ze maachen. Et muss ee sech awer da bewosst sinn, datt een de Verkéier vläicht méi séier géif maachen, et sief dann, mer bauen do och nees Obstaclen dran. Well mer géife jo dann awer duerch dee ganze Schoulkomplex do fueren. Et soll ee sech dat awer iwwerleeën, et ass net ausgeschloss. Et wier verkéierstechnesch eng Léisung. Mee wa mer an d'Zon 30 ginn, dann ass den „sens unique" nees eng Kéier kontradiktoresch zu däer Philosophie. Dofir muss een et emol ofweien. Et soll een déi Problematik am Kader vun däer Verkéiersstudie, déi mer amgaange si mat Schroeder et Associés opzebauen,

awer och an der Verkéierskommissioun – däer sidd jo och Member doran – diskutéieren. Et si sécherlech Aspekter do, déi dofir schwätzen, mee et sinn awer och negativer derbäi. Loosse mer emol kucken, wat dozou bei den Experten erauskënnt.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu beim Dokter am Wartesall an enger Zäitschréft en Artikel gelies, deen higewisen huet op d'Geforen, deenen Aarbechter ausgesat sinn, déi zum Beispill Müll an de Plastikstuten asammelen, déi di ëffentlech Kiwwelen eidel maachen, déi an de Park- an de Grénganlagen schaffen a se propper halen. Déi Leit lafe Gefor sech u schaarfe Kanten (Glas, Blechbéchsen an och Sprëtzen) ze verletzen. An deem Artikel ass dann d'Fro gestallt ginn, ob dat Personal geimpft ass, speziell géint de Wundstarrkrampf, och Tetanos genannt. Meng Fro ass: Sinn eis Aarbechter(innen), déi deene Geforen ausgesat sinn, géint den Tetanos geimpft a muss déi Impfung dann no engem bestëmmten Zyklus nees widderholl ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Mär ginn dovunner aus, datt déi Leit geimpft sinn, grad esou gutt wéi aner Leit, déi mat Risiken am Beruff ze doen hunn, vum Aarbechtsdokter virgeschriwwe kréien, datt se musse verschidde Saache präventiv maachen. Mer hunn och eisen Aarbechter ëmmer gesot – an dat war éiweg schonn esou - ,datt, wa se Ausgaben hu vun der Impfung, déi vun der Gemeng géifen iwwerholl ginn. An dat huet d'Gemeng och ëmmer gemaach. Mär féieren awer selwer keng Bicher driwwer, well dat jo e bëssen ënner den „secret médical" fält. Mär soen och, datt eis Dokteren dat solle regelméisseg nokucken. Een dee géint den Tetanos geimpft gouf, ass normalerweis 10 Joer roueg, esou datt mer deem net noginn. Déi Donnéeën hu mär net, mee mir kënnen awer just nach eng Kéier en Appell maachen oder nach eng Keier drop hiweisen, datt mer fir déi Käschten opkommen. Gesetzlech si mer och, mengen ech, dozou verflicht. Ech géif mengen, datt déi meescht Leit, déi mat risikoräichen Aarbechten ze doen hunn, och déi noutwenneg Moossname geholl hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi gesot, et ass just en Hiwäis fir se drop opmierksam ze maachen.

Séance publique du 11 juillet 2008

Durée de la séance: *8.00 à 11.00 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos : (début à 8.00 heures)

1. Enseignement
   - 1.1. Démissions volontaires de deux institutrices de l'enseignement primaire et d'une institutrice de l'enseignement préscolaire - décisions.
   - 1.2. Enseignement spécial : propositions de nomination de quatre instituteurs (m/f) - décisions.
   - 1.3. Nominations de personnel enseignant conformément aux publications officielles - décisions.
2. Enseignement: musical: démission volontaire d'une chargée de cours - décision.

Séance secrète :

3. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise- avis.

Séance publique (début vers 8.45 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale :
   - 5.1. « Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange - Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng asbl » - désignation d'un nouveau délégué effectif et d'un nouveau délégué suppléant.

5.2. Compte de gestion de l'exercice 2006 - approbation.

5.3. Compte administratif de l'exercice 2006 - approbation.

5.4. Décompte de travaux extraordinaires: mise en place d'un columbarium supplémentaire et aménagement des alentours immédiats au cimetière à Rodange - approbation.

6. Personnel : création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) à temps partiel et à durée déterminée pour la maison relais – décision.

7. Enseignement. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

8. Prévisions sociales

8.1. Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées «Club Senior Prënzebierg» asbl pour l'exercice 2008 – approbation.

8.2. Office social, compte de l'exercice 2006 - approbation.

8.3. Allocation de vie chère aux personnes de revenus faibles – vote d'un deuxième crédit supplémentaire – décision.

9. Enseignement musical : création d'un poste de chargé de cours (m/f) pour l'enseignement de la contrebasse -décision.

10. Vie associative : «Jeet Kune Do Luxembourg» - statuts.

11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Nomination de 4 instituteurs (m/f) dans l'enseignement spécial:

Bevot Tania de Rodange, Cecchetti Myriam, de Sanem, Weber Tom de Sanem, et Zürcher Sandy de Pétange

Nomination de 7 instituteurs (m/f) dans l'enseignement primaire:

Weintzen Sandy, de Rodange, Reitz Yolande, de Pétange, Wagner Monique, de Kahler, Konz Mylène, épouse Vieni, de Pétange, Hansen Jennifer, de Lamadelaine, Gieser Désirée, de Pétange et Bisdorff Christophe, de Fingig.

Nomination de 2 instituteurs (m/f) dans l'enseignement préscolaire pour l'année scolaire 2008/2009:

Remy Corinne, de Pétange et Heitz Véronique de Pétange.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech dann elo an der ëffentlecher Sëtzung vum 11. Juli. D'Madame Gansen ass entschëllegt.

Mer haten elo eng méi laang Ofstëmmungsprozedur fir Schoulmeeschteren. D'Press huet jo och schonn den Detail vu deene Saache virleien, déi mer entscheet hunn. Mer hunn 4 Léierpersoune fir de Spezialunterrecht virgeschloen, 7 fir d'Primärschoulen - bei 17 Kandidaturen -, an 2 fir an d'Spillschoul fir ee Joer.

Mer hunn all eis Klassen dat anert Schouljoer mat brevetéierte Leit besat, wat jo eng gutt Saach ass. Dann hu mer awer nach zwou weider Matdeelungen ze maachen, an dofir ginn ech d'Wuert un den Här Welter virun.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Damen an dir Häre, ech hunn am Fong geholl zwou Saache matzedeelen. Beim éischte Punkt geet et ëm d'Offalltaxen, deen zweete Punkt handelt vun der SLR.

Wat d'Offalltaxen ugeet, do hu mer de „compte de gestion" vun den Offalltaxe vum Exercice 2007 virleien. Verglach mat dem Exercice 2006 sinn d'„frais de fonctionnement" ëm 23.815,76 Euro erofgaangen. Wann ech do ee vun deene wichtegsten Artikelen - „entretien et réparation du matériel roulant" – kucken, dann huet deen 20.000 Euro manner verbraucht. Op däer aner Säit sinn awer d'„frais d'élimination des déchets restants" ëm 32.636,54 Euro eropgaangen. Dee gréisste Chiffer vun dëser Hausse ass déi, datt mer 2006 en CAT an der Equipe vun den Aarbechter haten, deen 2007 am Fong duerch en Aarbechter ersat ginn ass. Dat mécht och d'Differenz am Salaire aus.

Ënner dem Strëch hu mer 2007 e Mali vun 9.620,78 Euro. De Schäfferot ass der Meenung, datt dës Zomm net héich genuch ass fir d'Taxen ze erhéichen, esou datt mer d'Offalltaxen onverännert lafe loossen.

Wat d'SLR ugeet, esou ass den Dossier vun der „Société lorraine de revalorisation" ass esou gutt wéi zou, esou datt mer an de Budget fir dat nächst Joer wahrscheinlech keng Reserve fir en Affekot anzedroe brauchen. Ech erënneren drun, datt d'SLR eng Autorisatioun fir d'Exploitatioun vum Crassier zu Rodange den 20. Mäerz 2003 kritt huet. D'Péitenger Gemeng huet, zesumme mat der Biergerinitiativ Kordall an 199 Kleër Recours geholl. Net wéinst der Handelsgenehmegung, mee wéinst enger Rei Oploen, déi vum Ökoinstitut am Optrag vun der Péitenger Gemeng virgeschloe goufen an net deementspriechend an déi Autorisatioun mat erageholl goufen. No den Uerteeler vum „tribunal administratif" am Joer 2005 a vun der „cour administrative" am Joer 2006 huet den Emweltminister am Arrêté 1970188B eng Rei Oploen drageschriwwen, déi eis awer net streng genuch waren an déi och net de Recommandatioune vum Ökoinstitut ugepasst waren. Den „tribunal administratif " huet den 3. Dezember 2007 dem Minister seng Autorisatioun verbessert. Déi wichtegst Punkte bei der „étude de réintégration du site" a beim „plan de gestion des eaux" goufen am aktuellen Arrêté zeréckbehalen, respektiv dës Etude muss virleien ier ugefaange gëtt mat der Exploitatioun.

Wat d'Loftprotektioun ugeet, esou gouf d'Stéckzuel vun de Buedemprouwe bei 25 Ar vun 6 op 15 eropgesat, d'Déift vun de Buerunge vun 1,5 op 6,5 m, d'Analyse vun de Prouwe musse vun engem unerkannten Institut duerchgefouert an d'Resultater un déi kompetent Autoritéiten, déi eng Entscheedung ze treffen hunn, weidergeleet ginn. An dësem Uerteel sinn och zousätzlech Analyse verlaangt ginn, an zwar vu Chrom 6, PCB, Furanen an Dioxinen.

An enger Frist vun 40 Deeg duerno ass d'SLR nees an Appel gaang. D'„cour administrative", an hirem Uerteel vum 26. Juni 2008, huet en non-fondé ausgesprach a bestätegt d'Uerteel vum 3. Dezember 2007. Mer hunn also e Maximum u Sécherheet fir eis Bierger erausgeschloen a kënne vun engem Erfolleg schwätzen. Net ze vergiessen, datt dëse Prozess eis Gemeng iwwer 200.000 Euro kascht huet. Fir d'SLR gëtt et elo am Prinzip keng Méiglechkeet méi fir sech dergéint ze stellen.

5.1.

Administration générale.

«Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange – Geschichtsfrënn vun der Gemeng Péiteng asbl» désignation d'un nouveau délégué effectif et d'un nouveau délégué suppléant.

Roland Breyer, Schäffen:

Et geet hei ëm meng Demissioun bei den „Amis de l'histoire". Hei eng kleng Explikatioun dozou fir net zevill Spekulatiounen opkommen ze loossen. Ech war dobäi, wéi d'„Amis de l'histoire" gegrënnt goufen. An ech ka mech erënneren, datt ech déi ganz Motivatioun an och d'Statute selwer geschriwwen an agereecht hat. Vun deem Moment u war ech och den Delegéierte bei de Geschichtsfrënn. Well ech op däer aner Säit als Kulturschäffen och Ressortschäffe vun däer Saach sinn, ass et heiansdo net einfach, als Demandeur a gläichzäiteg als Décideur do ze sëtzen. Dat kënnen emol heiansdo Konflikter ginn. An d'Iwwerleeunge vum Demandeur sinn och net ëmmer am Aklang mat der Politk vum Décideur. Ech si jo och virun e puer Méint an de Pensiounsalter agetrueden, an do hunn ech geduecht, ech géif e bësse méi lues trieden an do meng Démissioun ginn. Domat géif ech engem aneren Demandeur d'Recht ginn, do matzewierken. Ech géif awer nach op der Säit vum Décideur bleiwe fir dat mat ze kontrolléieren a fir och duerno mat ze entscheeden.

An deem Kontext wollt ech da meng Démissioun ginn. Mär wollte proposéieren, datt mäi Kolleg Gilbert Welter d'Nofolleg untriede soll. Hien huet vläicht déi Konflikter net esou, wéi ech se hunn. An d'Madame Conter géif dann „délégué suppléant".

La démission de M. Breyer Roland est acceptée à l'unanimité.

Votes secrets:

A l'unanimité, M. Welter Gilbert, échevin, est nommé membre de droit effectif au sein du conseil d'administration de l'association « Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange ».

A l'unanimité, Mme Conter-Klein Raymonde, échevin, est nommée membre de droit suppléant au sein du conseil d'administration de l'association « Les Amis de l'Histoire de la Commune de Pétange ».

5.2.

Administration générale.

Compte de gestion de l'exercice 2006 - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif d'Punkten 5.2. an 5.3. zesumme kommentéiere well et jo déi selwecht Zuele sinn. Dat eent ass de „compte de gestion" vum Exercice 2006, an dat anert ass den „compte administratif" vum Exercice 2006. Aus den Dokumenter, déi der virleien hutt, kënnt der feststellen, datt mer Recetten am ordinäre Budget vun 40.446.589 Euro hunn, d'Ausgabe sinn 32.986.626,66 Euro. Dat gëtt am ordinäre Budget en Iwwerschoss vu knapp 7,5 Milliounen Euro.

Op däer aner Säit hate mer extraordinär Ausgabe vun 8,4 Milliounen Euro, déi zu 62% finanzéiert goufen iwwer extraordinär Recetten. Wat jo haaptsächlech staatlech Subside waren. Déi aner 38%, also 2,2 Milliounen Euro, waren iwwer den ordinäre Saldo vum Exercice 2006 ofgedeckt ginn. Där gesidd och, datt mer aus däer Ursaach eraus nëmmen 2,2 Milliounen Euro aus deenen 7,5 Milliounen Euro am Fong profitéiert hunn am Joer 2006, datt den allgemengen Iwwerschoss, deen Enn 2005 bei 4,651 Milliounen Euro louch, dann Enn 2006 bei 8,922 Euro leie wäert. 2007 geet et schonn erëm zeréck, an ech fäerten, datt en 2008 nach vill méi zeréckgoe wäert, well mer dann déi grouss Projeten all déck amgaangen hunn.

Der hutt och de „Rapport de vérification" vum „Service de contrôle de la comptabilité de la commune" virleien. Déi hunn en den 2. Juni eraginn. Do gesidd der, datt ausser engem klenge Schéinheetsfeeler keng Remarquë virleien an dee Rapport ganz positiv duergestallt ass.

Ech wëll awer och nach dem Här Camille Mentz, eisem Receveur, Merci soen, deen, wat den „compte de gestion" ugeet, ganz gutt Aarbecht gemaach huet. An och dem Finanzservice mat der Madame Schlesser an dem Här Schmit e grousse Merci, well si mat all de Leit aus der Administratioun ganz gutt Aarbecht geleescht hu wat den „compte administratif" ugeet.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Compte administratif de l'exercice 2006 - approbation.

Approbation par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) contre 5 voix (LSAP).

5.4.

Administration générale.

Décompte de travaux extraordinaires : mise en place d'un columbarium supplémentaire et aménagement des alentours immédiats au cimetière à Rodange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir Hären, dat ass en Dekont vun enger „mise en place" vun engem supplementare Kolumbarium zu Rodange. Et sinn Dekonten, déi zimlech zesummen hänken. Si zéie sech hi vun 2001 bis 2007. D'Devisen, déi guttgeheescht waren, waren der deemools 53.719,77 Euro. D'Kreditter hu sech belaf op 74.764,91 Euro an déi definitiv Ausgab huet mat 66.304,40 Euro zu Buch geschloen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt hei derzou soen, datt dat hei en Dekont ass, dee mer gemaach hu vun enger ganzer Rei vun Aarbechten, well déi am Laf vun e puer Joeren net gemaach goufen. Et gëtt alles elo zesumme gemaach. An Zukunft wäerte mer pro Projet ee Kreditartikel huelen, an da gëtt dat och keen esou e grousse Chiffer.

Albert Muller (LSAP):

Et fält mer op, datt mer vun Zäit zu Zäit Dekonte presentéiert kréien, wou d'Ausgab absolut identesch ass mat der Zomm déi fir d'Adjudicatioun do steet. An an deem Fall hei och esou guer identesch mat däer vum Devis. Ech wollt froen, ob et sech do ëm en „marché à prix forfaitaire" handelt .

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, d'Devisë sinn net identesch mat de Kreditter.

Albert Muller (LSAP):

Neen, hei steet „devis par corps de métier" 8.970 Euro, an d'Ofrechnung beleeft sech och op 8.970 Euro an och den „montant d'adjudication". A bei

deem zweeten ass et genee d'selwecht. Ech weess just, datt, wann ech bei de Bäcker Bréidercher siche ginn, datt se genee esou vill kaschten. Hei bei den Aarbechte weess ech dat net.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Also, ech géif soen, datt dat hei esou bestallt gouf. Dat sinn d'Kolumbarien, déi dohinner gestallt goufen. Ech mengen, si hu sech ganz einfach dorunner gehalen, wat bestallt gi war. An do hu mer dee Präis och berechent kritt.

Albert Muller (LSAP):

Ech wëll elo net ze wäit an d'Detailer goen. Ech sinn och mat iech averstane wann et ëm d'Case geet. Mee wann ech awer elo de „fer à béton" oder de Betong selwer huelen, do miissten awer iergendwéi d'Quantitéiten anescht si wéi déi, déi am Devis oder an der Offer sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech sinn der Meenung, datt mer de Moment bei de Chifferen esou leien ewéi se virgeschriwwe waren. Wann der nach gären zousätzlech Explikatiounen hätt – wann der mengt, datt do eppes net grad an der Rei wier -, da miisste mer bei eisem techneschen Service nofroen. Ech kann iech haut nëmmen dat virleeën, wat mer vun doiwwer kruten a wat approuvéiert ass vun eiser Architektin a wat ënnerschriwwen ass vum „chargé de service". Mär kënnen dat awer ganz gären nofroen.

Albert Muller (LSAP):

Ech mengen net, datt et net an der Rei ass. Ech hu just nëmme gemengt, et géif sech ëm en „marché à prix forfaitaire" handelen. An do ass et jo méiglech, datt een e Marché ufreet an dann och zu deem Marché Adjucatioune mécht an och d'Rechnung esou ausstellt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat kënne mer nofroen. Et ass eng Saach vun 2005, also wat jo scho méi laang zerécklait. Dat anert ass vun 2007. Et geet vun 2001 bis 2007. 2001 an 2003 waart där jo selwer nach doiwwer, esou datt där jo och nach vläicht kéint Bescheed wëssen, wat do war.

Albert Muller (LSAP):

Ech wëll awer präziséieren, datt dat näischt mat mär ze doen huet, och wann ech déi Zäit nach an deem Service geschafft hunn. Jiddereen huet do autonom geschafft an ech hunn net all Marché kontrolléiert. Mee ech wollt et allgemeng wëssen. Souwisou läit deen Devis, deen ech virdru genannt hunn, ausserhalb vu menger Déngschtzäit. Also ech wëll net soen, datt eppes net an der Rei ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass also dee vun 8.970 Euro. Mär froen d'Detailer no an da kritt der se.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv hu mer elo hei eng ganz Rei vun Aarbechten, déi iwwer e puer Joer ginn a wou eigentlech kee Dekont gemaach gouf an alles op engem Budgetsartikel, iwwer deen och alles gelaf ass, regruppéiert gouf. Wa mer dann nees eng Kéier nei Kolumbarien op enger aner Plaz gebraucht hunn, da gouf dat och nees op deen Artikel gebucht. An elo wollte mer eng Kéier e Strëch zéien. Bei all neie Projet gëtt wierklech een Dekont gemaach. Et ass vläicht e bësse méi opwenneg, mee et gëtt manner komplizéiert wéi wann een 2008 muss ufänken an d'Joer 2001 sichen ze goe fir ze gesinn, wat do gemaach gouf. Dofir hu mer gesot, mer géifen dee Budgetsartikel elo definitiv zoumaachen. An déi nei Kolumbarien, déi mer fir Rolleng kaf hunn, dat ass en Artikel fir sech. A mer maachen elo och en Artikel fir sech fir déi Péitenger. Dat gëtt dann elo all Kéier en Artikel fir sech. An dat gëtt dann all Kéier gemaach wann Aarbechten ofgeschloss ginn. Dann ass et wesentlech méi einfach en Dekont duerno ze maachen ewéi wann een dat do muss iwwer Joere regruppéieren. Mer wollten et awer ewechmaache fir och de Remarquë vum Kontrollservice aus de Féiss ze goen. Hei ass een Deel, dee mer an dësem Beräich opschaffen, a mer sinn um gudde Wee fir mat den Dekonte bäi ze kommen. Der wësst selwer als fréiere Chef vun deem Service, datt do während Joere keen anere wéi ech gesot huet, mer miissten déi Dekonten vu virun 1995, 1990 bis an d'achtzeger Joeren eran ewech kréie fir eng Kéier eng propper Situatioun ze schafen. An ech mengen, mer sinn um gudde Wee. Hei ass och nach esou en Überbleibsel, wou da Leit mussen Dekonte maache vun anere Kollegen, déi schonn net méi do sinn oder net méi an deem Service schaffen. An da gëtt dat net esou einfach. Dat hei ass esou e Fall.

Approbation à l'unanimité.

6.

Personnel.

Création d'un poste d'aide-éducateur (m/f) à temps partiel et à durée déterminée pour la maison relais - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hunn am Mount Abrëll e Kand miissten dréngend eranhuelen, wat och muss méi betreit ginn ewéi dat normalerweis gemaach gëtt. Mer si bis elo mat Iwwerstonne gefuer, mee mer hunn awer direkt un de Ministère geschriwwen an e Surplus u Stonnen ugefrot. Déi hu mer och zougestane krut, esou datt mer iech haut kënnen e Vote virleeën, fir dëse Posten ze schafen. Dee Kontrakt leeft och nëmmen esou laang, wéi dat Kand an der Maison relais betreit gëtt. Wann dat Kand eng Kéier aus der Maison relais erauskënnt, dann ass natierlech och dee Posten hifälleg, esou datt mer dat och mat dem Ministère ausgemaach hunn. De Ministère ass och mat op déi Schinn gaangen. Haut entscheede mer eis fir dee Posten ze schafen ënner dem Statut vum Privatbeamten, an dat mat 12 Stonnen an der Woch. Mee och fir de Schäfferot domat ze beoptragen, datt dee Posten um Info-Canal ausgeschriwwe gëtt.

Accord à l'unanimité.

7.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Där hutt heizou och eng Lëscht virleien op de Säiten 83 an 84. Et geet dorëms fir d'Kontrakter, déi de Schäfferot ënnerschriwwen huet, ze ratifizéieren.

Ratification à l'unanimité.

8.1.

Prévisions sociales.

Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées «Club Senior Prënzebierg» asbl pour l'exercice 2008 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den 25. Januar 2008 gouf déi nei Konventioun mat dem „Centre d'animation et de guidance pour personnes âgées Club Senior Prënzebierg asbl" fir den Exercice 2008 ënnerschriwwen. An zwar vun der Familljeministesch an deene 5 Schäfferéit aus de Gemengen Déifferdeng, Suessem, Käerjeng, Péiteng a Kënzeg, esou wéi vun der Presidentin vun der Associatioun. Esou wéi och schonn déi Joere virdru stellt de Club Senior de Leit

iwwer 50 Joer seng Prestatiounen zur Verfügung. Seng Missioun besteet aus Guidance an Animatioun, déi eeler Leit an eis Gesellschaft ze integréieren, Kontakter hirzestellen, hinnen eng Assistance unzebidden, Fräizäitgestaltung iwwer d'ganzt Joer unzebidden an och Konferenzen ofzehalen. Mer haten och kuerz zwou Informatiounsversammlunge mat de Sécherheetsberoder a mat der Police. Am ganze kritt de Club Senior fir Personalkäschten 284.680 Euro. Dovunner sinn 87% vum Stat. Et bleiwen da fir déi fënnef Gemengen 13%. Dat sinn 37.008 Euro. Vun deenen 13% fält op d'Populatioun vun deene Gemenge gerechent ee Véirel op d'Gemeng Péiteng. Dat sinn 9.252 Euro. Dobäi kënnt och nach eisen Deel vum Loyer. Dee beleeft sech op 6.762 Euro. Zesumme ginn dat dann 16.014 Euro fir eis Gemeng. Mär hunn op zwee Artikelen eng Kéier 10.000 Euro an eng Kéier 6.250 Euro stoen, also 16.250 Euro am ganze Budget 2008. Dofir géif ech iech bieden, dëser Konventioun zouzestëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech mengen, et widderhëlt ee sech all déi Joeren, mee ech fannen, datt dat hei eng gutt Saach ass. Si gi jo och en Heftchen eraus, fir datt ee gesäit, wat se alles bidde fir déi Leit. Dat geet vum Keelespillen iwwer de Moart. Et ass vun allem do an et gëtt och tiptop genotzt. Ech kann déi Saach nëmme begréissen. Déi Sue si gutt investéiert fir den drëtten Alter.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Office social, compte de l'exercice 2006 – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Esou wéi mer dann och de Kont vun der Gemeng ugeholl hunn, hu mer och de Kont vum „Office social" 2006 virleien. Och do ass ze soen, datt den „Service de contrôle de la comptabilité de la commune" keng Remarque ze maachen hat. Dorophin huet den „Office social" a senger Sëtzung vum 30. Juni 2008 och dëse Kont provisoresch festgehalen. Mer stelle fest, datt d'Recetten an d'Ausgaben am Exercice 2006 bei 711.956,99 Euro leien. Dat ass e Stéck méi niddereg wéi an deene Joere virdrun, besonnesch wéi an de Joeren 2005 an 2004 an esou guer 2003. D'Ursaach vun däer Reduktioun läit doranner, datt d'„secours temporaires" vun 2005 op 2006 zolitt zeréckgaange sinn. Am Joer 2007 wäerten déi Recetten an Ausgaben nees eropgoen. Bei dem Subsid vun der Gemeng stellt ee fest, datt en esou niddereg wéi scho laang net méi war. Mat 35.423,79 Euro ass en immens niddereg wann een e vergläicht mat deene Joere virdrun, wou e bei 107.000 oder 163.000 Euro louch. Ech muss iech awer soen, datt en am Joer 2007 wäert op 126.000 Euro eropgoen.

Ech géif awer och vun der Geleeënheet hei profitéiere fir deem ganzen „Office social" mat all deene Leit, déi do schaffe respektiv déi do regelméisseg all Mount oder all sechs Wochen zesumme komme fir sech ëm déi Dossieren ze këmmeren, e grousse Merci auszespriechen. An dat ënner der Presidentschaft vum Här Libert. Ech géif dem Gemengerot dann och virschloen, dëse Kont unzehuelen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wëll mech dem Här Buergermeeschter uschléissen an dem Här Libert a senger Equipe vu menger Fraktioun en häerzleche Merci fir déi exzellent Aarbecht, déi se iwwer dat ganzt Joer leeschten, soen. Ech hunn awer nach eng Detailfro. Op der Säit 102 vun den Ënnerlage steet am Artikel 2-012 „vente de gibier". Wat wëll dat soen ?

Romain Rosenfeld (CSV):

Wann een e Stéck Wëld iwwerrennt, an d'Wëld ass op a bleift an der Strooss leien, dann ass deen, deen et iwwerrannt huet, Propriétaire dovunner. Wann et awer an d'Stéck leeft an do stierft, da muss een et um Policebüro ofginn. Si ginn et da weider un den Aarmebüro an da gëtt et versteet. Déi Recette ass da fir den Aarmebüro.

Norbert Pierre (LSAP):

Mer hunn och do ënner „Secours habituels ou permanents" 347.931,79 Euro stoe fir „Placement des nécessiteux aux Centres d'accueils". Ech fannen dat extrem héich. Sinn dat vill Kanner oder Leit, déi dovunner musse Gebrauch maachen. Hei geet net ervir, ëm wéivill et sech dréit. Dat weist jo awer, datt mer net nëmmen hei an der Gemeng, mee allgemeng am Land ëmmer Leit kréien, déi net mat hirem Akommes auskommen. Soss géifen se jo do net zeréckfroen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et haaptsächlech ëm de Placement vu Kanner, eeler a behënnert Leit. Mer schwätzen awer hei vun 50 bis 60 Kanner. An dësem Kontext kënne mer awer kucke fir iech genee Zuelen ze ginn. Mer haten der och scho fir ze kucken, wéi dat evoluéiert. D'Madame Schlesser kann eis eventuell eng Opstellung maachen, wéivill Kanner placéiert goufen.

Approbation à l'unanimité.

8.3.

Prévisions sociales.

Allocation de vie chère aux personnes de revenus faibles – vote d'un deuxième crédit supplémentaire – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn an der leschter Gemengerotssëtzung vum 16. Juni décidéiert, d'Primen ëm 25% an d'Plafongen ëm 25% unzehiewen. An dat well et duerch déi allgemeng Deierecht muenche Leit net méi esou gutt geet. Wat d'Plafongen ugeet, do war et méi schwéier erauszefannen, wat fir Konsequenzen dat op déi ganz finanziell Belaaschtung vun der Gemeng Péiteng hätt. Wat d'Primen ugeet, do war dat sécherlech méi einfach. Do huet een einfach déi Leit, déi betraff waren, ëm 25% mussen hiewen. Do wousst een och, wou een dru war. Mer haten opgronn vun enger Ausso vun eisem Service den 16. Juni 25.000 Euro derbäigesat fir déi noutwenneg Zommen zur Verfügung ze hunn.

An der Tëschenzäit ass déi Zäit ofgelaf, an däer déi Leit hir Demande konnten eraginn. Dat leeft haut am Fong geholl of. Mer hunn awer elo scho ganz vill Demande krut, wesentlech méi wéi dat Joer virdrun. 2007 waren et der 138, elo leie mer bei 279 Leit. Dat heescht, et kann ee soen, datt 4,5% vun eise Stéid déi „Allocation de vie chère" kréien. Dat huet och mat sech bruecht, datt déi Zommen, déi mer am Fong virgesinn haten – 67.000 Euro – net géifen duergoen. Bis gëschter waren am ganzen 107.480 Euro engagéiert. Wann een dat vergläicht mat dem leschte Joer, wou mer bei 36.285 Euro louchen, dann ass dat eng Progressioun vun 250%.

Mer hunn awer nach haut opstoen, a mer wëssen och, datt nach eventuell e Méindeg oder en Dënschdeg deen een oder anere kënnt, zu deem mer dann och net onbedéngt wëlle soen, e kréich näischt. Mär proposéieren dem Gemengerot fir nach eng Kéier 60.000 Euro derbäi ze stëmmen, esou datt mer dann op eng Disponibilitéit vun 127.000 Euro kéimen. Dann hätte mer nach e Saldo vu knapps 20.000 Euro fir déi Demande vun haut an nach eventuell vun Uganks nächster Woch. Domatter hätte mer, mengen ech emol, dëst Joer eppes Guddes gemaach. Opgronn vun däer grousser Demande vu Leit, déi

kommen, war et sécherlech wichteg, datt mer dat do gemaach hunn.

Ech stellen och fest, datt een net ka soen, datt bei deenen 279 Leit, déi do komm sinn, haaptsächlech der derbäi sinn, déi net schaffen. 151 vun 279 schaffen a leien ëm de Mindestloun oder e bëssen driwwer. Sécherlech hu mer och 50 Leit, déi den RMG kréien; 34 hunn eng Pensioun, déi esou kleng ass, datt si e Recht op dës Prime hunn; 19 kréie Chômage; 20 hunn eng „mesure d'insertion" ATI; 2 kréien eng ganz kleng „pension alimentaire" an 2 hu guer keen Akommes.

Duerch d'Erhéijung vun dem Plafong kommen awer eng ganz Rëtsch Leit, déi eng Pensioun kréien, respektiv schaffe ginn, an de Genoss vun dëser „Allocation de vie chère". Et muss een och soen – ech hu mer dat erausdrécke gelooss well mer eis dat ugekuckt hunn -, datt ënner deenen 279 just 14 Leit sinn, déi nach hei an der Gemeng an der Kräid stinn. Do wäerte mer déi Suen awer och zum Deel huele fir dat ofzedecken. Mee et sinn och sécherlech net däer Leit, déi hir Rechnungen net bezuelen. Dat ass awer och ganz positiv an ech wëll dat ënnersträichen, datt der just 14 nach Saachen opstoen hunn. An deem Sënn géif ech mengen, datt eis Entscheedung vum 16. Juni eng gutt a wichteg Saach war wann ee kuckt, wéivill Leit sech fir dës Allocatioun gemellt hunn.

John Polfer (CSV):

Ech begréissen déi Propositioun fir déi Erhéijung. Wéi gesot, an däer leschter Sëtzung waren hei och scho Bedenken opkomm, datt de Budget net géif duergoen. Déi Erhéijung beweist dann och d'Noutwennegkeet a bestätegt, wat mer alleguer an eisem Portemonni ze spiere kréien. Déi Zuelen a Prozenter, déi der eis genannt hutt, Här Buergermeeschter, déi beweisen, datt mer och an eiser Gemeng ëmmer méi Leit hunn, déi d'Deierecht ze spiere kréien a mat wéineg Akommes mussen auskommen. Dofir kann ech déi Propositioun fir dës Erhéijung nëmmen ënnerstëtzen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech schléisse mech de Wierder vum Här Polfer un. Ech wollt och op dee Wee goen. Net méi spéit wéi de Moien hunn ech séier duerch d'Zeitung gekuckt. Am Juni hate mer eng Inflatioun vun 4,5%, a wann ee liest, datt de Mazout bannent engem Joer 64,2% an d'Luucht gaangen ass, da versteet een, datt effektiv d'Populatioun ëmmer méi aarm gëtt. Wann ee jo kuckt, wat fir Repercussiounen déi Erhéijung vun deenen 25% huet, da musse mer eis bewosst sinn, datt eis Bevëlkerung ëmmer méi aarm gëtt wann dat esou virugeet. Ech schléisse mech deem u fir dat ze erhéijen. Mer verspriechen de Leit jo och fir hinnen entgéint ze kommen, da musse mer och déi finanziell Mëttelen zur Verfügung hu fir dat kënnen ze maachen.

Accord à l'unanimité.

9.

Enseignement musical.

Création d'un poste de chargé de cours (m/f) pour l'enseignement de la contrebasse – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Opgronn vun der Organisatioun vun der Musekschoul, déi mer hei maachen an déi mer och am nächste Gemengerot zur Ofstëmmung virleeën, ass vun eisem neien „chargé de direction" vun der Musekschoul e Virschlag erakomm fir e Kontrabass-Cours an eiser Musekschoul unzebidden. Fir dat kënnen ze maache géife mer emol fir ee Joer eng Plaz ausschreiwen. Mer kucken dann, wat fir en Erfolleg dëse Cours huet. Et ass z'ënnersträichen, datt weder zu Déifferdeng nach zu Käerjeng esou e Cours besteet an et dofir interessant ass, hei am Kordall esou e Cours unzebidden. Well mer dat hei maachen, da maachen déi Déifferdenger a Käerjenger dat net. Eisen „chargé de direction" ass der Meenung, datt, wann dee Cours eng Kéier ugebuede gëtt, d'Demande och wäert grouss sinn. Mer fir dee Cours kënnen unzebidden, musse mer e Poste fir ee Joer an dësem Kontext schafen.

Accord à l'unanimité.

10.

Vie associative.

«Jeet Kune Do Luxembourg» - statuts.

Il en est pris acte.

11.

Questions des conseillers communaux.

Norbert Pierre (LSAP):

Zu Rolleng si verschidde Stroossen an engem ganz schlechten Zoustand. Dat ass ënner anerem den Ufank vun der rue de l'Eglise bis bei d'Haus Nummer 17, d'rue de la Fontaine an d'rue de la Montagne. Ech hunn der elo just dräi genannt, et sinn och nach bestëmmt anerer do. Stinn dës Stroossen op der Prioritéitslëscht fir an d'Rei gesat ze ginn ? Wéini geschitt dat?

Roland Breyer, Schäffen:

Mär hunn eng Lëscht opgesat vu sämtleche Stroossen hei an eiser Gemeng. A mer kucken einfach emol, wéi den Zoustand ass. An dat grad esou gutt de Coffrage wéi och déi Strukturen ewéi d'Waasser, de Kanal. Déi dräi Stroosse stinn op der Lëscht a sinn als schlecht agestuuft. Mer hunn der awer nach 17, déi och schlecht sinn. Also hu mer der 20, déi um selwechten Niveau stinn hei an der Gemeng. Et muss een sech also der Decken no strecken. An der rue de l'Eglise an an der rue de la Fontaine hu mer Waasser leie vun 1941. Dat sinn nach gosse Leitungen, déi do leien. Déi halen och net éiweg. Mer hunn och nach deelweis Kanäl do leien aus gebranntem Toun oder déi mat Zille gebaut sinn. Mer wëssen, datt den Zoustand do net gutt ass. Et muss een awer do eng grouss Strategie iwwer déi ganz Gemeng gesinn. D'rue de l'Eglise, dat ass virgesinn an dësem Budget, kritt en neie Profilage well dat awer eng Strooss ass, déi vill befuer ass. Déi soll am September oder Oktober, wann näischt dertëscht kënnt, gemaach ginn. Dat ass am Budget fir dëst Joer virgesinn.

Wat déi aner Stroossen ubelaangt, do wëll ech elo nach keng genee Ausso maache well mer musse kucken, wéi mer der Finanzsituatioun gerecht ginn. Mer hunn nach d'Philippart Strooss als grousse Projet an d'avenue de la Gare an dëser Legislaturperiod. Do bleift dann net méi ganz vill fir déi aner. Et ass héchstwahrscheinlech dra fir och e Reprofilage an den nächste Joeren ze maachen. Ouni awer un de Grondiwwel erunzegoen. Mee dat muss och eng Kéier geschéien. An do musse mer eis eng Prioritéit setzen. Mer hu ronn 20 Stroossen, déi an deem selwechte schlechten Zoustand sinn. Do muss ee kucken, wéi d'Prioritéite sech entwéckelen. Do si jo och heiansdo staatlech Instanzen, déi e Wuert matschwätzen. Hei op alle Fall ass eng virgesinn an déi aner sinn net vergiess.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass jo scho positiv, datt op d'mannst emol eng virgesinn ass fir an d'Rei gemaach ze ginn. Déi aner wieren och noutwenneg, well déi eng geet jo an déi aner eran. Dat ass jo ee Quartier.

An der Sitzung vum 14. November 2006 hat ech gefrot, wat mat dem Haus 11 an der rue de la Liberté zu Péiteng geschéie soll. Ech krut du gesot, datt de Gaart vun eise Servicer géif gebotzt ginn. Bis haut ass näischt geschitt, an

d'Haus gesäit ëmmer méi schro aus. Dat ass wierklech kee schéinen Ubléck am Zentrum vu Péiteng. Ass et net méiglech, dat Haus an d'Rei ze setzen, well d'Bausubstanz ass gutt. Oder wat geschitt soss dermat? Mat der Wunnengsnout, déi besteet, wier bestëmmt déi eng oder aner Famill frou fir en Ënnerdag ze fannen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Pierre, eise Parkservice hëlt d'Botze vun dësem Gaart och regelméisseg mat an de Programm eran. Et ass just de Moment nach net geschitt, well mer mat den Aarbechten – wat de Parkservice ugeet – hannendra sinn. Eischtens bedéngt duerch d'Wieder, an zweetens well mer iwwer eng länger Zäit Krankeschäiner haten. Den Ableck hu mer och nach en Unfallschäin, esou datt déi Persoun och nees sechs Wochen ausfält. Mer hunn dat Ganzt miisste verréckelen. Et gëtt vläicht net esou dacks ewéi op aner Plazen, mee et gëtt awer vun Zäit zu Zäit propper gehalen.

Wat elo den Ubléck vun deem Haus ugeet, dat ass, éierlech gesot, net ganz schéin. Mee d'Bausubstanz ass net esou gutt wéi se ausgesäit. Et si massiv Rëss bannenan. D'Balkonë sinn och net méi gutt a mär sinn amgaang ze analyséiere wéi mer dee ganzen Areal kéinten nei aménagéieren. Esou datt mer deem Standuert a Péiteng méi e schéinen Ubléck kéinte ginn. Dat bedeit natierlech, datt mer eis Gedanke musse maache fir et duerno deementspriechend hinzekréien a mer kee Feelgréff maachen. Ronderëm gehéiert eis och nach net alles, esou datt een net direkt ka soen, wat mer wëllen. Mer hu jo och heiansdo ganz gutt Iddien, mee esou séier geet dat net. Där wësst dat jo och. Mee op alle Fall kann ech mer virstellen, datt am nächste Budget eppes kéint stoe fir an deem Dossier weider ze kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech soen iech Merci, mee ech wëll just soen, datt zënter dem 14.11.2006 am Gaart näischt gebotzt gouf. Nach ni. Mär sti jo dacks genuch hannenaus fir ze gesinn, wat do lass ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Eis Servicer waren do, dat hunn se mer bestätegt. Ech kréie jo regelméisseg de Programm eran, wat se schaffen, an da kann ech jo doiwwer nofroen, wéini se do waren. Wéi gesot, se sinn net esou dacks do, mee se ginn dohinner.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Imprimerie Heintz ass ofgerappt ginn. Wat geschitt mat dëser fräier Plaz? Gëtt dat integréiert mat dem Haff hanner 'A Rousen' ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär hunn effektiv d'Annexe vun der Maison Heintz, do wou hannen d'Dréckerei dra war, aus Sécherheetsgrënn ofgerappt. Déi fräi Plaz gëtt elo esou aménagéiert wéi déi hanner 'A Rousen'. Se kritt dee selwechte Buedembelag. Déi Balustraden, déi do stinn an och esou schéi beplanzt sinn, déi ginn och uewe laanscht d'Grenz gesat. Et kommen der och nach derbäi fir dat Ganzt richteg ofzeschléissen. Zur Säit vun deem Haus, dat elo nach do steet mussen d'Leit elo eng Isolatioun ubréngen. An da kënnt e Crépi do drop. Mär hunn och virgesinn, eng Zort Balustrade dohinner ze bauen, wou mer och eventuell kleng Attraktioune kënne maachen oder wou och emol eng Foto vun engem Konveniatsgrupp gemaach ka ginn. An op déi hënnescht Fassad kënnt eng Toile hänke fir d'Fassad ze verdecke bis dat Haus eng aner Affektatioun kritt.

Norbert Pierre (LSAP):

Bei deem Reaménagement do, kéint een net kucke fir de Buedem e bësse méi riicht ze zéien, well hanner 'A Rousen' ass jo eng kleng Pente dran. Da kéint een och emol en Zelt opriichten oder datt een emol op engem riichten Niveau stéing. Et ass awer just eng Suggestioun.

Där hutt och vun der Balustrade geschwat, dat heescht, déi Pergola, déi ronderëm steet, geet am Wénkel erof op den Heintz zou. Déi kéint ee jo riicht zéien, well dann huet een am Fong geholl den Eck zou.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass dat, wat ech iech gesot hunn. Deen Deel, deen elo nach erasteet, dee gëtt riicht gezunn. Dat kënne mer jo nees verwäerten. A fir dat Ganzt ofzeschléisse kommen nach Balustraden derbäi. Déi ginn dann nei beplanzt an da gesäit dat och ganz gutt aus. Effektiv ass hannen dee ganzen Areal méi grouss, esou datt mer fir gewësse Fester méi Plaz hunn.

Wat elo den Niveausënnerscheed ugeet, ech weess net wéi wäit eisen techneschen Service sech schonn doriwwer Gedanke gemaach huet. Op jiddwer Fall kënnt dee selwechte platte Belag bis zum Schluss dohinner, esou wéi en elo schonn 'A Rousen' läit.

Norbert Pierre (LSAP):

Et wier u sech kee Problem, mee et kéint een awer kucken, datt et eenegermoosse riicht gëtt. Mer hate jo och Drauwen do stoen, kommen déi och nees an deen Eck stoe fir datt mer eng Kéier dee Cru kënne maachen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Drauwe kommen och nees dohinner. Eis Gäertner hu sech deene Planzen de Moment ugeholl. Se si verplanzt ginn, mee se kommen nees hanner 'A Rousen'.

Romain Becker (Déi Gréng):

E Freideg, den 27. Juni, stoung am Tageblatt en Artikel iwwer eng méiglech Affektatioun vun den Eucosider-Halen ënner dem Titel „In den alten Eucosider-Anlagen – Möglicher Platz für das lang ersehnte Technikmuseum". Weess de Schäfferot méi heizou? Well wann esou en Artikel an enger grousser Lëtzebuerger Zeitung steet, kéint jo awer méi dohanner sinn.

Wat soll d'Affektatioun vun deenen Hale schlussendlech sinn? Wéi wäit sinn d'Verhandlunge mat Arcelor-Mittal?

Stëmmt et, datt eventuell, esou wéi am Artikel beschriwwen, déi al Protex- a Pompjeesgefierer kéinten do ausgestallt ginn?

Ass et och esou, datt, an Zesummenaarbecht mat de Frënn vum Train 1900 kéint eng Verbindung mat den Hale respektiv duerch oder laanscht d'Halen entstoen ? Oder huet d'Gemeng awer eng ganz aner Affektatioun vun den Halen an Aussiicht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech muss soen, datt ech net onbedéngt weess, wou déi lëtzebuerger Zeitung un dës Informatioune kënnt. Fest steet op alle Fall zu dësem Zäitpunkt, datt et net virgesinn ass an enger vun deenen Halen esou e Musée ze installéieren. Et ginn awer de Moment Gespréicher – déi och scho méi laang amgaange sinn – tëscht dem Schäfferot an Arcelor Mittal – fir ze kucken, wat fir eng Affektatioun dee ganze Site, wou d'Eucosider-Hale stinn, soll kréien. Bis ewell sinn déi Gespréicher nach net ofgeschloss an et ass e bësse fréi fir dat och ze kläre well nach e ganze Koup Froen do op stinn. Mee ech ginn dovunner aus, datt mer am Hierscht méi wäit gesinn. An da kënne mer och de Gemengerot e bësse méi wäit informéieren a proposéieren, wat een do kéint maachen.

Et lafen och Gespréicher – dat stëmmt – tëscht dem Schäfferot an enger ganzer Rei Ministèren a Verwaltunge fir eventuell en technesche Musée zu Péiteng ze realiséieren. An do ass och de Site vun der Eucosider am Gespréich, mee mer sinn nach net um Enn vun dëse Verhandlungen ukomm. Wat een och ka soen, an et ass kloer,

datt den Interesse vun alle Säite grouss ass fir dëse Musée hei op Péiteng ze bréngen. An dat net nëmme vum Schäfferot, mee och vun de Ministèren a Verwaltungen. Mer mussen elo just kucken, datt mer all Froen, déi an dësem Kontext musse gestallt ginn – a besonnesch och déi grouss Fro iwwer de finanzielle Volet, well et jo dann eng regional Struktur gëtt – klären. An do si mer amgaang, mat de Ministèren do ze kucken. Mee et gesäit net schlecht aus an ech wier och frou, wann een dat net zevill dobausse géif zielen. Mee mer sinn amgaang, ganz schaarf dorunner ze schaffen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Merci fir d'Äntwert Här Buergermeeschter. Ech si jo elo enges Bessere beléiert ginn. Ech war jo dach relativ erféiert, wéi ech dat gelies hunn, well dat an der Zeitung stoung ier dat hei am Gemengerot hätt kéinten zur Sprooch kommen. Mee et ass jo nach net esou wéi dat an der Zeitung stoung.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ech virun etlechen Deeg mam Auto vu Rodange Fonderie iwwer de Clopp a Richtung Rodange Zentrum gefuer sinn, do ass mer opgefall, datt op der Spëtz – do wou de Brouckerwee an d'Cloppstrooss fléisst – op der rietser Säit vun der Cloppstrooss e Spigel steet, un deem d'Spigelfläch ugegraff ass an domat zimlech matt oder blann ass. D'Sécherheet, déi de Spigel de Stroossebenotzer gëtt fir e Bléck an déi zwou Stroossen ze hunn, ass net méi ginn. Dofir wollt ech froen : Kann d'Beschiedegung vun der Spigelfläch mat Hëllef vun engem spezielle Produit behuewe ginn oder muss de Spigel eventuell ersat ginn? Seng Aufgab a Wichtegkeet zur Sécherheet vun alle Leit am Verkéier op däer Plaz ass ouni Zweiwel net vun der Hand ze weisen.

Roland Breyer, Schäffen:

Also et gëtt kee Produit fir d'Spigelen nees propper ze maache wa se blann sinn. Et gëtt kee klenge Lifting dofir. D'Situatioun ass eis bekannt an et ass jo och eng geféierlech Kräizung. Mer hunn och do direkt en neie Spigel bestallt. Et gouf awer eng „rupture de stock" bei däer Firma, déi eis beliwwere sollt. E gëtt awer elo den 24. Juli installéiert.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann hat ech Chance, well soss hätt ech gesot kritt, ech soll kucke goen, et wier scho gemaach. Ech soen awer Merci.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soen iech alleguer Merci, a mer géifen eis an 14 Deeg erëmgesinn. Och moies um 8 Auer géif ech soen. An duerno wäerte mer dann an déi wuel verdéngte Vakanz kënne goen.

Séance publique du 25 juillet 2008

Durée de la séance: *8.00 à 11.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 12.1 inclus)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) (à partir du point 12.2)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Enseignement
   - 1.1. Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement préscolaire - décision.
   - 1.2. Nomination de personnel enseignant conformément aux publications officielles - décisions.
   - 1.3. Nomination de personnel pour les « Maisons Relais » - décisions.
2. Personnel
   - 2.1. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.
   - 2.2. Nomination provisoire d'un fonctionnaire dans la carrière de l'expéditionnaire administratif (m/f) à mi-temps - décision.
   - 2.3. Nomination provisoire d'un fonctionnaire dans la carrière de l'expéditionnaire administratif (m/f) - décision.
   - 2.4. Nomination provisoire de deux fonctionnaires dans la carrière du rédacteur (m/f) - décisions.

2.5. Nomination provisoire d'un fonctionnaire dans la carrière de l'instructeur de natation (m/f) - décision.
2.6. Promotion d'un fonctionnaire communal - décision.

3. Prévisions sociales: engagement de quatre apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau dans les services administratifs - décisions.

Séance publique (début vers 9.00 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   5.1. Conseil communal: commission scolaire et commission de la Famille, des handicapés de la vie, de la solidarité et de l'action sociale - démissions et nominations.
   5.2. Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre VII. - point 3. Piscine à toit ouvrant à Rodange - services spéciaux - décision.
   5.3. Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre IX. Ecole de musique - mise à la disposition d'un instrument - décision.
   5.4. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2009 - décision.
   5.5. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2009 - décision.
   5.6. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   5.7. Conventions de cofinancement, dans le cadre du programme « FEDER Objectif 2 », avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, pour plusieurs réalisations communales - approbations.
6. Personnel
   6.1. Modification de la convention collective des ouvriers des communes du sud - approbation.
   6.2. Création d'un poste d'ouvrier dans la carrière de l'artisan CATP sanitaire (m/f) - décision.
7. Propriétés
   7.1. Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums - 1er semestre 2008 - approbation.
   7.2. Avenant, au contrat de bail avec Waagner Biro S.A. de Rodange, pour la location des immeubles sis à Rodange, rue des Ecoles 1 et 1a - approbation.
8. Enseignement
   8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   8.2. Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2008/2009 - approbation.
   8.3. Ecole « Am Paesch » à Rodange: mise en conformité du bâtiment existant - approbation d'un devis supplémentaire et vote d'un crédit additionnel - décision.
9. Prévisions sociales: construction d'une crèche à Pétange: projet définitif (mémoire technique, devis et plans) - approbation.
10. Urbanisation
   10.1. Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, rue Charlotte/rue Adolphe, présenté par la société Tragelux S.A. de Mamer, pour la construction d'un immeuble résidentiel et d'une maison d'habitation unifamiliale - approbation provisoire.
   10.2. Projet d'aménagement particulier autorisé à la société Immo Concept Plus pour la construction d'un complexe résidentiel avec espaces publics à Rodange, route de Longwy - approbation de la convention signée avec le promoteur.
11. Canalisations: renouvellement des infrastructures et construction d'un bassin d'orage dans la route d'Athus à Pétange - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.
12. Culture et loisirs
   12.1. Remise en valeur du moulin Waxweiler à Pétange, de la « maison rouge » et des alentours immédiats - approbation de l'avant-projet (mémoire descriptif, devis et plans).
   12.2. Remise en valeur du moulin de Lamadelaine - frais d'études - vote d'un crédit spécial.
13. Enseignement musical: organisation scolaire provisoire pour l'année 2008/2009 - décision.
14. Sports
   14.1. Renouvellement de l'éclairage du terrain de football Jos. Philippart à Rodange - approbation du devis adapté.
   14.2. Construction d'un centre national de jeux de quilles et d'un hall de tennis à Pétange - projet définitif (mémoire descriptif, devis et plans) - approbation.
15. Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue de la Terre Noire à Rodange - approbation du devis estimatif et des plans.
16. Vie associative
   16.1. « Millenium Bikers » de Pétange - admission sur la liste des associations à subventionner - décision.
   16.2 Octroi de subsides réguliers et spéciaux - décisions.
17. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Séance secrète

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Enseignement:

Nomination de 5 chargés de cours (m/f) pour l'éducation physique:

Breser-Rota M. Ady de Sanem, *Degano Claude* de Pétange, *Kugener Jacqueline* de Lamadelaine, *Ruar-Santioni Carmen* de Lamadelaine, *Tomasini Laura* de Roedgen

Nomination de 8 chargés de cours (m/f) à mi-temps pour une tâche à mi-temps dans une classe primaire:

Boreux Nicole de Rodange, *Entringer-Weiler Marguy* de Bettange/Mess, *Huberty Alice* de Kleinbettingen, *Martiny Luc* de Pétange, *Mersch Brigitte* de Rodange, *Renard-Wanderscheid Colette* de Pétange, *Steichen Micheline* de Bettange/Mess, *Wangen-Hoeltgen Romaine*, de Pétange

Nomination de 2 chargés de cours (m/f) à mi-temps pour le poste de « équipe pédagogique » à mi-temps:

Schammo-Schmit Christiane d'Oberkorn, *Richard Catherine* d'Esch/Alzette

Nomination d'un chargé de cours (m/f) dans l'éducation préscolaire:

Cavuoto Alessia de Pétange

Nomination de 2 chargés de cours (m/f) à mi-temps pour une tâche à mi-temps dans une classe préscolaire:

Gaspar da Costa Maria Manuela de Pétange, *Meyers-Michels Marianne* de Pétange

Nomination de 4 chargés de cours (m/f) à un poste d'éducation morale et sociale:

Bachim-Olinger Emilie de Rodange, *Bill Sonia* de Schouweiler, J*akoby-Konz Eveline* de Bascharage, *Spitoni-Weydert Gaby* de Pétange

Nomination d'un chargé de cours (m/f) à un poste de surnuméraire:

Roth-Reding Marie-Madeleine de Lamadelaine

Nomination d'un chargé de cours (m/f) à un poste de décharges diverses dans des classes préscolaires et primaires:

Mersch-Hoerold Pia de Dippach

Nomination d'un chargé de cours (m/f) à un poste de remplaçant du 2e intervenant au précoce:

Glod-Brosius Marianne de Bascharage

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le poste de remplaçant permanent (classes précoces, préscolaires, primaires et spéciales):

Thoma Sacha de Soleuvre

Personnel pour les « Maisons Relais »:

Mme Jasmine Quintus (éducatrice diplômée)

Mme Becker Manuela (aide-éducatrice)

Personnel:

Démission volontaire accordée à *Mme Francine Gaspar*, fonctionnaire communal (départ en pension)

Sont nommés comme :

expéditionnaire administratif à mi-temps:

Mme Sandra Del Cotto, épouse Agnes de Rodange

expéditionnaire administratif:

M. Lux Andy de Lamadelaine

rédacteurs:

M. Claude Linden de Rodange, *Mlle Becker Stéphanie* de Lamadelaine

instructeur de natation:

Mme Carmen Lorang de Rodange

Sont engagés comme :

apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau dans les services administratifs:

M. Miguel Machado de Pétange, *M. Davide Rizzo* de Rodange, *M. Philippe Wagner* de Pétange, *Mllle Weis Sabrina* de Lamadelaine

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech alleguer an der ëffentlecher Sëtzung vun dësem Gemengerot vum 25. Juli 2008. Mer hunn e ganz chargéierte Programm kuerz virun der Vakanz. Mer haten haut de Moien um 8 Auer schonn eng „séance à huis clos", wou mer e ganze Koup Personalentscheedunge getraff hunn. Besonnesch wat den Enseignement ugeet. D'Press huet virleien, wat mer entscheet hunn. Ech wëll just op e puer Haaptdecisiounen zeréckkommen. Dat sinn déi Leit, déi mer definitiv nominéiert hunn, respektiv déi, déi demissionéiert hunn.

Do ass engersäits d'Madame Francine Gaspar. Si geet fir den 1. Mäerz 2009 a Pensioun. Mär soen hir Merci fir déi laang a gutt Déngschter, déi si eis erwisen huet a si kritt och den „titre honorifique" vun hirer Funktioun, déi si hei iwwer Joeren exzellent gemaach huet. Wann déi eng a Pensioun ginn, da mussen och aner Leit agestallt ginn. Mer hunn eng Rei Leit agestallt fir d'Verwaltung gutt fonctionnéieren ze loossen. Engersäits ass dat d'Madame Sandra Del Cotto épouse Agnes, vu Rodange, déi an enger halwer Tâche als „expéditionnaire administratif" ënnen an eisem Biergerzenter agestallt gëtt.

Doduerch, datt an nächster Zukunft esou wuel eise Sekretär ewéi eise Receveur eis verloosse wäerten, an esou e ganze Koup Muwwementer an eisem Betrib ausgeléist ginn, hu mer zwee Leit agestallt. Dat ass den Här Claude Linden vu Rodange als Redakter, an d'Joffer Stéphanie Becker als Redakter. Mer hunn awer och en „expéditionnaire administratif" agestallt, den Här Andy Lux vu Rolleng. An der Schwämm hate mer eng Schwammmeeschterplaz opstoen. Do hu mer haut och entscheet fir d'Madame Carmen Lorang vu Rodange anzestellen. All dat anert sinn Tâchen, déi nëmmen temporaire sinn – op ee Joer, also „à durée déterminée". Déi fannt der op ärer Lëscht, déi mer iech ausgedeelt hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Madame, Dir Häre, wéi der gesidd ass d'Madame Schaaf am Moment amgaang eis e Plang auszedeelen. An zwar geet et ëm déi Plaz bei der Rollenger Schoul. Mer hunn am Dezember 2007 gestëmmt fir déi Plaz nei unzeleeën an de Schoulhaff vun der Rollenger Schoul mat anzebezéien an deen och ze erneieren. Mer hunn och dee ganze Projet accordéiert krut, mee mer hunn e puer Oploe kritt.

Vum Environnement krute mer den 2. Juli e Bréif, datt mer mussen déi grouss Lann um Eck stoe loossen. Zur Säit, an

der rue des Ecoles, musse mer och zwee Käschtebeem erhalen, esou datt mer elo dee Plang e bësse mussen adaptéieren. Hei ass esou eng Skizz, wéi dat herno kéint ausgesinn. Mär réckelen den Terrain Multisports e bësse méi erof. Dobäi gëtt déi Naturspillplaz méi grouss. D'Parkingen, déi an der rue des Ecoles sinn, si mat dem Léierpersonal, dat am Laf vum ganze Projet hei mat abezunn ginn ass, ofgeschwat. Gewësse Parkplaze sollen hannerenee kommen, mee dat ass fir d'Léierpersonal kee Problem well déi Plaze jo haaptsächlech fir si solle reservéiert ginn.

Den Zougang fir d'Pompjeeë leeft iwwer de Parking, mee „à contresens", fir datt de Pompjeeswon direkt an ouni vill ze manövréiere kann d'Zoufahrt bei d'Schoul fräi hu wa se do eng Kéier an den Asaz miisste fueren.

Mer hoffen, datt mer déi Plaz dann och kënnen no deem heite Plang realiséieren. De Rescht bleift bestoen, esou wéi et programméiert war. Et ass ebe just duerch déi Beem, déi do musse stoe bleiwen, datt mer déi Ëmännerungen hei musse virhuelen. Dat wollt ech iech matdeelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn awer drop gehale fir iech dat matzedeele well déi Aarbechten awer den 20. August uginn. Net datt der sot, et wier eppes aneschters do geschitt. Et si just liicht Modifikatiounen, déi virgeholl musse ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, well soss géif et op eemol heeschen, mer hätten awer aner Pläng virgeluegt an et wier awer dann um Schluss anescht. Et ass eben doduerch komm, datt mer et vum Environnement net erlaabt kritt hätte fir verschidde Beem do ewech ze huelen.

5.1.

Administration générale.

Conseil communal: commission scolaire et commission de la famille, des handicapés de la vie, de la solidarité et de l'action sociale – démissions et nominations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei hu mer eng Rei Entscheedungen ze huelen. Engersäits ass et esou, datt mer a verschidde Kommissiounen Demissioune virleien hunn. Dat ass de Fall an der Schoulkommissioun, wou mer d'Demissioun vun der Madame Christiane Fantini virleien hunn. Dann hu mer vun der CSV matgedeelt krut, datt mer Kandidaturen hu fir d'Madame Fantini esou wuel an der Familljen- esou wéi an der Schoulkommissioun duerch d'Madame Sylvie Damé an d'Madame Christiane Hamen ze ersetzen.

Eis sozialistesch Kollege wäerten eis da fir déi nächst Gemengerotssëtzung och eng Propositioun maachen zu deem, deen d'Madame Faber an der Schoul- kommissioun ersetze wäert, esou datt mer datt mer fir de September, wann d'Schoul nees ugeet, komplett sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt nach op d'Demissioun vun der Madame Faber ze schwätze kommen. Mer haten eréischt virgëschter Komitee, an do hu mer schonn eng Ent- scheedung getraff, mee der kritt déi dann am Laf vum August matgedeelt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da géif ech elo iwwer d'Demissioun ofstëmme loossen, esou wuel déi vun der Madame Fantini ewéi och déi vun der Madame Faber.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech ass mer opgefall, datt am „aide- mémoire" bei der Demissioun vun der Madame Bianca Faber e Bréif virläit, an deem si d'Demissioun selwer freet. A bei der Madame Fantini ass keen esou e Bréif dran, wou si selwer d'Demissioun ufreet. Mee et ass just de Bréif vun der Partei, dee virläit. Gëtt et esou e Bréif ? Well dat gesäit elo e bëssen droleg aus wann d'Partei do d'Demissioun freet fir de Member.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt a priori d'Madame Fantini eng ganz Rei Kéieren net do war an datt si eigentlech vu vir eran démissionaire ass. Doduerch hu mer et als Partei esou bruecht. An eisem Reglement steet, datt, wann een dräi Mol hannereneen net do ass, een net kann derbäi sinn.

Démissions de Mme Fantini et Mme Faber accordées à l'unanimité.

Vote secret: Mme Christiane Hamen est nommée nouveau membre de la commission scolaire avec 15 voix.

Vote secret: Mme Sylvie Damé est nommée nouveau membre de la commission de la famille, des handicapés de la vie, de la solidarité et de l'action sociale avec 15 voix.

5.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre VII. - point 3. Piscine à toit ouvrant à Rodange - services spéciaux - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et geet hei drëm fir eng nei Tax ze schafen, an zwar eng „taxe remboursable", eng sougenannte Kautioun, an der Rodanger Schwämm. Der wësst alleguer, datt mer vill Erfolleg hu mat de Gebuertsdagspartyë vun de Kanner. Leider Gottes ass et awer esou, datt, wann esou eng Party fäerdeg ass, dat ganzt Material an der Schwämm trëllt. A wann den Daach op ass, da fënnt ee wierklech näischt méi erëm. An da sinn et eis Leit aus der Schwämm, déi dann duerch déi ganz Schwämm lafe musse fir dat ganzt Material nees sichen ze goen. Dat sinn haaptsächlech Bäll, mee och Kapen, Spiller fir am Waasser. Et ass och scho méi dacks virkomm, datt dat Material net méi ze zeréck ze fanne war, esou datt een dovunner ausgoe konnt, datt deen een oder aneren e Ball mat heem geholl huet. Mer mengen, datt mer dofir sollen eng Tax sollen aféieren. Dee Moment, wou se d'Material kréien, mussen se déi Tax hannerleeën. Mer géifen déi Tax op 10 Euro festsetzen, well mer am Fong geholl net wëllen dee Präis ze héich maachen an eis och net dorunner beräicheren. Mee déi 10 Euro ginn nees zeréck un d'Leit, wa se nees alles opgeraf an agesammelt an ofginn hunn. Ech géif iech bieden, datt mer an de „Règlement général des tarifs" ënner dem Paragraph 7 „Piscines et bains" en Text derbäisetzen. An zwar „Taxe pour le matériel mis à la disposition lors des fêtes d'anniversaire – 10 euros. La taxe est remboursable en cas de restitution intégrale du matériel".

John Polfer (CSV):

Mer haten dat do an der Finanz- kommissioun, an et huet sech e bëssen ugesinn, ewéi wann dat eng Wuertspillerei wier. Et steet schonn am Reglement vun der Schwämm do geschriwwen, datt mer schonn eng Kautioun vun 10 Euro hu wa mer esou eppes verléinen. Schéngs, wéi ech mer och soe gelooss hunn, eng Kautioun kann eng Gemeng net an en Taxereglement schreiwen. An dofir heescht et elo net Kautioun, mee „taxe remboursable". Ob elo Kautioun oder Tax do steet, ech sinn averstanen – an d'Finanzkommissioun ass och däer Meenung – datt „taxe remboursable" soll drageschriwwe ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass genee dat, wat ech wollt soen. Psychologesch ass et net ganz gescheit, wann een nees dat Wuert Tax gebraucht. Well dat dobausse

ganz anescht ukënnt, wéi dat gemengt ass. Dofir wollt ech proposéieren – an ech krut jo elo eng Erklärung, datt een dat Ganzt soll Kautioun nennen. Well mat Taxe jongléieren, dat kënnt net ëmmer gutt u well d'Leit dat net ëmmer richteg verstinn.

John Polfer (CSV):

Wéi et schéngt ass de Ministère net domatten averstanen. Den Intérieur huet dat refuséiert, mee wat ass d'Ursaach ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hiewen déi 10 Euro op fir datt mer d'Garantie kréien, datt d'Leit dat dann och nees ofliwweren, wou s'et siche kommen an net iergendwou néierleeën. Dorëm geet et jo. Sécherlech géif d'Wuert Kautioun besser ukommen, mee wa mer awer an eisem Taxereglement Problemer kréien, dann nenne mer et „taxe remboursable" a mer soen de Leit, et wier eng Kautioun, déi se miissten hannerleeën.

Guy Brecht (LSAP):

Den Här Polfer an den Här Becker hu schonn en Deel vu menge Froe gestallt. Ech wollt awer just froen, ob déi Gebuertsdagsfeieren och si wann d'Schwämm op ass, also wann och aner Leit dobanne sinn. Oder ass dat eng geschlosse Gesellschaft ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Gebuertsdagsfeiere ginn am Viraus ugemellt. Mer wësse jo dee Moment net, wéivill Leit an der Schwämm sinn a mer huelen all Gebuertsdagsfeier un. Déi sinn och wann d'Schwämm op ass. Et ass jo e feste Rendez-vous, an déi hunn och Prioritéit fir eranzekommen. Et ass jo esou, datt mer – wann d'Wieder gutt ass - begrenzt si wat d'Zuel vun de Leit ugeet. Mee da mussen aner Leit zeréckstoe well de Gebuertsdag jo ugemellt ass. Awer nëmmen, wann eemol esou vill Leit an der Schwämm wieren.

Guy Brecht (LSAP):

Mee da kënnt der jo net ëmmer déi Leit responsabel maache wann esou vill Leit an der Schwämm sinn. Da mussen et jo net ëmmer déi sinn, déi responsabel si fir d'Material. Wann dann elo aner Leit mengen, si miissten e Ball mat heem huelen. Dat musse jo keng aus däer Grupp sinn. Ech hu wierklech gemengt, datt dat eng geschlosse Gesellschaft wier, wou keen aneren erakéim.

Gilbert Welter, Schäffen:

Neen, déi kënne mat derbäi sinn. Mee si sinn awer gréisstendeels an deem Deel vun der Buvette, wou se dann och hire Gebuertsdagskuch hunn. Si feieren do och mateneen. Si hu sech zesummen op eng Lëscht agedroen a spillen och mateneen. Si sinn och responsabel fir hiert Material. Wann et elo virkënnt, datt een hinnen e Ball ofhëlt, da musse si dat beim Schwammmeeschter mellen.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht jo dann, du bezils eng Tax vun 10 Euro wann s de eng hallef Dose Bäll louns. An du weess, datt, wann s de d'Bäll net zeréck gëss, de och deng 10 Euro net erëm kriss. Do muss een sech awer d'Fro stellen, ob et net méi rentabel ass fir sechs Bäll mat heem zu huelen an déi 10 Euro dann zeréck ze loossen. Ech weess jo net, wat fir e Wäert déi Bäll oder dat Material hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech mengen, et ass jo awer esou, datt déi Leit jo bekannt sinn. Se hu jo hir Nimm an Adress uginn. Wann et esou krass wier, da kéint ee jo och intervenéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, et kann een driwwer diskutéieren, mee hei hu mer eng Méiglechkeet fir e bëssen Uerdnung an dat Ganzt ze kréien. Et ass eng Demande vun eisem Personal, dat do ënne schafft an dat d'Situatioun jo awer relativ gutt kennt. Ech géif proposéieren, dëse Punkt awer zum Vote ze ginn an ze kucken, ob dann och eng Majoritéit déi „taxe remboursable" vun 10 Euro unhëlt fir eise Leit et méi einfach ze maachen.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre IX. Ecole de musique - mise à la disposition d'un instrument - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn ëmmer nees bestrieft fir d'Taxen aus den dräi Musekschoulen aus dem Kordall gläichzestellen. Do hu mer festgestallt, datt mer par rapport zu de Gemenge Käerjeng an Déifferdeng keng Tax ophiewen, wa mer eise Musikanten, eise Schüler en Instrument zur Verfügung stellen. Mer sinn och der Meenung, datt dat eigentlech net grad ganz équitabel ass zu deenen anere Schüler, déi hir Instrumenter musse kafen. Dofir proposéiere mer dem Gemengerot eng Tax vun 100 Euro. Et ass och déi Tax, wéi déi Käerjenger se hunn. An dann hätte mer och eng Uniformisatioun an alle Musekschoulen am Kor-Basseng op dësem Plang.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech erëm de psychologeschen Effekt mat enger neier Tax. Do wollt ech iech awer froen, wat fir eng Instrumenter dat sinn, ob do e Schüler aus der Musekschoul vu Blockflûte iwwer wat och ëmmer zur Verfügung gestallt kritt. Wat ass dann elo de Gebrauch a wat fir Instrumenter kéinten d'Leit dann do zur Verfügung gestallt kréien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn eng ganz Rei vun Instrumenter a mer kënnen iech och eng Kéier d'Lëscht gi vun deem, wat mer hunn. Haaptsächlech sinn dat Instrumenter wéi eng Gei, eng kleng Harf, déi ee brauch, mee déi ee vläicht net éiweg kann huelen. An do géifen d'Leit léiwer dat Instrument léine fir dann eréischt hanneno dat richtegt Instrument ze kafen, well dat jo awer nëmmen eng Tëschestatioun ass. Ech weess awer och, datt mer Saxophonen an eiser Schoul sinn. Et ass awer och esou, datt een net alles ka lounen. Dat, wat do ass, ka geléint ginn. Mee et ass awer net esou, datt mer all Instrument wäerte kafe fir et ze verlounen. Dat kënnt net a Fro. Mee et sinn haaptsächlech déi, wou mer vun der Schoul gesot kréien, datt et Instrumenter sinn, déi een als Famill net keeft well een se net éiweg ka gebrauchen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Huet d'Musekschoul dann e Stock vun esou Instrumenter? Gëtt et do e ganze Stock, wou d'Leit dann drop kënnen zeréckgräifen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo. Mär kafe regelméisseg Instrumenter. Viru Joeren hu mer Geie kaf an och kleng Harfen. Dat ass och ëmmer am Budget verankert. Ech géif soen, datt mer fir e puer Dausend Euro all Joer un Instrumenter kafen, respektiv se ginn erneiert. Mee et sinn awer virun allem déi Instrumenter, wou mer vun der Schoul gesot kréien, datt d'Leit se net gäre kafe well d'Kanner se no fënnef oder sechs Joer net méi kënne gebrauchen.

Accord à l'unanimité.

5.4.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt

commercial pour l'année 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der leschter Zäit sinn hei am Süden Diskussioune gefouert ginn. Am Kader vum ProSud hunn déi 12 Gemenge sech zesummegestallt, wéi déi eenzel Tariffer an den „taux multiplicateur" an eise Gemenge sinn. An dat mat enger Bestriewung fir se um Niveau vum ProSud gläich ze stellen. Dat ass och eng Bestriewung, déi mer ëmmer méi am Süden hunn. Mer sollen eis och net selwer Konkurrenz maachen, mee mer solle kucke fir do eng Uniformisatioun op deem Gebitt ze kréien. Mer sinn eis fir de Moment awer nach net 100-prozenteg eens gi well mer eigentlech véier verschidden Tariffer hunn. Zwou Gemengen, Käerjeng a Péiteng, louche bei 250%. Eng Rei Gemengen ewéi Esch oder Suessem, déi bei 275% louchen. Dann hu mer och eng Rei, déi bei 300% leien, an Déifferdeng, déi bei 350% läit. Mer hunn awer geduecht, mer kéinten eis an enger éischter Etapp méi no kommen an do hunn d'Schäfferéit aus de Gemenge Käerjeng a Péiteng sech gesi fir dem ProSud virzeschloen, datt mär en éischte Geste géife maachen am Hibléck op eng Uniformisatioun am ganze ProSud an dowéinst vun 250% op deen ënneschte Niveau vun deenen anere Gemengen, also op 275%, géifen eropgoen. Esou hätte mer dann nëmmen nach dräi Tariffer, an zwar 275% - d'Stad Lëtzebuerg huet, esou wäit ech weess, och 275 -, 300% an 350%. Dofir géif ech hei virschloen, an déi Käerjenger hunn et schonn an däer leschter Sëtzung gemaach, fir och op 275% eropzegoen als Péitenger Gemeng. Op jiddwer Fall begréisst de Komitee vum ProSud dës éischt Efforten, déi mer maachen, an datt mer eis e bësse méi nokommen an et och eng Kéier fäerdeg wäerte brénge fir dee selwechten „taux multiplicateur" hei am Süden ze hunn. Dat spillt eng duebel Roll, mee et spillt haaptsächlech eng Roll fir déi Péitenger Gemeng, datt deen Deel, dee mär kréien aus dem ganzen Dëppe vun der Gewerbesteier, och an d'Luucht geet. Et muss een och wëssen, datt dee ganzen Impôt commercial zum gréissten Deel hei am Land iwwer de Bankesecteur, respektiv iwwer den Assurancesecteur oder d'SES eragezu gëtt, esou datt deen Deel, dee mer do kréien och an d'Luucht geet. Sécherlech bréngt dat och méi eran u Gewerbesteier fir déi Péitenger Gemeng. Mee dat war net déi éischt Suerg, déi mer haten. Déi éischt Suerg, déi do louch, dat war fir hei am Süden eng Zort Uniformisatioun op deem Gebitt ze kréien.

Roger Klein (LSAP):

Esou wéi dat hei erkläert gouf, ass et e Schrëtt op deem richtege Wee. Allerdéngs ass et d'Politik vun de klenge Schrëtt. Ech hätt do scho léiwer wann déi 12 Gemengen aus dem ProSud sech gëeenegt hätten a gesot hätten, si géifen am Joer 2008 alleguer dee selwechten Hiewesaz stëmmen.

Mer wësse jo, datt vun all Euro u Gewerbesteier, deen an eiser Gemeng agezu gëtt, 55 Cent bleiwen. 45 Cent gi jo an e gemeinsamt Dëppen, aus deem dann nees eng Ëmverdeelung gemaach gëtt. Mer wësse jo och, wéivill Gewerbesteier datt mer kréien. Dovunner ass allerdéngs dee gréissten Deel aus deem gemeinsamen Dëppen. An dat well an enger Gemeng wéi Péiteng nëmmen e Brochdeel vun deem agezu gëtt wéi zum Beispill an enger Gemeng wéi Betzder. Et pour cause. Kann der eis eng Zuel nennen, Här Buergermeeschter, wéi héich d'Gewerbesteier hei an der Gemeng Péiteng ass, déi agezu gëtt?

Wéivill mer am Ganze kréien, dat kann ee jo am Budget noliesen. Wa mer elo den Hiewesaz vun 250 op 275% héijen, dat ass jo eng Erhéijung vun 10%. Dat heescht jo, datt mer op dee „Préciput", dee mer hu vun der Gewerbesteier, déi mer anzéien, eng Erhéijung vun 10% hunn. Dat ass net signifikant, mee wéi ass d'Wierkung op déi Zomm, déi mer aus dem gemeinsamen Dëppe kréien, a Relatioun zu däer Erhéijung vun 10%, déi mer virhuelen?

Ech weess, datt et vläicht schwéier ass drop ze äntwerten. Der hutt als Buergermeeschter d'Recht, all déi Joere Lëschten ze froe vun der Gewerbesteier, déi bezuelt gëtt. Dat sinn zwar vertraulech Lëschten, mee kënnt der eis iergendwéi undeiten, aus wat fir enge Beräicher hei zu Péiteng haaptsächlech d'Gewerbesteier bezuelt gëtt? Ass et den Industrie- oder den Handelsberäich?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech si kee ganz grousse Frënn fir grouss Spekulatiounen ze maachen an ech géif dat do grad esou gär ganz genee nosiche fir iech dat ze ginn. Well effektiv brauch ech do méi detailléiert Donnéeën. Dat kritt der awer. Ech informéiere mech awer regelméisseg doriwwer, wou mer stinn. Dat heescht, déi Relatioun, déi hei akasséiert gëtt zu deem, wat mer am Fong geholl aus dem groussen Dëppe kréien, ass minimal bis inexistent. Dat heescht, et ass quasi keng Firma hei an der Gemeng – mat däer enger oder anerer Ausnam -, déi Gewerbesteier bezilt. Mer brauchen eis keng Suergen ze maache well et huet kee groussen Impakt op déi Firmen, déi Gewerbesteier bezuele well et der net vill sinn. Mee ech kann eng Kéier déi Lëscht ufroe bei der Steierverwaltung, an da kann ech iech wierklech e ganz präzise Chiffer nennen. Mee ech géif soen, datt et keng Konsequenzen huet fir eis Betriber, déi mer hei hunn. Dat kënne mer hei roueg soen.

Deen Deel, dee mer aus dem groussen Dëppen erakréien, ass wesentlech méi grouss wéi deen, dee mer vun eise Betriber anzéien.

Roger Klein (LSAP):

Deen Deel, dee mer aus dem groussen Dëppe kréien, dee gëtt jo determinéiert no véier verschiddene Critèren. Dat si jo d'Populatioun, d'Fläch vun der Gemeng esou wéi zwee aner Critèren. Wa mer also eisen „taux multiplicateur" ëm 10% héijen, da kréie mer och 10% méi aus dem Dëppen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dofir ass et och nach sécherlech en interessante Volet fir d'Gemengekeess.

Guy Brecht (LSAP):

Där hutt et scho gesot, Här Buergermeeschter, datt keng Eenegung ze fanne war mat de Südgemengen. Den Ënnerscheed ass do och e bësse krass wann ee bedenkt, datt Esch eng Gewerbesteier vun 275 % huet an Déifferdeng eleng mat 350 % un der Spëtz läit. Dat ass och eppes, wat een am ganze Land gesäit. Do geet et effektiv vun 225 % bis op 350 % erop. 225 %, dat sinn haaptsächlech déi Gemenge mat deene groussen Industriezonen ewéi Schëtter oder Leideleng oder och d'Stad Lëtzebuerg. Do kéint een awer och vläicht op e gemeinsamen Nenner kommen. Mär kënnen dat wuel net entscheeden, mee et wier vläicht eng Kéier fir vun uewen erof dofir ze suergen, datt een an Zukunft do op e gemeinsamen Nenner kënnt.

Ass et esou, datt, wann een d'Gewerbesteier méi niddereg hält a senger Gemeng, een och méi attraktiv ass fir nei Industrien unzezéien oder net?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass ganz kloer, datt, bei deene Betriber wou d'Gewerbesteier eng Roll spillt, dat sécherlech de Fall ass. Ech nennen do de Bankesecteur. Wann der gären de Sëtz vun enger grousser Bank hei zu Péiteng hätt, da setzt een d'Gewerbesteier erof. Dat huet Esch gemaach. Esch huet d'Gewerbesteier vun 300 % op 275 % erofgesat well do, menger Usiicht no, d'Demande fir eng Bank dohinner ze kréien den Ausschlag

ginn huet. Also wann der esou Betriber hutt, da spillt dat sécherlech eng Roll. Wa mer awer elo higinn a mer maachen eng „zone artisanale et commerciale" – déi eenzeg, déi mär nach kënnen hunn ass den 'Grand Bis' respektiv op der Fonderie, wou mer kënne Betriber hisetzen -, da bezuelen déi Betriber, wann se se bezuelen, net vill Gewerbesteier. Da spillt et sécherlech keng grouss Roll wéi héich eisen Taux ass.

Mer bleiwe mat 275 % um ënneschten Niveau. Wa mer Déifferdeng géifen ausklameren, dann hätte mer fir de Moment schonn eppes erreecht. Dann hätte mer eng Marge am ProSud tëscht 275 an 300 %. Déi eenzeg Gemeng, déi am Fong nach aus der Rei danzt am ProSud, dat ass d'Gemeng Déifferdeng mat 350 %. Mee ech verstinn och déi Déifferdenger. Hire ganzen Invest, deen se gemaach hunn, ass op déi 350 % gerechent. A wa si 50% zeréckginn, da schwätzt ee bei hinne vun 1 Millioun Euro, déi si manner hu bei de Recetten. Wann een dat iwwer e puer Joer mécht, da weess een, datt dat sech rechent. Ech géif soen, mer kéimen hei och nees e Schratt méi wäit. Mer hunn en Effort gemaach als Gemeng Péiteng, an et gëtt och d'Méiglechkeet am ProSud weider ze insistéieren, datt mer am Süde sollen zesumme schaffe fir eis eens ze ginn. Oder – an dat hat ech am ProSud virgeschloen – mer fannen eng Marge a mer soen, datt eis Gewerbesteier tëscht 275 an 300 % läit. An do wiere mer jo schonn derbäi wann net Déifferdeng do seet, si géifen net op dee Wee goen. Dat hu si och ganz kloer am ProSud gesot. Dat heescht, kuerzfristeg ass keng Eenegung ze fannen. Mee ech mengen, mer hunn als Käerjenger an als Péitenger gemengt, mer kéinten de Wee weisen andeems mer eropginn op 275 % ouni eis Betriber zevill ze strizen. Dat hei kritt kee groussen Impakt op eis Betriber, an et huet a mengen An och an Zukunft keen Impakt op dat, wat sech bei eis nach wäert installéieren. Well déi Betriber, déi sech bei eis installéieren, dat si keng Betriber, déi grouss bezuelen um Niveau vun der Gewerbesteier.

E leschte Punkt wëll ech awer och nach derbäisetzen. Dat ass, datt d'Uniformisatioun am ganze Land menger Meenung no richteg ass. Mee esou laang wéi de Modus vun de Finanzen esou ass, datt d'Gewerbesteier fir vill Betriber a verschidde Gemengen eng ganz grouss Roll spillt, an esou laang et keng aner Finanzéierungsmethode gëtt – do gëtt jo am neie Gesetz vun der Territorialreform dovunner geschwat an de Syvicol huet jo och seng Meenung dozou gesot – an et keng aner Distributiounsmethod gëtt fir d'Suen ënner deenen eenzelne Gemengen ze verdeelen, gleewen ech kaum, datt mer eng Kéier op dee Punkt kommen. An dat esou laang wéi dat do nach esou eng grouss Roll spillt. A wa mer eng Kéier op dee Punkt kéimen, da wäerte mer eis als Gemengen och eens ginn op deem Niveau.

Norbert Pierre (LSAP):

Déi meescht Froen, déi ech hei wollt stellen, sinn am Fong geholl scho beäntwert ginn. Ech hu just e klenge Problem domatter, datt an der Délibératioun drasteet „d'aligner ce taux à celui de la commune de Bascharage". Ech mengen, de ProSud huet jo am Fong dofir geschafft fir eng Harmonisatioun doranner ze kréien. Ech géif dat sträichen, well dat huet guer keng Daseinsberechtegung. Ech mengen, mär si grouss an al genuch fir, wa mer deen Taux wëllen op 275 % héijen, dat ze maachen. Mee mer brauche Käerjeng net dofir als Virbild ze huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn averstanen, datt mer et sträichen. Mee ech kann iech awer soen, datt, esouwuel dee Käerjenger ewéi dee Péitenger Schäfferot gesot huet, datt mer keng Eenzelaktioun géife maachen a mer och net op 275 % erop géife goe wann all déi aner bei 250 % géife bleiwen. Well dann hätte mer net vill erreecht. Dofir hu mer eis eng Kéier un den Dësch gesat a gefrot, ob si bereet wieren, och op 275 % ze goen. Doropshin hu mer dat zesumme gemaach. Wann déi Käerjenger 'Nee' gesot hätten, dann hätte mär et als Schäfferot och net virgeschloen, well dann hätte mer jo iwwerhaapt näischt zur Harmonisatioun vun dësem Taux bäigedroen. Da wiere mer déi eenzeg gewiescht an et hätt awer nach ëmmer den Taux vun 250 % ginn. Mee doduerch, datt déi zwou Gemenge gesot hunn, se géifen eropgoen, hu mer awer schonn déi verschidden Hiewesätz e bësse méi beienee kritt. Dat war de Grond. Mee mer kënnen dat awer aus der Délibératioun sträichen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen et, datt der am Virfeld mat deene Käerjenger Kollege geschwat hutt, mee et brauch awer net onbedéngt an enger Délibératioun ze stoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech proposéieren dann – och fir d'Sekretariat hannendrun – datt mer de Passage „d'aligner ce taux à celui de la commune de Bascharage" eraushuelen an einfach „de fixer ainsi le taux à 275 %" draschreiwen.

Accord à l'unanimité.

5.5.

Administration générale.

Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do proposéiere mer an dësem Stadium vun der Diskussioun – do gëtt jo och dervu geschwat fir eppes op nationalem Plang um Niveau vun der Grondsteier ze maache well et jo awer fir de Moment iwwerholl ass wéi mer am Ableck fonctionnéieren – an am Hibléck vun der grousser Modifikatioun déi an deenen nächste Joere wäert kommen, déi Tauxen do esou ze beloossen ewéi se de Moment sinn.

Accord à l'unanimité.

5.6.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesidd, datt mer d'Avance vum 2. Trimester vun der Gewerbesteier kruten, déi bei 2,2 Milliounen Euro läit. Dann hu mer och nach d'Avance vum 2. Trimester vun der Dotation de l'Etat kritt an der Héicht vun 4,9 Milliounen Euro. Mer hunn och nach eng Tranche krut vun der Päesch-Schoul, déi awer schonn 2 Joer op ass, a wou mer elo nach eng Kéier 150.000 Euro krut hunn. Et wäerten do awer nach ongeféier 300.000 Euro opstoen an et wäerten och nach e puer Tranche kommen ier mer dann déi Suen all wäerten eranhunn. Am Total hu mer elo Recette fir 7.363.415,83 Euro virzeschloen.

Approbation à l'unanimité.

5.7.

Administration générale.

Conventions de cofinancement, dans le cadre du programme « FEDER Objectif 2 », avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, pour plusieurs réalisations communales - approbations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Kader vum PiKo hate mer jo e Subsid, also FEDER-Suen an Aussiicht

gestallt krut an der Héicht vun 1.618.812 Euro. Mer haten och ongeféier 1,3 Millioune krut. Nodeems eng Kontroll vun der europäescher Institutioun virgeholl gouf, huet sech erausgestallt, datt et eng Divergenz gëtt tëscht der nationaler an der europäescher Legislatioun um Niveau vum „marché public". An do huet sech dat Kontrollorgan um Niveau vum „marché supplémentaire", dee mer gemaach hu fir den Daach an aner Aarbechten, gestouss. Si hunn do e Problem dermat obwuel et komplett konform ass mat eiser nationaler Legislatioun a mer och all Autorisatiounen haten. Mer hunn och argumentéiert, datt et net anescht konnt si well do e Betrib amgaang war ze schaffen, an datt verschidden Aarbechte wéinst deem Marché net konnte gemaach ginn an ersat goufen duerch Aarbechte vum 2. Marché. Esou datt eigentlech keng aner Alternativ do war. Mee dat huet hinnen trotzdem net gefall, a si hunn eis dee Subsid vun 1,6 Milliounen Euro op 1 Millioun Euro erofgesat.

Mer haten awer do 200.000 oder 250.000 Euro méi krut wéi déi Zomm do, a mer hunn zesumme mat dem Wiertschaftsministère versicht, Saachen ze fannen, déi och fir de Programm FEDER 2004 bis 2007 a Fro kéinte kommen a fir déi Zomm, déi mer scho krut haten, iwwer deen heite Wee ze kréien. Do koumen e puer Saachen a Fro: de Park 'Am Plon', d'Rodanger an déi Péitenger Gare – de Réaménagement – d'Sportshal zu Rodange an d'Renaturatioun vun der Kor. An dofir hutt der elo hei dräi weider Konventiounen, wou déi Konventioune mat dem Wiertschaftsministère ënnerschriwwe goufen. An dat fir datt mer déi Zomm, déi mer jo fir de Moment zur Verfügung gestallt kruten, och kënne behalen, an datt mer déi dann iwwer aner Subventioune kënne kompenséieren. Wa mer déi Konventiounen hei ënnerschreiwen, a se och ugeholl ginn, da brauche mer net 100.000 oder 200.000 Euro un d'europäesch Kommissioun zeréckzebezuelen.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.1.

Personnel.

Modification de la convention collective des ouvriers des communes du sud - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

No laange Méint vu Verhandlungen ass en Avenant zum Kollektivvertrag vun de Südgemenge gemaach ginn. De Kollektivvertrag war den 1. Januar 2007 ofgelaf. Am September 2006 hu mer eis scho getraff fir unzefänken ze diskutéieren. Den Ofschloss gouf den 4. Juli 2008 gemaach, wou mer dann dee Kollektivvertrag an deen Avenant ënnerschriwwen hunn. Et ass net allzevill wat geännert huet.

Dat eent ass eng Transpositioun vum „accord salarial" am ëffentleche Secteur. Dat heescht, wann dee Kollektivvertrag vum Gemengerot gutt geheescht ass, kréien d'Aarbechter eng zousätzlech Prime vun 0,9% ausbezuelt. An de Punktwäert geet och ëm 1,5% fir d'Zukunft an d'Luucht.

Wat fréier „jours de fête" waren, sinn elo a „jours de congé" ëmgewandelt ginn. Dat ass de Fuesméindeg, Allerhellgen, de Kiermessonndeg. Dat gëtt elo Congé, dat heescht, si kënnen se elo huele wéi se wëllen. An dat gëtt och méi Flexibilitéit. Dat heescht, mer hu méindes net komplett zou am Betrib, mee si huelen se méindes wann se wëllen, oder och en aneren Dag, deemno wéi d'Aarbecht et erlaabt. Et ass ze begréissen, datt mer do einfach méi Flexibilitéit erakréien.

Da si verschidden Upassungen un déi sougenannte Gesellschaftsnorme gemaach ginn. Wann een e Pacs ageet - et muss een also net méi bestuet ginn -, da kritt een och Congé. Och wann een eng Adoptioun mécht, da kritt ee Congé esou wéi wann een e Kand kritt hätt. Fir eng Gebuert ass et ëm een Dag op fënnef Deeg an d'Luucht gaangen. Dat géif ech éischter als e klengen Accident bezeechnen. Ganz am Ufank hate mer eis dorop gëeenegt an duerno hu mer gesot, datt mer awer eng Divergenz mat deem aneren ëffentleche Secteur hu wou et nëmme véier Deeg sinn. Bon, et ass awer dran a mer konnten och net méi hannerzech goen.

Et besteet och d'Méiglechkeet, wann en Handwierker wëll e „changement de carrière" maachen, datt e soll eng schréftlech Prüfung maachen. Et stoung am Kollektivvertrag dran, mee et war awer net kloer gesot, wéi déi schréftlech Prüfung oder déi praktesch Aufgab soll ausgesinn. Elo hu mer eis gëeenegt fir eng gemeinsam Examenskommissioun fir de ganze Süden ze maachen, esou datt d'Normen iwwerall déi selwecht sinn.

Wat och nei ass, dat ass e „paritätisches Sozialobservatorium". Dat ass am Fong geholl esou geduecht, datt eng Kommissioun besat gëtt fir all déi Leit, déi méi schwéier ze vermëttele sinn a fir ze kucken, ob et eng Méiglechkeet gëtt fir se ënnerdag ze kréien. Grad well een och däer Meenung war, datt d'Gemengen trotz hirer méi kommerzieller Orientatioun och nach eng sozial Missioun hunn a miisste kucken, ob esou Leit net awer eng Plaz an enger Gemeng kréie kéinten ënner verschidde Konditiounen. An dat no dem Motto « léiwer d'Aarbecht bezuelen ewéi d'Aarbechtslosegkeet ». Do soll dann elo esou en Observatorium zesummegestallt gi fir ze kucken, wéi d'Critère sinn. Dat ass awer nach relativ flu, et gouf elo emol just de Wëllen ausgedréckt, datt dat an Zukunft och soll gekuckt ginn.

De „congé social" gëtt elo „congé familial", an dat sinn, mengen ech, déi markanst Saachen, déi dra sinn. Dat anert ass generell eng Upassung mat der Carrière selwer, wou een heiansdo e Joer éischter an de Genoss vum Endstadium kéim oder éischter an eng aner Grupp kann eropkommen. Dat ass ëmmer esou däers Gespills, wat matgemaach gëtt. Summa summarum kann ee soen, datt et e Kontrakt ass, deen de Patron ouni Weideres kann unhuele well et eis all ënner dem Strëch net zevill wäert kaschten. Et huet méi eng sozial Komponent dran. D'Gemenge sollen am Fong geholl no deene méi Geschiedegte kucken an deenen eventuell eng Perspektiv an der Gemeng bidden. Positiv ass och, datt dëse Kontrakt bis den 31.12.2009 leeft. Dat heescht, elo hu mer emol ee Joer virun eis, wou mer net musse verhandelen. Dat anert Joer geet et dann nees lass mat dem Verhandelen. Normalerweis war et esou, datt, wa mer e Kontrakt ënnerschriwwen hunn, mer och schonn nees bal amgaang waren ze verhandelen. Hei hätte mer e bësse Loft derbäi. D'Sozialpartner waren och der Meenung, datt mer e ganz gudde Kontrakt hunn. Net nëmmen dee beschten hei am Süden, am Land, an Europa mee an der Welt an doriwwer eraus. Et misst ee kënne soen, datt dat hei ee vun deene beschte Kollektivverträg ass, déi et jee ginn ass. Dofir ass och net méi ganz vill drun ze feilen, ausser vläicht un däer sozialer Nout.

An deem Sënn géif ech iech bieden, dat mat ze droen. Et ass eppes, wat akzeptabel ass. Et steet am Zeeche vun der Zäit, et ass eben och am Sënn vun engem „statut unique" gehandelt ginn. An deem Sënn, mengen ech, kënne mer dat do mat guddem Gewëssen ënnerschreiwen.

Camille Bosseler (CSV):

Hei hunn eis Leit jo hir Rechter matgedeelt kritt. Ech géif trotzdem hoffen, dass se hir Flichten net géife vergiessen. An da wollt ech awer och

nach froen, ob et en Organigramm vun eise Betriber gëtt? Well do si jo och Ännerunge komm.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn en Organigramm, dee mer hei och gestëmmt hunn. Dee gëtt nominell op dee leschte Stand bruecht wa mer elo déi lescht Entscheedungen hei getraff hunn. An et kéinten der jo nach geholl ginn. Wa mer dat alles fäerdeg hunn, da kënne mer en aktualiséierten Organigramm mat den Nimm virleeën. Et changéiert awer näischt un de Strukturen. Déi bleiwen de Moment sinn.

Wat een zum Kollektivvertrag ka soen, dat ass, datt dat hei d'Rahmebedingunge sinn. Da hei ass am Fong geholl dat, wat d'Pei entscheet. Loosse mer soen, d'Flichten an d'Rechter vun den Aarbechter. Mer sinn awer och amgaang – an dat wäerte mer och virum Enn vum Joer fäerdeg kréien – en internt Reglement festzeleeën. Mer hunn dat fréier eng Charta genannt. Mer sinn awer vum Numm Charta erofkomm, well dat vläicht héich gegraff ass. Mee mer sinn awer praktesch prett fir en internt Reglement op den Dësch ze leeën, wou mer déi heite Saache praktesch detailléieren an ënnermolen. Wann do steet, datt eng Sanktioun ka geholl gi wann een eppes mécht, da solle mär festhalen, wéi de Werdegang ass fir déi Sanktioun ze huelen. Op wat fir engem Niveau déi Sanktioun geholl gëtt a wéi déi Sanktioun kann ausgesinn. Dann ass och jidderee kloer informéiert. Dat hei ass heiansdo eppes, wat diffus ass a wou een net gesäit, wat drasteet. Mär maachen awer elo ganz kloer Schrëtt an déi Richtung, mee mer loossen se awer nach vun engem Jurist iwwerpréiwen, ob mer do komplett am Kader vum Aarbechtsrecht an och vum Kollektivvertrag leien. An da kréie mer dat och nach als Zousaz op den Dësch.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt just eng Informatioun iwwer d'Kreatioun vun dem „paritätischen Sozialobservatorium" kréien. Wat soll dat heeschen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass déi Affär vun dem soziale Critère, wou ee seet, et gëtt elo esou gutt vun der Gewerkschaft wéi vun dem Patronat, vun de Gemengevertrieder eng Kommissioun geschaf. An da gëtt gekuckt - opgronn vu Statistiken – wat fir Aarbechtsloser an deenen eenzelne Gemenge sinn a wat fir Demandeuren do sinn. Huele mer un, datt e Mann oder eng Fra vun 50 oder 51 Joer, déi iergendwéi aarbechtslos sinn an déi sech dorëmmer beméie fir eng Aarbecht ze fannen, trotzdem keng fannen. Déi ginn dann duerch sozial Moossname begleet. An hei war d'Meenung, datt et besser wier d'Aarbecht ze bezuelen ewéi d'Aarbechtslosegkeet. Wa mer do näischt ënnerhuelen, da bezuele mer deene praktesch bis 58 oder 60 Joer Chômage oder RMG a mer hunn näischt vun deem Mann oder vun däer Fra, déi néierens méi agesat ginn. Déi sinn awer capabel fir déi eng oder aner Aarbecht ze maachen. An da gëtt gekuckt, ob een net kann an der Gemeng liicht Saache fanne fir esou Leit ze beschäftegen. Et ass vläicht esou, datt se net méi voll agesat ginn, mee datt se vläicht dann awer kënnen eng sënnvoll Beschäftegung kréien. Dat soll an deem Grupp ënnersicht ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Perséinlech begréissen ech dat do 100-prozenteg. Et ass jo och mat de Gewerkschaften ofgeschwat, an déi hu jo och hir Ënnerschrëften drënner gesat. Dat ass tipptopp an der Rei. Wa mer dat do vläicht virun e puer Joer gehat hätten, dann hätt et eis e puer onnéideg Diskussiounen hei erspuert, wou verschidde Leit sech ongerecht behandelt gefillt hunn, a wou et eis vill Pabeierkrich kascht huet.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Création d'un poste d'ouvrier dans la carrière de l'artisan CATP sanitaire (m/f) - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass fir eisen Service „Hygiène et Eau". Einfach aus der Iwwerleeung an aus der Kenntnis eraus, datt mer eng „demande de congé sans solde" virleien hu vun eisem Préposé, dem Här Schlottert Alain. Hie preparéiert sech fir an d'Schoulwiesen eriwwer ze goen als Chargé de cours. Hie wäert, wéi et schéngt, dat anert Joer net méi bei eis sinn.

Op däer aner Säit wësse mer och, datt mer eng Persoun intern mutéiert hunn opgronn vun senger Demande a well mer dat och ausgeschriwwen haten. Deen ass vum Waasserbetrib an de Recyclingcenter gewiesselt. Mer wëssen och, datt d'Direktiv 'Eau' virun der Dir steet, dat neit sougenannt „Wasserrahmengesetz", wou e ganze Koup nei Obligatiounen op eisen Service zoukommen. A mer sinn der Meenung, datt et elo un der Zäit wier fir en neie Posten hei ze schafe well mer do effektiv e Manktem hunn a well mer och wëssen, datt mer an der Zukunft deen Service nach méi musse verstäerken ewéi en elo ass. An deem Sënn wollte mer elo schonn dee Poste schafen.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums - 1er semestre 2008 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass e Vote, dee mer jo och all Joer duerchzéien. Dëst Joer si véier Griewer bis ewell gefrot ginn. Et sinn och am ganze sechs Kolumbarien ugefrot ginn.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Propriétés.

Avenant, au contrat de bail avec Waagner Biro S.A. de Rodange, pour la location des immeubles sis à Rodange, rue des Ecoles 1 et 1a - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Der wësst, datt d'Firma Waagner Biro jo scho méi laang bei eis lount. Nieft hirem Gebai, dat si gelount hunn, ass eng kleng Annexe fräi ginn. Si sinn un eis erugetrueden an hu gefrot, ob mer hinnen déi net kéinte mat verlounen. Et ass e klengt Lokal, esou datt mer hinnen dat och zougestanen hunn. De Loyer bleift gläich, e geet net an d'Luucht. Ech mengen, et wier eng gutt Saach, wann déi Firma dovunner kéint profitéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Viru Joeren hate mer jo dat selwecht well ëmmer wéinst dem Loyer gefrot ginn ass. An do war jo scho gesot ginn, datt d'Firma eventuell an de Grand Bis géif goen. Deemools war dat ugeklongen, datt se do eppes wëlles hätten.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Si géifen och eventuell goe wa mer en Terrain hätten. Mee fir de Moment steet et net zur Diskussioun.

Guy Brecht (LSAP):

Ech ka mech erënneren, datt mer eng Kéier am Virfeld diskutéiert hunn iwwer eng Jugendherberg hei an der Gemeng. Deemools war gesot ginn,

datt mer miisste waarde bis de Kontrakt ofgelaf wier, an da géife mer nach eng Kéier froen, ob do esou eppes dra wier. Wéi et schéngt, gëtt et hei awer keng Jugendherberg. Déi Installatiounen hate mer eis opgelooss fir eng Jugendherberg dohinner ze maachen. Dorunner kann ech mech emol erënneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu deem Punkt muss ee kloer soen, datt mer intensiv Gespréicher amgaang sinn ze féieren. Mee dee Site do kënnt dofir net a Fro. Mee mer sinn awer do nach ëmmer um Ball.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt just froen, wéi et sech an deem Kontrakt hält mat dem Erhale vun den Alentouren. Well et gesäit heiansdo ganz schro aus ronderëm dat Haus, wou mer scho laang Joere Loyer erakréien.

Ass net virgesinn, fir vläicht e puer Saachen do am Gebai an d'Rei ze maachen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer sinn amgaang, dat Haus e bëssen a Stand ze setzen. Et gesäit effektiv vétuste aus. Mer hunn och schonn an der leschter Zäit zweemol Fënsteren ersat. Et muss ee souwisou kucke fir d'Fassad nei ze maachen. Ronderëm miisst jo de Locataire säin Haus an der Rei halen. Do kéint ee vläicht nach eng Kéier u si eruntriede fir datt se hir Alentoure selwer géingen nokucken oder e Gäertner komme loossen, deen do e wéineg derno géif kucken. Se hunn et eng Zäit laang gemaach. Mee ech hunn och d'Impressioun, wéi wann dat an der leschter Zäit e bëssen noloosse géif. Mee do kann een eng Kéier hannendru goen. Mat deene Reparature awer si mer effektiv amgaang.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dee klenge Park, deen do derbäi ass, ass eng richteg Hondstoilette. Do si Leit, eng hallef Dosen, déi gi mat hiren Hënn dohinner an op déi zwee Parkingen uewen, an déi kenne keng aner Plaze fir mat hiren Hënn ze goen. Do wier et ubruecht – dat ass och an all anere Stied a Groussstied esou – fir esou Leit eng Kéier an d'Bild ze setzen. Eis Pecherte kéinten dat gutt mat kontrolléieren. Et wier an dräi Deeg geschitt. Mee et miisst een déi Leit awer drop hiweisen, datt dat net eescht ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass scho richteg, wat der do sot. Mee et ass esou, datt et fir de Moment un der Kontroll happert well mer eis „agents municipaux" net dierfe mat däer Aarbecht chargéiere well se den Ableck nach kee Recht hu fir dat ze kontrolléieren. Mee et ass jo en neit Gesetz um Instanzewee, wou si dat kéinte maachen. Mer musse wëssen, datt, wa mer dat do un d'Police weiderginn, déi dann net dat néidegt Personal huet fir dat ze maachen. Do kréie mer op alle Fall ëmmer gesot, datt se de Moment aner Aufgaben hunn, déi méi wichteg sinn an déi se komplett beschäftegen. Ech hu just eng Hoffnung, an ech mengen, dee ganze Schäfferot huet déi Hoffnung, datt, wann dat neit Gesetz kënnt an déi „agents municipaux" hiren Aufgabeberäich vergréissert kréien, mer op dee Wee gi fir och déi do Kontrollen ze maachen. Da musse mer natierlech och nach deen een oder anere weider astellen. Ech denken och u Saachen, wou Leit hir Gäert net ënnerhalen a wou d'Nopere rose sinn, datt alles wiisst, d'Hecken – och vis-à-vis vun den ëffentleche Weeër – net geschnidden an ze héich ginn, d'Trottoire gi méi kleng an esou weider. All déi Saache kéint esou en „agent municipal" ganz gutt feststellen. A wa mer elo déi néideg Mëttelen a Leit hunn, an hinnen och déi néideg Muecht gi fir dat ze kontrolléieren, da kënne mer och hei eng Tax stëmmen, wou eng „amende" festgeluegt gëtt, an da kënne mer déi och anzéien. Mee esou laang ewéi dat net ass komme mer doranner net virun. Mee ech si gudder Déng, well d'Gesetz ass jo um Wee fir gestëmmt ze ginn.

Approbation à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm déi Leit, déi ersat goufen, well se aus iergendengem Grond gefeelt hunn. Ech muss awer do soen, datt net all Leit krank sinn, mee och Leit dobäi sinn, déi hu miissten en Ersatz bezuele well se sech aus perséinleche Grënn en Dag fräi gefrot hunn an doduerch dann och fir déi Käschten opkommen, déi do ufalen.

Ratification à l'unanimité.

8.2.

Enseignement.

Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2008/2009 - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt am Schoulgesetz virgesinn ass, datt déi Leit, déi Schoul do halen, vum Bistum vu Lëtzebuerg virgeschloe ginn. Mär mussen als Gemeng Péiteng déi Lëscht guttheeschen oder och net.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech géif mech bei deem Punkt hei enthalen, well mer nach ëmmer als 'Déi Gréng' fir e Wäerteunterrecht sinn a mer dergéint sinn, datt Religioun an de Schoulen ënnerriicht gëtt. Virun allem nëmmen eng Religioun. An et ass eng privat Saach, déi jidderee soll maache wann en dat wëll maachen. Ech kann net dergéint stëmme well de Législateur jo virgesäit, datt déi Prozedur hei esou leeft, an dofir wäert ech mech enthalen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn averstanen, datt dir dat maacht, mee ech sinn awer net mat ärer Meenung averstanen. Ech sinn en Demokrat, a wann 80% vun eise Kanner - an d'Elteren och - dat do wëllen hunn, da solle si dat och a mengen A kréien.

Approbation avec 10 voix et 5 abstentions (Mme Gansen, MM. Becker, Brecht, Muller et Pierre).

Lily Gansen (LSAP):

Ech motivéiere meng Enthalung domat, well ech gréisstendeels mam Här Becker averstane sinn. Mee ech ginn nach doriwwer eraus. Ech fannen, Religiounsunterrecht – wann et ugebuede gëtt – soll fir all Religioun ugebuede ginn. An dat ass mär ze eesäiteg. Mer sinn all Katholiken, dat ass an der Rei, mee et sinn och aner Leit hei, déi eng aner Religioun hunn. An deene bidde mer näischt. A virun allem sinn ech der Meenung, Schoul soll Schoul sinn, Parteie solle Parteie sinn, a Religioun soll Religioun sinn.

8.3.

Enseignement.

Ecole « Am Paesch » à Rodange: mise en conformité du bâtiment existant - approbation d'un devis supplémentaire et vote d'un crédit additionnel - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir gesidd, mer mussen eng „mise en conformité" maachen an deem ale Gebai vun der Paesch-Schoul. Do sinn elo gewëssen Oploen un eis erugedroe ginn. An zwar éischtens brauche mer „portes coupe-feu" well déi Diren, déi mer de Moment hunn, net méi an der

Norm sinn. Déi brauchen en Zertifikat, deen natierlech net op deenen Diren ass. Dofir musse mer dann elo gewëssen Extraë maachen. Déi Dire brauchen en „sélecteur de vitesse" well fir d'éischt ee Volet an dann deen zweeten zou soll goen. Si brauchen e „joint foisonnant", dee muss drop gemaach gi fir datt d'Dire kënnen hermetesch zougemaach ginn. Si brauchen och eng „serrure anti-panique", an dofir musse mer dann haut och en Zousaz stëmmen.

Wéi mer dat hei an Ugréff geholl hunn, hu mer geduecht fir déi aner Dire vun de Klasse och ze ersetzen. Grad well se net méi deenen heitege Critèren an dem heitegen akustesche Standard entspriechen. Mer bieden iech dann haut, en Zousatzkredit vun 60.000 Euro ze stëmme fir datt mer déi ganz Aarbechten do kéinten ufänken.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt froen, firwat et net direkt mat deem anere matgemaach ginn ass? Dee ganzen Devis war jo och vu kompetente Leit opgesat ginn. Da miisst et jo awer bal méiglech sinn, datt déi och esou wichteg „portes coupe-feu" a Betruecht zéien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Mann vum Kontrollbüro war eréischt virun enger kuerzer Zäit do, an do huet deen dat aalt Gebai ënner d'Lupp geholl. An do sinn dës Extraë komm. Mär hunn ëmmer gemengt, déi Dire wieren nach konform. Se sinn iwwer zéng Joer al. Déi Zertifikate feelen, an dofir musse mer dat nomaachen. Mer kënnen elo nach frou sinn, datt mer se kënnen nomaachen, well dat gëtt eis méi bëlleg. Wa mer se miisste ganz nei maachen, da wiere mer op d'mannst 50.000 oder 60.000 Euro fir dës Dire lass, ouns déi aner. Mer mussen eis einfach deem stellen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll derbäi setzen, datt näischt méi konform ass wat virun 20 Joer gutt war. Dat stellen ech haut fest.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer kréien ëmmer nei Oploen. An all Kéier, wa se kommen, da fannen se och eppes aneschters, sou datt mer all Kéier mussen eppes zousätzlech maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech froe mech just, wéi mär dann an d'Schoul gaange sinn. Mär ware jo schéngs ëmmer a Liewensgefor.

Jeannot Linden (LSAP):

Bon, mer hunn dat gelies. A wann et muss gemaach ginn, da soll et jo och gemaach ginn. Mee ech huele jo un, datt elo näischt méi nokënnt. Wann elo Diren ersat ginn, da mussen och Reparaturen an Ustrach gemaach ginn. Net datt mer duerno nees mussen ufänken. Et wäert jo alles hei dra sinn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär si souwisou amgaang mat eise Leit unzesträichen. Mer hu jo och eng Elektrofirma, déi amgaang ass, d'Elektrescht an de ganze Schoulsäll nei ze maachen. Och am ale Gebai, esou datt mer do konform sinn an dem heitege Standard entspriechen.

Carlo Gira (CSV):

Ech deelen e bëssen dem Här Buergermeeschter seng Iwwerleeung, well ech froe mech och, wéi wäit datt dat elo féiert, wann all puer Joer nei Bestëmmunge kommen a mer nees kënnen ufänke wa mer knapps mat eppes fäerdeg sinn. Dofir ass och meng Fro, wéi laang mer dann elo mat deem heite gutt sinn ier mer nees mussen ufänke mat rappen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann een eng Annexe baut – dofir si mer jo och hei am ale Gebai vun der Gemengeverwaltung amgaang – gëtt dat ganzt Gebai gekuckt, an da gëtt och no deenen neie Bestëmmunge gekuckt. An dat ass iwwerall esou – an der Neiwiss-Schoul, an der Fonderie-Schoul, an der Paesch-Schoul war et esou an heibannen ass et och esou. Iwwerall wa mer ufänken ze schaffen, da gëtt dat Ganzt gekuckt, an da stellen se fest, datt eppes net konform ass an dat musse mer da mat änneren.

Carlo Gira (CSV):

Wéi ass et dann do mat der „autonomie communale" ? Du kriss ja awer geschwënn alles virgeschriwwen, da bleiwe jo geschwë keng Sue méi.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Autonomie ass ewell ganz kleng geschriwwen an deem do Volet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn awer elo amgaang, all Schoule konform ze maachen, andeems déi al Gebaier och a Stand gesat ginn. D'Sportshal identesch. Ech kann nëmmen dovunner ausgoen, datt, wann nach 3 oder 4 Joer erëm sinn, mer eis Schoulen an eis Zentren a Konformitéit mat den neie Bestëmmunge gesat hunn. Einfach och doduerch, datt mer verschidde Saachen einfach ver-gréissert hunn. An da kéinte mer vläicht déi nächst zéng bis 20 Joer op deem Gebitt méi roueg sinn. Dat ass emol meng Hoffnung.

Approbation à l'unanimité.

9.

Prévisions sociales.

Construction d'une crèche à Pétange: projet définitif (mémoire technique, devis et plans) - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer sollen haut den definitive Projet fir eis Crèche stëmmen. Mer hate jo den 4. Januar e „projet sommaire" gestëmmt. Mer hunn elo en detailléierten Devis do leien. An zwar wou mer eis och hu missen op eng Linn setze mat den Demande vun de Ministèren. Dir hutt och déi eenzel Argumentatioune virleien, och wou et drëm geet de „compartimentage coupe-feu" ze maachen. Extra ass och eng „détection incendie". D'Openthaltsräim sollten e bësse méi héich a méi breet gemaach gi fir datt d'Kanner e bessere Confort hunn. Um Rez-de-Chaussée hu mer jo eng „salle de défoulement" virgesinn, an do sollte mer dann och nach eng kleng Rajoute maache fir Dëscher a Still ze stockéieren. Eng zweet Toilett sollte mer nach maachen. Den Daach sollt e bësse méi héich gi fir datt d'Gebai net grad esou platt ausgesäit. Dat sollt natierlech eng Verschéinerung sinn.

De Raum, wou d'Dreckskëschte stoe kommen, soll och gekillt sinn. Bei den techneschen Installatioune krute mer haaptsächlech virgeschloen - a wou mer och dermat averstane waren -, eng Foussbuedemheizung ze maachen, awer nëmmen um Rez-de-Chaussée well do jo déi Kleng kommen, déi och vill krabbelen an dowéinst jo och sech vill um Buedem bewegen. Eng Ventilatioun soll an déi „salle de défoulement" kommen, et soll och e Blitzableiter drop kommen. Déi baussegt Beliichtung fir d'Gebai ofzeséchere solle mer och deement-spriechend uleeë fir datt mer net duerno mussen oprappen an norüste mussen. Och eng Sécherheetsinstallatioun mat Alarm a Parlophon mat Video gehéiert dozou, esou datt ee vun deenen eenzelne Säll aus gesäit, ween dobausse schellt. Dat ass eng zousätzlech Sécherheet, virun allem an de Crèchen, well een net ëmmer weess, ween do steet a ween d'Kand wëll ofhuele kommen. Mer hunn eis deenen Demanden ugepasst.

Et gëtt natierlech Extrakäschten. Den „devis sommaire" louch bei 1.950.000 Euro. Den detailléierten Devis vun dësem Mount, wéi mer en elo ganz do leien hunn, kënnt op 2.350.000 Euro, esou datt mer am ganzen 400.000

Euro géife brauche fir eis Crèche hei zu Péiteng konform kënnen ze bauen.

Norbert Pierre (LSAP):

Um Konzept vun der Crèche hunn ech weider näischt auszesetzen. Et si jo eben déi verschidden Oploen, déi mer gemaach kréien an déi ëmmer sinn. Ech bemängelen do awer och den Architektebüro, datt deen net am Viraus sech mat dem Här Janizzi, oder wéi se heeschen, a Verbindung setzt fir ze kucken, wat do komme soll. Dat verfälscht ëmmer e Virprojet, an da kréie mer nees 400.000 Euro – wat jo awer 16 Milliounen al Lëtzebuerger Frange sinn a wat och net ganz wéineg ass – méi opgelueden. Bon, et muss gemaach ginn, an da musse mer eis deem uschléissen, mee ech mengen, do miissten eis zukënfteg Architektebüroen drop opmierksam gemaach ginn. Well si kréie jo duerch déi 400.000 Euro och esou vill Prozent méi op hirem Honoraire eran. An dat fir eppes, wat se virdru vergiess hunn. Do spillt een deem aneren an d'Hand. Vun Ufank u solle si déi Saache mat eran huelen. Datt kleng Zommen nokommen, domatter sinn ech averstanen. Mee awer an däer doten Héicht, dat ass kleng Zomm méi.

Vum Home geet den Noutausgang hannen erof an dee stéisst dann op de Site vun der Crèche. Wéi ass dat do ze maachen, wéi gëtt dat degagéiert? Well déi musse jo dann iwwer den Terrain vun der Crèche lafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do ass jo och e Wee ronderëm. Vum Noutausgang geet ee jo no hanne laanscht d'Crèche an da kënnt ee jo op dee klenge Parking, dee säitlech do ass. An da kënnt ee jo uewen nees eraus, wou den Agank ass, wou d'Fleegeheem lénks d'Haus huet, wou den Ableck d'Schwësteren dra sinn. Do kënnt een eraus. Et kënnt een awer och vir laanscht d'Crèche eraus. Do hu mer natierlech wëlles, eng Barrière ze maachen, wou et da laanscht de Parking vum Café geet. An et ass breet genuch fir d'Pompjeeën, dat ass mat hinnen ofgeschwat.

Norbert Pierre (LSAP):

Well et ass jo awer och esou, datt d'Crèche ronderëm komplett mat engem Zonk zou ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An deem Sënn ass se net clôturéiert. Dat ass de Fall vun der Spillplaz uewen. Awer dee klenge Parking ass op. Wann der eroffuert laanscht de Café, do ass eng Barrière, déi ee muss op an zou maachen. Mee no ënnen ass jo dann nach op.

Norbert Pierre (LSAP):

Neen, ech mengen den Terrain „aire de jeux clôturé" ass jo awer zou. Dat steet jo och esou am Devis dran. Ee Meter 60 héich ass dee ganzen Terrain zou. Et huet jo am Fong kee Mënsch eppes op deem Terrain do verluer, wat ech och net méi wéi richteg fannen, esou datt keng friem Leit dohinner kommen. Dat ass mat deem Noutausgang net ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass awer nëmmen eng Barrière do, an dat ass déi beim Café, wann ee vun der Kierchestrooss erafiert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mee da musse mer zwou Barrière setzen. Vun uewe kënnt jo awer och nach d'Personal a fiert op dee klenge Parking, deen do säitlech ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat Ganzt wier liicht ze ëmgoe gewiescht, wann d'Crèche net direkt un den Home géif stoussen. Dann hätt een do de Passage kéinte loossen, an dee ganze Problem wier geléist gewiescht.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, wann et vun der Sécherheet hir esou genehmegt ass, da muss de Plang jo awer stëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat ee muss maachen - an do ginn ech dem Här Pierre Recht -, et muss ee kucken, datt, wann een d'Sécherheetstrap erofgeet, een net virun engem Gelänner stoen däerf. Dat musse mer nach klären. Déi do hannen erausginn, déi stinn elo virun engem Gelänner. Do muss ee vläicht eng Päertchen dra maachen, déi een dann zu enger Säit hi kann opmaache fir datt déi och fortkommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Genee, dat ass et.

Carlo Gira (CSV):

Wat mer emol opgefall ass, dat ass datt déi Barrière beim Café. Ech hätt et éischter begréisst, wann do eng kloer Trennung hikomm wier an datt keng Leit hätte kënne vun enger Säit op déi aner zirkuléieren. Do sinn nach, wou d'Barrière steet, d'Parkplazen Nummer 6, 7 an 8, wou een sech awer och freet, wéi déi do drop kommen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Also déi Barrière ass jo haaptsächlech dofir geduecht, datt keng Leit vum Café an d'Enceinte vun der Crèche fueren.

Carlo Gira (CSV):

Jo, mee wann ech awer d'Parkinge vun 1 bis 8 kucken, da schéngen déi awer agezeechent ze si fir de Café. Mee d'Barrière steet awer um Parking Nummer 6. Do ass awer iergend eppes, wat a mengen Aen net ganz kloer ze si schéngt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dann huelen se d'Nummer 7 an 8 scho fir d'Crèche, well déi jo hanner der Barrière leien. Dat ass eng Saach, déi mer och nach kënne klären. Mee et ass normalerweis esou, datt d'Barrière reng d'Enceinte vun der Crèche ofdeelt.

Carlo Gira (CSV):

Et ass jo och nach eng Saach vu Proprietéitsverhältnisser.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer klären dat. A wann et muss sinn, da réckele mer d'Barrière.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt dann och nach bemierken, datt, wéi den Här Pierre dat schonn e bësse gesot huet, mer ëmmer nees Iwwerraschunge bei den Architekte kréie well hei oder do net iwwerluecht ginn ass. Et stellt ee jo Saache vir, mee déi Saachen, déi awer Norme sinn, déi miisste jo awer agehale sinn. Ech hoffen, datt d'Normen net nach eng Kéier änneren ier mer ukomme mat schaffen. Well soss verdeiert et sech nach eng Kéier.

Wou ech awer e bësse muss driwwer schmunzelen, dat ass, datt mer elo och nach e Frigo fir d'Dreckskëschte bauen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass awer eng Virschréft, do komme mer net derlaanscht.

Carlo Gira (CSV):

Ech maachen iech do kee Virworf. Mee mer verlafen eis awer geschwënn a Virschréften an a klenge Saachen.

Dann ass jo och vun der Beliichtung vu bausse geschwat ginn. Ech hoffen, datt mer do awer Spuerluuchten huelen, net datt do nuets Elektresch zevill verbrannt gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, wat d'Deierecht ugeet, esou ass deen heite Projet net dat éischt Beispill hei an der Gemeng wou Gebaier gebaut goufen, déi um Enn vill méi deier waren ewéi zu deem Moment, wou se den Zouschlag kruten. Wa mer do e puer Joer zeréckdenken, do sinn och esou Gebaier gebaut ginn, déi och duerno méi wéi dat Duebelt kascht hunn.

Wat d'Luuchten ugeet, do hu mer gesot, datt, owes nach e puer Luuchten u bleiwen, net datt dat ganzt Gebai déi

ganz Nuecht duerch beliicht ass. Mee ech mengen, et gëtt och eng gewësse Sécherheet. Net nëmme während der Aarbechtszäit, mee och fir duerno eis Gebaier e bëssen ze schützen. Well wa mer duerno de Vandalismus rechnen, dee mer un de Gebaier hunn, da gëtt dat och eng deier Geschicht, wann der dat um Enn vum Joer ausrechent.

Carlo Gira (CSV):

Ech ginn iech Recht, datt et scho Projetë goufen, déi sech verdeiert hunn. Mee ech mengen, dat ass och eng Saach vu gesetzleche Bestëmmungen. Wann ee kéint Kontrakter maache mat engem Architekt an et géif een him soen, datt en esou vill Milliounе kritt an och dorop bezuelt gëtt, da géife verschidde Gebaier sech net verdeieren. Dovunner sinn ech iwwerzeegt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ka jo sinn. Mee et muss een ëmmer bedenken, datt et e Projet „sommaire“ war, dee mer virleien haten. An duerno geet ee jo eréischt an d'Detailer.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass scho bal alles gesot gi wat ech och wollt soen. Meng éischt Fro wäer déi mat dem Noutausgang gewiescht, an do huet jo den Här Pierre scho seng Äntwerte kritt. An dat muss ee wierklech, wéi den Här Buergermeeschter och gesot huet, nokucken.

Wat mer awer net gefält un deem ganze Projet, dat ass, datt de Bistro an d'Terrass vum Café just duerch eng Barrière vun der Enceinte vun der Crèche ofgetrennt ass. Mär wier et léiwer, wann do ganz zou gemaach géif ginn. Ouni Barrière ouni näischt. Well dat ass net kompatibel, wa mer direkt nieft der Entrée vun der Crèche e Bistro hunn. Da muss een natierlech och kucken, wéi dat mat deene Parkplazen 7 an 8 geet. Ech ka mer net virstellen, datt dat solle Parkplaze si fir d'Crèche well d'Personal jo op däer anerer Säit parkt. Et soll näämlech net esou sinn, datt op der ganzer Enceinte vun der Crèche däerf mat Autoe gefuer ginn. Sief et vu Leit, déi do schaffen, oder vu Livreuren oder wéi och ëmmer. Do muss een drop uecht ginn. Mär wier et vill léiwer, wann de Volet Crèche total – an net nëmmen duerch eng Barrière – ofgetrennt wier vum Volet Café an Terrass vum Café. Oder e Schloff dertëscht maachen, oder et réckelen ewéi den Här Pierre gesot huet. Mee net direkt widderbauen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Datt mer et réckelen, dat maache mer net. Mer hate jo hei beim Virprojet dat esou definéiert. Soss géife mer jo nees bei Null ufänken, an dat kënne mer beim beschte Wëllen net maachen. Bei der Saach mat der Barrière muss een natierlech wëssen, datt, wa mer keng Barrière hunn an definitiv zou maachen, a mer eng Kéier op däer enger Säit e Problem hunn, mer net méi bei d'Crèche kommen. Dat heescht, et ass ëmmer gutt, wann een zwee Lächer huet. Et soll een et awer esou maachen, datt kee kann derduerch fueren, mee et soll een sech awer eng Dir oploossen. Well wann eemol op däer enger Säit geschafft gëtt, da kann een awer nach ëmmer vun däer aner Säit bäikommen. A mer sinn och nach amgaang Verhandlungen ze féiere fir nach eventuell méi Terrainen do ze kréien, esou datt dee Site do nach méi sécher gestalt ka ginn. Wann ech en awer vergläiche mat eiser Rodanger Crèche, dann ass en, wat de Präis ubelaangt, wäit dovunner ewech. A wat déi do Punkten ugeet, géif ech soen, datt d'Situatioun besser ass wéi dat urspréinglech bei der Rodanger Crèche war. Do hu mer elo d'Situatioun och verbessert. Mee et war awer sécherlech net besser. Doduerch datt d'Kanner awer haaptsächlech hanner dem Haus sinn - se gi vläicht no vir erausgelooss -, a well mer och an enger Sakgaass sinn, ass de Verkéier esou minimal, datt een sech am Fong geholl keng Gedanken ze maache brauch wat d'Gefore ronderëm déi Crèche ugeet. Well et si jo nëmmen déi Leit, déi selwer betraff sinn, déi dohinner kommen. D'Elteren an d'Livreuren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mee dat miisst ee jo dann elo géréieren, datt dat just vun däer aner Säit ka geschéien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Prinzip ass et och esou. Mee et soll een sech d'Dir awer net komplett zoumaachen. Well wann déi aner Säit geschafft gëtt oder eppes geschitt a mer net méi bäikommen, da maache mer eis Crèche zou. Et kann een awer, wann een eng Barrière huet, provisoresch während enger Zäit, an däer geschafft gëtt, vun däer aner Säit erukommen. Mee et soll esou sinn, datt am Prinzip kee kann duerchfueren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ënner Barrière stellen ech mer elo dat vir, wat mer als Barrière kennen. E Poul, dee wäiss a rout ugestrach ass. Do kann een awer e Gitter maache mat engem Schlëssel.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat kann ee maachen. Et war och esou geduecht, datt, wa moies d'Eltere kommen – dann ass de Café jo souwisou zou – een d'Barrière kéint oploossen, esou datt se ënnen zur Kierchestrooss eran- an uewen nees erausfueren. Da gëtt et och kee Problem do.

Déi Zäit, wou de Café op ass, kann ee jo d'Gitter komplett zou maachen an dann ass d'Crèche ganz isoléiert. An da bleiwe just nach d'Kanner an déi Leit, déi do schaffen, um Site.

Romain Becker (Déi Gréng):

Also ech hu wierklech en ongutt Gefill. Well dann huet jo de Gérant vum Café och e Schlëssel. An iergendwa kënnt een, deen de Schlëssel freet fir uewen eraus ze kommen. Dat muss awer dann total sérieux do gehandhaabt ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Gérant vum Café ka jo kee Schlëssel kréie well en näischt mat der Crèche ze doen huet. D'Barrière ass reng Crèche. Dat ass op alle Fall net virgesinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Ganz kuerz. Ech kommen elo net méi op all déi Punkten zeréck, vläicht mat Ausnam vun deem Parking 7 an 8. Wa mer do keng Eenegung fannen, dann ännert de „quai de livraison“ do. Do muss eng Eenegung fonnt ginn. Sief et, datt se an d'Enceinte vun der Crèche integréiert ginn oder déi Plaz wou geliwwert gëtt muss geännert ginn.

Ech hunn awer en anere Punkt, wou ech gären eng Äntwert drop hätt. Mer hu jo déi „séjours“ fir d'Kanner. Dat sinn der 2 Mol 15 uewenop an 2 Mol 12 ënnenan. Da kéime mer ronn op 54. Mee wann ech déi Better zielen, déi do agezeechent sinn, da sinn dat der awer net esou vill. Heescht dat, datt se sech net matenee leeën?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Si ginn net mateneen an d'Dortoirë schlofen. Dat ass individuell. Wa se gesinn, datt e Kand net méi wëll matmaachen, da kritt et seng Matrass dohinner geluecht. Se hu jo extra kleng Bettercher. A fir déi ganz Kleng hu se Gitterbettercher. An da ginn se higeluecht, mee se schlofen net mateneen. Mer waren eis do ëmfroen an aner Crèchen, an déi hunn och ëmmer nëmmen e gewëssene Prozentsaz u Better do stoen, mee net esou vill wéi se Kanner hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach eppes soen: ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt d'Parkplazen 7 an 8 op eisem Terrain sinn.

Mer kucken och all déi Remarquen no, well et dauert jo nach e bëssen ier dat

ugeet. Da muss dat jo och nach eng Kéier autoriséiert ginn, et muss nach eng Kéier de Wee maachen. An da muss et ausgeschriwwe ginn. Da wäerte mer déi Problemer, déi elo hei ugeschwat goufen, klären an iech um Lafenden halen, wéi déi Problemer geléist goufen. Da géif ech dëse Punkt zur d'Ofstëmmung ginn.

Approbation à l'unanimité.

10.1.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, rue Charlotte / rue Adolphe, présenté par la société Tragelux S.A. de Mamer, pour la construction d'un immeuble résidentiel et d'une maison d'habitation unifamiliale – approbation provisoire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Iwwer deen Dossier ass scho ganz laang diskutéiert ginn, an do waren eng ganz Rei Pläng an Avisen, déi virlouchen. Mee do ass ëmmer nees geännert ginn, ë.a. och elo opgronn vun engem Avis vum Minister vum 6. Mäerz 2008. Do sinn déi ganz Pläng nach eng Kéier komplett vum Promoteur geännert ginn, wou mer dann och déi ganz Residenz an zwee deele mat enger Verglasung dertëscht, wou méi kleng Elementer hikomme sollen a wou d'Strooss, déi vun der rue Charlotte an d'rue Adolphe leeft méi an eng Wunnstrooss ëmgewandelt soll ginn an eng Plaz entstoe soll. Dat ass déi nei Aart a Weis, wéi d'Leit emol eng Kéier sollen zesumme liewen a wéi de Ministère dat och virschreift. Där kënnt dat och an ärem „aide-mémoire" nokucken, wou dat Ganzt skizzéiert ass. Et soll emol esou eppes Neies ausprobéiert ginn. Der gesidd do och eng grouss Plaz, wou ee schonn net méi richteg weess, wou d'Strooss ass a wou de Verkéier an d'Leit zesumme kommen. Et muss do och ganz lues gefuer ginn, mat maximal 20 Stonnekilometer. Do soll esou eng Spillstrooss realiséiert ginn. De Promoteur huet sech bereet erkläert fir säin éischte Plang komplett ëmzeänneren an all deene Remarquen, déi de Minister – also d'„commission de l'aménagement" do gestallt huet, Rechnung ze droen. Mer hunn d'Pläng elo virleien, wéi dat kéint realiséiert ginn. A mer hunn och d'Avisë vun alle Kommissiounen, déi dann och zum Deel iwwerholl ginn an déi mer hei nach ausféieren. Zum Beispill, datt tëscht deenen zwee Bléck soll eng Verglasung entstoen. Dat gëtt kee ganz grousse Block, et muss gekuckt ginn, datt dat och méi kleng Elementer ginn, an datt eng Etude vun der Kanalisatioun muss gemaach ginn. Och en „espace vert" soll entstoe mat Parkingen. Déi sollen dann och un d'Gemeng ofgetruede ginn, wat jo och normal ass well et mussen 25% un d'Gemeng ofgetruede ginn. Déi befuerbar Breet fir an d'Residenz ze fueren ass maximal 6m. Déi minimal Dimensioune vun 2,5 bis 5 m musse respektéiert gi fir d'Autoen. D'Héicht vun der Stützmauer däerf net méi héich si wéi 60 cm vun der Limite vum Trëttoir. Et muss och eng harmonesch Verbindung mat den Eefamilljenhaiser gemaach ginn. Och deem ass Rechnung gedroe ginn. Da kënnt och nach e Raum fir Kannerkutschen a Poussetten, dat muss och respektéiert ginn.

Et mussen och entweder „appartements traversants" realiséiert ginn, a wann dat net gemaach gëtt, da muss hannen eng Feiertrap hikommen. Dat hunn d'Pompjeeën eis un d'Häerz geluecht, datt mer dat als Obligatioun sollen drasetzen. De Minimum vum Plafong soll 2,30 Meter sinn. Besonnesch ënner dem Daach ass dat wichteg. An da schreiwe mer ëmmer e Saz derbäi, datt déi aner Dispositioune vum Bautereglement solle respektéiert ginn.

Wa mer dat esou realiséieren ewéi dat virläit – an dat no ville Korrekturen -, da kann ee soen, datt eisem Bautereglement komplett Rechnung gedroe ginn ass. Dat gëlt och fir d'Suggestiounen oder Propositioune vun der „commission de l'aménagement", déi si an hirem Avis vum 6. Mäerz geschriwwen hunn. Wann der de Croquis vergläicht mat deem, wat elo als Plang virläit, da gesäit een, datt dat, wat de Croquis vum Ministère duergestallt huet, iwwerholl ginn ass.

Carlo Gira (CSV):

Ech ka mech do net grad mat deem Plang ufrënnen, zëmools wat déi Strooss ubelaangt, well déi jo relativ breet ass an e ganze Koup Terrain versigelt gëtt. An do sollen dann och nach Kanner bei den Autoe spillen. Ech weess net, ob mär déi Kultur hu fir dat ze maachen. D'Autoen huele mer dann a setzen se op eng gréng Wiss, déi mer hätten a wou mer kéinten eppes aménagéieren, wou d'Kanner kéinte sécher spillen a wou d'Diskussiounen duerno net kéime wann d'Bäll an d'Autoe fléien an esou weider.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn iech Recht, datt mer hei e ganz neie Wee ginn. Ech mengen net, datt mer vill esou Fäll hei zu Péiteng hunn. Mee et ass awer dat, wat d'Zukunft soll sinn. Et gëtt gesot, datt, fir eis Liewensqualitéit ze erhéijen, miisst een an däer do Form fueren. Et muss ee jo och soen, datt hanner dem Haus jo och nach Plaze si fir ze spille wann d'Kanner méi roueg solle spillen. Do ass jo nach genuch Plaz fir Wiss ze maachen, respektiv fir do nach ze aménagéiere fir déi Kanner, déi nach net kënnen op der Strooss spillen.

Op däer aner Säit ass einfach déi Aart a Weis vu Wunnen eigentlech net dat, wat mär net erfonnt hunn, mee wat ëmmer méi am Ausland gemaach gëtt. Mer sollen dat awer och emol eng Kéier bei eis hei probéieren an et ass opgronn vun engem Avis vun der „commission de l'aménagement" – dat muss ech hei kloer soen – och vum Promoteur esou tel quel iwwerholl ginn. Ech gesinn natierlech schwéierlech, datt de Gemengerot géif de Géigendeel soe vun deem, wat d'Kommissioun seet. Et kann ee seng Bedenken hunn a mer musse kucken, ob mer déi Kultur hunn oder ob mer eis ëmgestallt kréien. Op alle Fall muss een déi néideg Dispositiounen an däer Strooss huelen, datt net ka gerannt ginn. Dat ass sécherlech ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass jo schonn duerch d'Konfiguratioun vum ganze Quartier esou, datt dat keng Duerchgangsstrooss gëtt. An dat, well mer einfach duerch déi Einbahnstroossen de Moment kee Virdeel gesi well een ëmmer op dee selwechte Punkt zeréck kënnt. Dat ass emol dat éischt. Dat neit Konzept, déi nei Kultur, déi sech do développéiert, dat ass dee sougenannte „shared space". De Raum gëtt einfach ënner alle „Verkehrsteilnehmer" opgedeelt. Et ass méi Récksiicht, méi Respekt verlaangt. Et ass och eng Kultur, déi mer eis lues a lues eis sollten ugewinne well an deenen neie Lotissementer wäert dat ëmmer méi erëmkommen, datt net einfach Zone 30 gemaach gëtt. Zone 30, dat si Schëlter a Schëlter, mee et ass awer keen do, deen se kontrolléiert. Hei verschwannen d'Schëlter am Fong geholl, de Raum ass do an et ass just d'Virfahrt vu riets, déi gëlt. Dee schwaache „Verkehrsteilnehmer" huet och d'Virfahrt géintiwwer vun deem staarken. Déi Kultur miisste mer eis lues a lues ugewinnen. Dofir ass dat hei vläicht e gutt Beispill op enger Plaz, wou et net wéi deet.

Carlo Gira (CSV):

Mech stéiert, datt esou vill zoubetonéiert gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass awer proportional net esou vill. Natierlech ass et déi Plaz do.

Roger Klein (LSAP):

Dat meescht ass gesot ginn. Et ass eng nei Form vu Wunnen, déi bei eis nach friem ass, mee déi am Ausland zënter Joere praktizéiert gëtt a wahrscheinlech do och hir positiv Resultater bruecht huet. Dat Eenzegt, wat mech gewonnert huet, dat ass - wéi ech den Text vum Inneministère gelies hunn -, datt vun enger Zone 20 riets gëtt. An eng Zone 20 kann ee jo net reglementéieren, et huet ee guer keng Reglementatioun well se net am „Code de la Route" ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat kënnt awer. Et kënnt erëm zeréck am Sënn vun de fréiere Wunnstroossen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech baséiere mech e bëssen op den Avis vun der Verkéierskommissioun, déi fuerdert, datt all Logement seng zwou Parkplaze miisst hunn. Ech weess net, ob dat ze maachen ass, mee et wier op alle Fall gutt, well an deem Quartier sinn d'Parkplaze ganz moer geséint.

An dann eng aner Saach. Ech deelen dem Här Breyer seng Meenung zwar net, wat e mat Duerchgangsverkéier gesot huet. Ech mengen, am Moment, wann een e bëssen do kuckt, do kënnt – well mer elo jo d'Luuchten op der Rodanger Gare hunn – heiansdo eng Situatioun, datt dräi Camionë virun der Pizzeria stinn. An déi aner Säit steet och nach een. Da si vill Leit, déi de Blobierg erofkommen an déi Situatioun gesinn, déi béien an déi Strooss era fir dann ënnen an der Prince Jean-Strooss nees erauszekommen an esou d'Luuchten an de ganze Verkéier do ze vermeiden. Dat wäert och an Zukunft nach esou sinn, esou laang wéi déi Luuchten op der Gare stinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Sécher, mee wa se an dee Quartier fueren, da kommen se an der Adolphe Strooss eraus. An da kommen se nees op d'Kräizung, wou se awer erëm mussen an d'Prince Jean Strooss mussen abéien. Ech mengen, an deem heite Quartier kritt keen en Avantage wann en derduerch fiert. Datt se duerch d'Charlotte Strooss an d'Prince Jean Strooss fueren, dat ass och elo schonn e Schläichwee. Awer datt se do sollen duerch dat neit Lotissement solle fuere fir an der Adolphe Strooss erauszekommen an dann awer nees eriwwer ze fueren, da bréngt hinnen näischt.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hat gemengt, datt se d'Charlotte Strooss erafueren an dann – fir déi ganz Luuchten op der Gare ze vermeiden, an do hu se jo och nach dat Stéck tëscht der Charlotte an der Guillaume Strooss – d'Prince Jean Strooss eroffueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Se beréieren awer d'Lotissement net.

Guy Brecht (LSAP):

Wann der mengt, et wier net méi esou vill Duerchgangsverkéier. En huet an der Lescht nees zougeholl wéinst der Situatioun op der Gare.

Approbation à l'unanimité.

10.2.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier autorisé à la société Immo Concept Plus pour la construction d'un complexe résidentiel avec espaces publics à Rodange, route de Longwy - approbation de la convention signée avec le promoteur.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse PAP hu mer schonn am Gemengerot den 18. Oktober 2007 guttgeheescht. Dat ass de PAP, deen den ale Casino vu Rodange betrëfft a wou zwou Residenze sollen hikommen a wou mer dann och den 14. Dezember 2007 d'Approbatioun vum Inneminister virleien haten. Esou datt mer elo kënnen eng Konventioun mat dem Promoteur maachen, wou mer definéieren, wéi deen ëffentleche Raum, dee mer hanneno vum Promoteur iwwerhuelen – dat sinn d'Spillplaz, d'Parkplazen respektiv d'Entréeën – aménagéiert kréien esou wéi mer eis dat virstellen. Well wa mer déi 25% am Kader vun dësem PAP sollen duerno iwwerhuelen, da sollen se och esou ausgeriicht si wéi se dat musse si, fir datt mer dat, wat eis zoukënnt, am beschten exploitéiere kënnen. Do ass eng Konventioun virbereet ginn, wou mer eis festleeën, wéi dat ka gemaach ginn. Déi Pläng mussen nach eng Kéier am Detail mat dem Promoteur ausgehandelt respektiv ausgeschafft ginn. Mer géifen da proposéieren, dës Konventioun, déi den 16. Juli vun alle Partner ënnerschriwwe gouf, haut gutt ze heeschen, fir datt mer iwwer d'Vakanzenzäit déi néideg Detailsaarbechten duerch eis Servicer maache kënne loossen. An doropshi kéinte mer dann am September oder Oktober mat den Aarbechten op däer do Plaz ufänken.

Approbation à l'unanimité.

11.

Canalisations.

Renouvellement des infrastructures et construction d'un bassin d'orage dans la route d'Athus à Pétange - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir presentéieren iech hei en 'décompte provisoire', well mer nach e bësse Sue brauchen. Dat ass net de Genre wéi een et soll maachen, mä et muss een awer heiansdo mat der Situatioun liewe wéi se sech presentéiert. Hei ass däer Situatiounen eng. Wou mer d'Athuser-Strooss nei gemaach hu mat den Ponts et Chaussées zesummen, ass dat fir d'éischt ënner der Fiederféierung vum fréiere Mataarbechter, dem Här Fonk, geschitt. Duerno ass deen Dossier op den Här Schiltz iwwerdroe ginn, an do konnt vläicht net alles direkt esou kloer gestallt gi wat mer elo gesinn. Wat ass geschitt ?

Bei den Diskussioune mat den Ponts et Chaussées, wou se d'Strooss gemaach hunn, goufe vun hinnen d'Bordure gesat. A bei hinnen ass et Usus, datt de Raccordement vun der Strooss un d'Borduren 'à charge' vun der Gemeng ass. Do kann een heiansdo iwwer e puer Zentimeter diskutéieren. Mä hei hu mer awer an der ënneschter Partie ganz breed Trëttoiren. A mer waren der Meenung, datt dat géif eng Fléck-aarbecht gi wa mer nëmme kleng Raccordementer géife maachen. Do hu mer dunn den Trëttoir nei gemaach, mat dem Dallage an de Pavé an allem, wat dozou gehéiert. An dat war dann 'à charge' vun der Gemeng. Dat huet sech awer dunn zu Buch geschloen, an et war net esou am Devis virgesinn. Et huet sech zu Buch geschloe mat 126.000 Euro zousätzleche Fraisen. Dir wësst, datt mer eng Foussgängerluucht - déi vum Foussgängerwee vum Lycée eriwwer geet op d'Athuser-Strooss - provisoresch dohinner gesat hunn. Si ass nëmme provisoresch do, well se hiren Zweck net erfëllt. Déi Luucht soll op d'Jenken kommen, a se soll d'Jenken mat der Athuser-Strooss regléieren. Dat heescht, wann déi aus de Jenken erausfueren, da sollen déi gréng kréien an op der Athuser-Strooss soll ofgebremst ginn. Wuel wëssend, datt mer déi Luucht eng Kéier déplacéieren, hu mer déi néideg Installtiounë schonn an de Buedem geluegt. Esou datt mer déi Luucht nëmmen am Kader vum neie Verkéiers-reglement brauchen ze réckelen. Och dat ass mat 12.500 Euro weider zu Buch geschloen.

Nieft der Athuser-Strooss, beim Bauerenhaff, ass e groussen Reeniwwerlafbecke gebaut ginn. Fir d'Electromécanique dovunner ze kontrolléieren, mussen och emol Camionen do bäifueren. Dee Sousbassement war awer am Ufank net esou geduecht. Deen huet miisste verstäerkt ginn, an déi Aarbechten hunn zousätzlech 16.000 Euro kascht. Doranner ass och e 'système de surveillance' vun deem Basseng gemaach ginn, an dee war och am Ufank net esou virgesinn, an dat fir 8.000 Euro.

Summa summarum hate mer en Devis an e Crédit approuvé vun 1.630.000 Euro virgesinn. Mir hunn eréischt fir de Moment 1.577.174 Euro ausgesinn. Mir wëssen awer, datt mer nach Rechnunge kréien, déi iwwer dee Betrag erausginn, esou datt mer géife froe fir hei en Zousazkreditt vun 107.000 Euro ze kréien, well mer mengen, datt déi ganz Ausgab sech op 1.735.175 Euro géif belafen.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Breyer huet gesot, datt déi Luucht géif verluegt ginn, an dat mécht och wierklech Sënn. Well et ass och eng zousätzlech Sécherheet fir d'Schoulkanner, wou de Bus méi no bei de Jenken hält, a fir datt d'Kanner do kënne méi sécher iwwer d'Strooss goen. Well de Geforepunkt ass effektiv bei däer Kräizung, an net ënne bei deem Fousswee.

Guy Brecht (LSAP):

Dat, wat den Här Breyer elo gesot huet, ass selbstverständlech ze begréissen. Ech mengen, viru kuerzem war och den Här Schiltz op der Plaz, an hien huet sech och nach kënne vun deene klenge Boboen iwwerzeegen, esou datt een zouversiichtlech ka sinn, datt dat och deemnächst do an d'Rei gesat gëtt.

Approbation à l'unanimité.

12.1.

Culture et loisirs.

Remise en valeur du moulin Waxweiler à Pétange, de la « maison rouge » et des alentours immédiats - approbation de l'avant-projet (mémoire descriptif, devis et plans).

Roland Breyer, Schäffen:

Déi zwou Mille kommen endlech zur Diskussioun, an et gëtt méi konkret. Et däerf ee just drun erënneren, datt mer virun 20 Joer scho fir d'éischt vun der Péitenger Mille geschwat hunn, an datt eppes do miisst geschéien. Dat ass awer net esou séier geschitt wéi mer eis dat gewënscht hunn, well déi Mille virun enger Zäit – am Kader vum Contournement – an engem Echange Statspropriétéit ginn ass. Duerno gouf wéi laang beim Stat intervenéiert, fir datt eppes do soll geschéien. Et ass awer schlussendlech näischt geschitt bis d'Gemeng sech dann décidéiert huet fir d'Millen ze kafen. Et ass gekuckt gi wat een aus däer Mille ka maachen, a wéi een och kéint gehollef kréien. Dir wësst, an dat stoung an der Press, datt d'Madame Statssekretärin Modert hei war – mat deem ganze Staff vun 'Sites et Monuments' – an datt mer länger Gespréicher mat hinnen haten. Mir ginn elo an déi Prozedur, déi vum Stat verlaangt ass. Et ginn 'lignes directrices pour la participation financière de l'Etat aux infrastructures culturelles régionales et nationales', an déi gesi ganz einfach fir, datt, wann ee gäre Subsiden hätt, da geet et net duer datt ee froe geet wat ee kritt, mä et muss een sech och zum Projet bekennen. Dat ass dat éischt. Et muss een also en Avant-projet sommaire duerch de Gemengerot maachen, an et muss een och soe wat ee wëlles huet do ze maachen. Et muss een dee ganze Projet och chiffréieren, an da gesäit een och, wéi ee gehollef kritt.

Déi Millen hei ass derwäert, datt se erhale gëtt. Si ass och um Patrimoine klasséiert. Et ass eng Millen, déi relativ wäit an der Geschicht zeréck geet. Si geet op d'Joer 1749 zeréck, a si ass 1922 duerch e Feier verbrannt, a gouf dat selwecht Joer awer erëm rafistoléiert. 1934 gouf se ëmgeännert. An dat Haus dat dernieft steet – dat 'Roud Haus' – dat ass net esou als Patrimoine ze bezeechnen, mä et ass net wäit dovunner ewech. Dat Haus ass 1937 gebaut ginn.

Bei engem Architekteconcours, bei deem d'Architektin Tatiana Fabeck als éischt ervirgaangen ass, konnte mer eis alleguerten dovunner iwwerzeegen, datt et e ganz flotte Projet wier. Mir hunn eis als Schäfferot och elo zu dësem Projet bekannt, a mer kucken, ob et méiglech ass dee Projet esou ze realiséieren, wéi e beim Concours erausgaangen ass.

Dat schléit natierlech an engem éischte Moment flappeg zu Buch. Wann een den Devis sommaire kuckt, dann ass deen Devis a 4 Loten opgedeelt. Dat eent ass d'Haus selwer, d'Millen, wat den Haaptobjet duerstellt (4,7 Milliounen Euro). Den zweete Lot ass dat 'Rout Haus' (1,268 Milliounen Euro), den drëtte Lot ass d'Verbindung tëscht deenen zwee Gebaier (555.000 Euro), an dee leschte Lot ass den 'Aménagement extérieur' (623.000 Euro). Et kéint een also och soen – deemno wéi et evoluéiert – datt een et och kann an 4 Etappe realiséieren. Et kann een och soen – an all Optioun soll opbleiwen - , datt déi 4 Etappen ze realiséiere si wa mer gehollef kréien. A a wa mer net an deem Mooss wéi mir eis et virstelle gehollef kréien, da kann ee soen, datt déi eng oder aner Etapp net oder net direkt realiséiert gëtt.

Mir wëllen den Objet einfach esou kloer dohinner leeë wéi en ass. Wa mer gehollef kréien, dann ass et denkbar, datt mer et finanziell packen. Mir kucken, fir elo emol ambitiéis ze sinn an ze soen, datt mer deen dote Projet wëlle realiséieren, mat selbstverständlech der Hoffnung – mat der grousser Hoffnung – datt mer och gehollef kréien. Wéi gesot, dee ganze Projet géif sech op ronn 7.137.000 Euro belafen.

Wat ass fir dat Geld ze erwaarden ? Mir kënnen eis op engem gewëssenen Deel, dee vun 'Sites et Monuments' klasséiert ass, e Subsid vun 30% erwaarden. Op alles oder op net alles, dat muss ee kucken. Sinn d'Architektenhonoraire mat dran oder net, dat sinn nach Froen, déi opstinn. Do huet nach kee sech kloer ausgedréckt. Et ass nëmmen eng Spekulatioun, oder eng Héichrechnung, déi mer elo maachen. Op deem Deel, wat Kultur ass, a wa mer dat e bësse regional gesinn – a mer gesinn et esouguer iwwerregional, jo esouguer transfrontalier, well mer och nach gäre Feder-Suen uviséieren – kënne mer op deem Deel, wat subventionabel ass, 50% kréien. Wann een dat an Zuelen ausdréckt, da kéint ee sech erwaarde fir 2,5 Milliounen Euro Subventioune vum Stat ze kréien. Dat ass awer e Maximum, dee mer eis kéinte virstellen. Dat heescht zu eise Laaschte géifen nach gutt 4,5 Milliounen, wann net esouguer e bësse méi, bleiwen.

Dat wier awer am optimalste Fall. Et muss ee kucken, ob déi Leit op der aner Säit et och esou gesi wéi mir. A fir dat erauszefanne brauche mer éischtens emol den Accord vum Gemengerot. Mir mussen och eng kloer Motivatioun maache wat an deenen Haiser soll geschéien. Mir mussen och ganz kloer Konzepter virleeën, wéi mer wëllen dat Haus exploitéieren. Mir mussen e 'bugdet de fonctionnement' fir déi éischt 2 Joer virleeën. Eiser Meenung no soll dat Haus 'auto-gérant' ginn, an deem Sënn wéi den Home de Moment fonctionnéiert, wou mir am Prinzip als Gemeng net agräifen. Mir stellen den Immeubel zur Verfügung, a bannendra soll e Comité de gérance entstoen, deen opgronn vun eventuelle Loyeren, déi duerch Restaurant, Cafés-Betrib

oder Aschreiwungen a Coursen, dat Haus ka fonctionnéieren dinn an ënnerhale kann. Dat miisst u sech kënnen opgoen.

Dee Café an dee Restaurant hunn net nëmmen d'Fonctioun, fir Leit zesummenzebréngen a fir d'Conviviali-téit an den Echange tëscht de Generatiounen ze suergen, mä déi finanziell Säit soll och domatter an dat Ganzt erakommen. Mir kënnen eis virstellen, datt an der Mille selwer 'activités socio-culturelles' entstinn. Wat heescht dat ?

Mir wëlle gären all Sparte vun der Populatioun, an all Generatiounen do zesummebréngen, doduerch datt mer Konschtaktivitéiten ubidden. Dat soll esou fonctionnéiere wéi zu Déifferdang oder zu Esch am 'Art vivant', oder a wäitste Sënn wéi em Escher Schluechthaus. Et kënnen also kleng Evenementer dra stattfannen, mä et soll awer haaptsächlech eng Aktivitéit do entstoen, déi an d'Konscht geet. Déi Konschtpalett, déi ugebuede gëtt, ass multiple. Dat geet vun der Molerei iwwer d'Skulptur, de Modelage, d'Expression corporelle, Dictioun, Theater, Danz, alles kann do a Fro kommen. Esouguer kleng 'réalisations cimématographiques' wiere méiglech. Alles ass denkbar, wat an den 'Art' erageet.

Déi Atelieren, déi do géifen opgebaut ginn, oder zur Verfügung gestallt ginn um éischte Stack vun der Millen, wieren u sech polyvalent a multiple fonctionnel Atelieren, déi sech dem Besoin vun deenen eeenzelne Course kéinten upassen. Déi Course kéinten ugebuede ginn, während dem Dag fir déi Leit déi am Dag Zäit hu, wéi zum Beispill Pensionéierter, eeler Leit oder och Kanner, déi fräi sinn. Owes kéinte Course si fir déi Beruffstäteg. Iwwer dee ganzen Dag kéinten Aktivitéiten do développéiert ginn.

Dee Paravent, deen déi zwee Gebaier matenee soll verbannen, wier e Paravent, deen engersäits d'Verbindung géif maachen, an anersäits d'Ouverture géif maache wann ee vum Rond-point op déi nei Struktur zoustéisst. Dat ass ee ganzen Ensembel, deen sech do géif öffnen, e groussen Bannenhaff, deen sech do géif öffnen. Hanner der Mille kéinte grouss Aktivitéite bausse gemaach ginn. Et kéint ee 'Kleng Déieren-Zuucht' do virgesinn oder esou ee Genre Gäert, zum Beispill Geméisgäert, do uleeën, esou datt een d'Kanner och domatter kann abezu kréien. Déi villsäiteg Aktivitéite géifen et erlaben, datt d'Generatioune kéinten do zesummekommen an d'Convivialitéit géif héich gehale ginn.

Fir eis ass et och selbstverständlech, datt d'Frontalieren och wëllkomm sinn. Mir brauchen och vläicht Chargés de cours-en, déi aus dem Ausland kommen, oder Participanten, déi aus dem Grenzgebitt kommen. Am grousse Ganze soll et eppes sinn, wat de 'sentiment d'appartenance' vun der Groussregioun soll ervirsträichen. Dofir viséiere mer och déi Feder-Gelder un. Mir kënnen op den Historique kucken, datt d'Mille fréier och fir d'Grenzgänger alleguerten do war. Et war déi eenzeg Millen, déi a privater Hand war, an déi och déi ganz Regioun ofgedeckt huet. All dat sinn Argumenter fir déi Subsiden ze kréien.

Am 'Rouden Haus' selwer hu mer d'Méiglechkeet, datt deen Daach kéint ausgebaut ginn a der Silosform, deen dann och un d'Millen erënnert, an dee markantste Punkt géif um Rond-point bilden. Et kéint ee sech virstelle fir do Ausstellungen, permanenter oder thematescher, ze proposéieren. Et kéint een esou e Rondgang iwwer déi ganz Corniche maachen.

Et war ee Moment geduecht gi fir datt d'Amis de l'Histoire sollen dohinner kommen. Déi sinn awer elo op aner Iddie komm, zu aner Orientatioune komm, esou datt déi héchstwahr-scheinlech net mat op déi Plaz ginn. Mir kéinten eis awer och virstellen, datt de Service d'animatioun culturel régional vläicht do ënnerdag kéint kommen. Mir kéinten eis virstellen, datt Saachen, déi direkt mam Amerikaner ze dinn hunn, well do de Point vun der Liberatioun och ass, e markante Punkt, fir datt esou eppes do kéint ënnerdaach kommen. Dat kéint e Syndicat d'Initiative sinn, dat kéint eng Borne du Passeur sinn, dat kéint och den Ordre de la Chevalerie sinn, déi do hire Siège hätten, an déi dann och do kéinten Ausstellunge garantéieren. Alles dat fir och ze beweisen, datt dat 'Rout Haus' och eng nëtzlech an eng sënnvoll Fonctioun kéint kréien.

Et ass en décke Projet, a mer hoffen, datt mer gehollef kréien. Wa mer net gehollef kréien, a mer géife kee Sue bei déi 7,1 Millioune bäikréien, dann ass et ganz kloer, datt mer déi 4 Etappen net an däer Form kënne maachen. Mä wa mer an deem Mooss, wéi mer eis et virstellen, gehollef kréien, a vläicht doriwwer ewech och nach iwwer europäesch Gelder, da kéint den Invest vun der Gemeng op 4 bis 4,5 Milliounen zesummeschrompen. An dat wier no eisen Expertisen an no eisen Avisë méiglech ze realiséieren. Vläicht net alles direkt beieneen, mä vläicht eng Etapp no der anerer.

Mir sinn also elo an der Linn fir eis kloer auszedrécken, datt mir als Gemengerot sollte soen – an et wier flott wa mer dat och kéinten ënnerstëtzen -, datt mer e staarkt Zeeche géife setzen a weisen, datt mer dat wëllen. A mir ginn dee Projet dann op den Instanzewee an hoffen, datt mer an e puer Méint vun deenen zoustännege Plazen, dat ass Sites et Monuments an haaptsächlech de Ministère de la Culture, déi Zousoe kréien déi hei ronderëm den Dësch waren. A wann dat de Fall sollt sinn, da kënne mer konsequent un den definitive Projet erugoen, a fir d'nächst Joer déi néideg Gelder an de Budget setzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Breyer Merci fir déi ausféierlech Duerstellung vun deem Projet. Et ass sécherlech e ganz flotte Projet, an ech mengen et ass e Projet, deen dem ganze Gemengerot och um Häerz läit, wann ech ëmmer déi Interventioune bei de Budgetsdebatten héieren hunn. Ech géif dann elo d'Diskussiounen opmaache fir zu dësem Punkt Stellung ze huelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech muss elo erëm héich erofklammen. Ech hu mech och schonn do gesinn owes bei engem Concert setzen, oder mech an deen een oder anere Cours aschreiwen.

Dat kléngt alles immens flott. Mä ech weess net, ob een dat scho kann esou programméiere wéi dat an den Ënnerlagen drasteet. Do geet Rieds vun enger 'programmation culturelle bi-annuelle'. Ech mengen, datt dat awer e bësse wäit gegraff ass, wa mer dat schonn elo am Virfeld wëllen alles programméieren.

Et soll jo e 'lieu de rencontre' oder e 'lieu de culture' gi fir déi verschidde Generatiounen. An da muss sech déi Programmatioun vum selwe liewen. Mir kënnen net vun uewen erof soen, datt mer '1re année : cours d'hiver' an '2e année : cours de printemps' fir Skulptur a Mole maachen. Dat kënne mer net einfach esou laang am viraus décidéieren. Dat muss sech vum selwe liewen. Wann dee Site bis fäerdeg ass, a wann et bis attraktiv gëtt, da muss dat vum selwen erauswuessen.

De Plang an de Projet vun der Millen ass natierlech eng Supersaach.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass leider esou, datt mer an der Prozedur vum Ministère de la Culture mussen en Dossier eraginn, dee vum Gemengerot approuvéiert ass, an deen och eng 'description détaillée de l'équipement technique prévu', e 'budget prévisionnel concernant les frais

de fonctionnement', e 'budget prévisionnel concernant les frais en ressources humaines', e 'budget prévisionnel concernant la programmation culturelle sur deux ans' an en 'argumentaire concernant la zone d'affluance projetée' muss enthalen.

Et muss een eng gewëss Vue hunn. Dat hei sinn elo emol Saachen déi realistesch sinn, an déi mer 'à même' sinn ze maachen. Ob dat duerno esou ass, an ob d'Demande fir déi Saachen do ass, muss ee kucken. Wa keng Demande do ass, da ginn déi Coursen och net ofgehalen. Mä mir mussen déi Dokumenter awer an den Dossier bäileeën. Well wann deen Dossier net komplett ass, da gëtt iwwerhaapt net iwwer den Dossier geschwat. Si wëlle gäre gesinn op et en Dossier ass, wou si eng Kéier eppes drastiechen, an da sinn se roueg. Dofir wëllen se och gäre gesinn, wéi dat Ganzt soll fonctionnéieren. Zweetens wëllen se gesi wat do gemaach gëtt. Net datt schonn dat selwecht op enger anerer Plaz direkt niewendru gemaach gëtt. Dofir musse mer och Saachen ubidden, déi mer an der Gemeng nach net hunn. Mat der Musek géif et net fonctionnéieren, well mer schonn zum Beispill eng Musekschoul hunn. An Haiser wou ee sech ka begéinen an zesumme Konscht maachen a Konscht léieren, gëtt et an der Regioun hei nach net.

Carlo Gira (CSV):

Dat ganzt Konzept kann een net a Fro stellen. Well, wéi den Här Breyer et scho gesot huet, gëtt et mat deem 'Rouden Haus' e relativ markante Punkt op däer Plaz.

Ech hunn awer heiansdo meng Problemer fir d'Verhältnisser ze verstoen. Ech ka mer net virstellen, datt ee sech esou een Haus géif kafen, an dann nach 1,2 Milliounen do drun hänkt. Ech froe mech wierklech heiansdo wou déi Präisser hirkommen.

Den Här Breyer huet och gesot, datt et verschidde Saachen nach net hei gëtt, an déi kéint een do ënnerbréngen. Et gi Leit hei am Gemengerot, déi hunn en Dada. Ech hunn och een, an ech hunn och schonns emol drop higewisen. Mir als fënnefgréisst Gemeng hei am Land hu keng Bibliothéik. An ech hunn dës Lescht nach héieren, datt eng kleng Gemeng vun 1.500 Awunner eng Bibliothéik an hir Gemeng wëlle kréien, an esou d'Qualitéit fir hir Awunner wëll steigeren. Ech schloen dofir fir, datt nach eng Kéier sollt iwwerpréift ginn, ob dat net och hei méiglech wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Effektiv ass et esou, wa mer als Privatpersoun dat Haus géifen ëmbauen, da géife mer och net eng Daachform a Form vun engem Silo wielen, an dee grousse Raum einfach nëtzlos leie loossen. Den Ëmbau, dee mir wëlle maachen, bréngt mat sech, datt et e Wahrzeechen hei zu Péiteng gëtt, an drop hiweise soll, datt do eppes lass ass. Zweetens huet et och eng Fonctionalitéit, déi einfach an d'Ausstellung erageet. Et gëtt e groussen Ausstellungsraum, well dee Raum kritt praktesch ronn 180 m2, mat vill Liicht a mat vill Raum dran.

Déi Transformatioun vun deem Haus ass sécherlech ee vun deene Punkten, déi am sensibelste sinn. An dat ass och dat, wou de Projet héchstwahrscheinlech e bësse méi an d'Diskussioun kënnt. Mir wëssen net, ob de Ministère et an deem selwechte Mooss gesäit wéi mir, bei engem Haus wat 1937 gebaut ginn ass. Si selwer, de Sites et Monuments, hunn awer hei op der Plaz gesot, datt mer sollen dat Haus klasséiere loossen, well et e Bestanddeel vun deem Site ass. A wa si et och esou gesinn, da miissten se och konsequent un de Fraise participéieren.

D'Bibliothéik ass sécherlech eng Perspektiv, déi een net soll negligéieren. Et lafen awer och am 'Transfrontalier' Diskussioune fir eng Bibliothéik, déi dee ganze Raum soll ofdecken. Et muss ee kucken, wou een dat elo mécht. Mä et ass awer net esou, datt d'Bibliothéik vergiess wier.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech ass dee Projet ze begréissen. Den Här Breyer huet eis e laangen Exposé gehalen. Et si Saachen, déi ee schonn eng Kéier héieren huet.

Wat ech awer e bësse bedaueren ass, datt et esou laang gedauert huet bis d'Madame Modert hei op d'Plaz komm ass. Dat war e groussen Zäitraum, an an däer Zäit hätt scho vill kënne gemaach ginn. Mir wëssen och, datt e Moratoire am Kulturministère war, an datt et eng Zäit näischt méi ginn ass. Hoffe mer – och wann d'nächst Joer Landeswale sinn – datt och duerno de Minister vun deem Ressort op däer Schinn bléift op däer mer elo sinn.

Ech hu just eng Fro zum 'Rouden Haus', an, Här Welter, Dir braucht net ze fäerten, ech froen net no der Jugendherberg do am Haus. Et war emol eng Kéier Rieds, datt d'Amis de l'Histoire kéinten dohinner kommen. Besteet déi Iddi nach ?

Roland Breyer, Schäffen:

D'Amis de l'Histoire hunn e puer Site proposéiert kritt en vue vun deem wat se solle maachen. D'Amis de l'Histoire musse sech emol kloer sinn, an dat ass eng vun deene Saachen déi mer hinnen och gesot hunn, wat hir Destinatioun ass. Et war net eise But – wou mer d'Amis de l'Histoire an d'Liewe geruff hunn – datt do soll e Musée local entstoen. Et sollt eng Mémoire collective locale entstoen. An do sollt einfach fir d'Archive gesammelt ginn, an et sollt een als Particulier oder als Veräin duerno d'Méiglechkeet hu fir do Saache consultéieren ze goen. Mä mer haten ni d'Ambitioune fir Bitzmaschinnen oder Wäschmaschinnen ze sammelen. Dat ass wuel och interessant, mä et sinn net eis Ambitioune gewiescht.

Dat hu mer den Amis de l'Histoire och kloer gesot, an an deem Sënn hu si och hir nei Iddie gemaach, an datt se net méi esouvill Raum brauchen, mä datt se méi Büroe brauche fir dat ze archivéieren. Et sinn hinnen Alternative proposéiert ginn, wou se kéinten higoen. Beim 'Rouden Haus' haten se awer gesot, datt – well se op verschidden Niveauë wieren – dat net grad esou ideal wier. Déi Zäit hu se och nach ëmmer gesinn, datt se grouss Reservë brauche fir ze stockéieren. A mir waren awer der Meenung, datt et net geet, datt d'Mille voll steet mat Saache vun hinnen an als Lager fonctionnéiert. Déi zwou Saachen hätte sech kënne mariéieren, an et ass och net ausgeschloss, datt et eng Kéier kéint goen. Mä et gëtt awer Alternative fir si.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll awer nach dobäi soen, datt 1,3 Milliounen Euro fir e Veräin ënnerdaach ze bréngen, een zolitte Betrag wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir bedaueren och, datt d'Madame Modert esou laang gebraucht huet. Et ass och een Argument, datt mer ëmmer nees ervirbruecht hunn. Mir hunn dem Stat déi Millen ofkaf. De Stat huet e Patrimoine, dee si selwer klasséiert hunn, et ënnerhalen. Mir hunn hinnen deen ofkaf. Et ass ee 'cadeau empoisonné' dee mer kritt hunn. A mir huelen awer elo un, an dat hu mer och als Argument gesot, datt mer bis elo am Kulturelle vum Ministère nach net vill gehollef kritt hunn. Bei all deenen Institutiounen, déi mer an der Gemeng hunn, si mir bis elo ganz aarm ewechkomm. An dorunner wäerte mer se och nach eng Kéier erënneren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hu just nach eng Fro : dat Haus 'Waxweiler', dat elo esou schéin an d'Rei gesat ginn ass, steet mengen Informatiounen no iergendwann zum

Verkaf. Kéint dat dee ganze Projet contrecarréieren, deemno wat do mat deem Haus geschitt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat Haus ass zum Verkaf ugebuede ginn. Et ass eis awer ze deier, a mir gesinn och keng Nécessitéit a keng Opportunitéit doranner. Mir hunn dat och mam Service Sites et Monuments ugeschwat. Si fannen esouguer, datt et net gutt wier, wann déi 'Villa' géif ewechgerappt ginn. Mä sinn hunn och d'Suen net fir ze kafen.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.2.

Culture et loisirs.

Remise en valeur du moulin de Lamadelaine - frais d'études - vote d'un crédit spécial.

Roland Breyer, Schäffen:

Dee Projet hei gëtt méi bëlleg, well déi Millen net eis, mä dem Stat gehéiert. De Stat huet déi Rollenger Millen zanter Joeren do leien, an huet keng richteg Destinatioun dofir fonnt. Mir hunn eis e bëssen do dragemëcht, an hu gesot, datt déi Millen op d'Joer 1400 zeréckgeet wou se fonctionnéiert huet. Mir kéinten eis virstellen, datt an däer Mille verschidden Aktivitéite kéinte stattfannen. Wéi gesot, et ass net eist Gebai, a mir ginn och net vill doranner investéieren, oder mer kënnen och net vill do maachen. Mir haten eis virgestallt, datt do eng Permanence dra wier, déi einfach d'Mille géif ënnerhalen, an op der aner Manéier och zu Verfügung géif stoe fir gewësse kleng 'visites didactiques' fir Schoulklassen oder Gruppen ze maachen. An déi nei ugebauten Annex vun der Mille kéint liicht transforméiert gi fir kleng, typesch Restauratioun op der Plaz ze maachen.

Wann een dat a Verbindung mam Zichelche gesäit, a Verbindung mat de Weieren, mam Hondsterrain, deen dernieft ass, ass dat e Site deen trotzdeem déck besicht ass. Et kéint ee sech och virstellen, datt ee Promenadë vum Zichelchen erof kéint organiséiere fir dohinner eppes kucken ze goen.

Dat waren déi Iddien, déi mir eraginn haten. Mir hunn elo e Bréif vun Sites et Monuments kritt, den 8. Juli 2008, datt de Pro-Actif wéilt säi Büro do an der Millen – am nei gebauten Deel – installéieren. Si maache souwisou elo schonn den Entretien vum Weier a vun der Millen. De Pro-Actif géif sech dann och ëm de Site bekëmmeren, et wier ëmmer een op der Plaz, an dee Moment hätte mer och een, fir déi kleng Visiten ze maachen.

Mir géifen da kucken, fir elo e puer Kreditter ze mobiliséieren, fir eventuell dat esou ze maachen, datt donieft, an deem ugebautenem Deel, déi kleng Restauratioun kéint geschéien, déi vläicht occasionnellement kéint geschéien. Mä et wier emol en Ufank fir op dee Wee ze goen, a si hunn hiren Accord ugedeit. Mir wollten elo emol kloer op de Pabeier bréngen, wat do muss ugebaut ginn. Dofir brauche mer e puer Kreditter fir déi Etüde kënnen ze maachen. Si schreiwen och an hirem Bréif, datt 'courant août/septembre, une décision commune sera prise quant à l'envergure des travaux et quant à la répartition des frais'. Do hu mer eis nach net ausgeschwat, an dofir wollte mer de Gemengerot emol froen, fir 25.000 Euro Kreditter ze kréie fir emol en Avant-projet maachen ze loossen. An da kucke mer emol. Mir si jo net Propriétaire, dat ass de Stat. An et ass net eis Intentioun fir elo déck Suen ze investéieren. Mä dem Rendement an dem Resultat entspriechend si mer averstane fir e klengen Effort mat ze maachen.

Fir de Moment wier et emol, fir déi Iddien op de Pabeier ëmzesetzen. Et mussen e puer Transformatiounen wat d'Sécherheet an de Sanitär ugeet gemaach ginn. Un d'Substanz vun der Mille géife mer awer guer net goen. Déi soll bleiwe wéi se ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen, datt endlech eppes mat der Rollenger Mille geschitt. Déi Mille verkënnt ëmmer méi. Et ass schued, datt säit Sites et Monuments am Besëtz ass, et einfach verkomme gelooss gëtt. Dat fannen ech schro.

Wat ech bei der Moderniséierung vun der Mille gutt géif fannen, datt ass, datt déi Mille komplett fonctiounsfäeg ass, mä datt verschidde Modifikatioune musse virgeholl ginn, well iwwer Joeren näischt méi an däer Mille geschitt ass. An et wier schonn eng flott Saach, éischtens emol als Point de départ fir an de Fonds de Gras, an och fir Schoulen, déi da kéinte gesi wéi eng Mille fonctionnéiert.

Kéint deen ale Propriétaire, deen och d'Pläng vun däer Millen huet, an deen – esouwäit ech informéiert sinn – och Pläng vun anere Millen huet, net mat agebonne gi fir ze kucke wéi een d'Millen nees un d'Goe kritt, a fir ze chiffréiere wat et géif kaschten?

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hat déi lescht Woch eng Versammlung mam Här André Grisse, dem fréiere Propriétaire. An hien huet mer ganz kloer explizéiert, wéi déi Mille fonctionnéiert, an en huet mer och verséchert, datt de fonctiounsfäeg ass an datt et Blödsinn wier, datt geschwat gëtt, et wier alles verkéiert do installéiert ginn. Dat wieren domm Bemierkungen, huet hie gesot, an déi Mille wier fonctiounsfäeg. Si miisst just ajustéiert ginn. Hie steet och gären zur Verfügung fir eis ze beroden. Hien ass och net averstanen domatter, datt – nodeem hie vill Effort a Suen investéiert hat – näischt méi do geschitt ass.

De Moment kucke mer fir mam Sites et Monuments eens ze ginn. A wann een e bëssen Imaginatioun huet, da kann ee schonn e ganz flotte Site gesinn, dee sech do développéiere kéint, mat all deem wat de Moment schonn do ass, a wat nach dobäi kéint kommen. Et kéint een e klenge 'jardin des céréales' do uplanzen, fir de Kanner ze weisen, watfir Zorten et ginn a wéi se gemuel ginn. Et kéint een da Brout aus deene verschiddenen Zorte Kären zerwéieren. Dat si Saachen, déi ee sech kéint virstellen, an déi sécherlech net utopesch sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech begréissen och, datt et op däer Plaz emol endlech virugeet. Et ass och schued, fir déi Joeren Aarbecht, déi de fréiere Propriétaire do dragestach huet, an datt näischt dobäi erauskomm ass. Et ka jo net sinn, datt dat alles do esou verkënnt. Et ass um Stat, fir do eppes ze maachen, an dofir sinn ech frou, datt elo och eppes soll do geschéien. Well et ass wierklech och e Patrimoine vum Duerf. Et ass eng Grondmillen, an ech ka mech drun erënneren, datt nach am Krich d'Fudder fir d'Déieren do gemuel gouf.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir hunn elo vill geschwat, mä et ass kee Wuert iwwer de Büro fir de Pro-Actif gesot ginn. Wann déi elo e Büro do solle kréien, da kéint een hinnen och déi Aufgabe gi fir de Site ze ënnerhalen , an zum Beispill och fir esou Gäert unzeleeën. Dat kéint een – wann et esouwäit ass – an enger Conventioun festhalen.

Roland Breyer, Schäffen:

Si si fir de Moment schonn um Site. Si ënnerhale schonn de Site ronderëm. A si kréien nach aner Aufgaben dobäi. Dee Gedanken hate mer schonn.

Approbation à l'unanimité.

13.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire pour l'année 2008/2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass normal, datt mer an dëser Sëtzung schonn déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Musekschoul fir dat nächst Joer stëmmen. Mir wäerten eis nach eng Kéier méi am Detail – wann all d'Chifferen a wann all Komponente bekannt sinn – am Hierscht driwwer ënnerhalen. An dëser Phas geet et drëm fir d'Rumm an d'Reglement ze definéieren. Um Reglement hu mer weider näischt geännert, dat bleift esou wéi dat och ëmmer ofgeschwat ass an der Entente des Associations des Ecoles de musique. Mir hunn och schonn haut 487 Aschreiwungen. D'lescht Joer ëm dës Zäit hate mer der 456. Et kommen der sécherlech an deenen nächste Wochen dobäi, wou mer dann dëst Joer wahrscheinlech och erëm iwwer 500 Aschreiwunge wäerte kommen. Dat ass fir eis Musekschoul dat, wat mer och opgronn vun eisen Infrastrukturen ouni Wiederes kënne packen.

Accord à l'unanimité.

14.1.

Sports.

Renouvellement de l'éclairage du terrain de football Jos. Philippart à Rodange - approbation du devis adapté.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Dezember hate mer dëse Projet schonn hei am Gemengerot gestëmmt, an dat am Kader vun deene ganzen Aarbechte bei der neier Sportshal zu Rodange. Du gouf och décidéiert, fir um Futtballterrain nom Eclairage vum Terrain ze kucken. D'Beliichtung war net méi an der Rei, well se den Normen net méi entsprécht. Mir hate gehofft, datt et géif duergoen, datt mer un deene Maste géifen nei Luuchten drunhänken, esou datt den Terrain nees esou beliicht gëtt wéi dat vun der FLF virgeschriwwen ass. Nodeem datt mer d'Kredittter hei am Gemengerot gestëmmt haten, hu mer fir d'alleréischt ee Bureau domatter beoptraagt fir ze kucken, wéi déi Maste sinn, an ob se nach an der Rei wieren. Mir hunn awer du ganz kloer vun deem Bureau gesot kritt, datt se net an der Rei sinn, an datt et net gutt wier, fir 105.000 Euro an nei Luuchten ze investéieren, wann d'Masten net mat erneiert géife ginn, well se an engem schlechten Zoustand wieren. Wann een elo nei Maste setzt, dann hätt een och d'Méiglechkeet, fir se ze versetzen, esou datt een doduerch nach eng besser Beliichtung vun deem Terrain géif kréien, an och eng méi energiegënschdeg Beliichtung géif kréien.

Doropshin hu mer eis en neien Devis ugefrot, fir ze kucken, wat et eis da géif kaschten. Mir hunn och beim Ministère des Sports nogefrot, wat mer eis kënnen a Form vu Subsiden erwaarden, wa mer esou eng Anlag maachen. Mir hunn déi éischt Informatioune virleien. Wa mer elo eng komplett nei Anlag maache loossen, da geet de Käschtepunkt vun 105.000 op 225.000 Euro erop. Vum Ministère hu mer och mëndlech gesot kritt, datt mer mat 25% Subside kënne rechnen. Och do musse mer natierlech ofwaarden, wa mer den Devis hei gestëmmt hunn an en um Ministère eragereecht hunn, datt mer dat nach schréftlech matgedeelt kréien.

Wann een dat elo an dëser Phas kuckt – inoffiziell kuckt, well mer et jo nach net schréftlech hunn - , da géif eis dës Anlag ongeféier 170.000 Euro kaschten. Domatter hätte mer dann och eppes komplett Neies, wat fir déi nächst 20 Joer miisst an der Rei sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Wat d'Luuchten ugeet, esou huet d'Federatioun nei Norme festgesat. A wann een et gär conforme hätt, da muss een d'Luuchten ersetzen. D'Masten hunn och effektiv hiren Déngscht geleescht. An och schonn nëmme wéinst der Sécherheet soll een déi och mat ersetzen.

Ech hätt awer nach eng Fro zum Terrain. Ronderëm hu mer alles an der Rei, mir hunn nei Vestiairen, asw. . Mä wéi ass et mat der Tribün ? Déi ass jo och scho laang baufälleg erkläert. Gëtt déi eng Kéier ewechgerappt, oder wat geschitt do ? Kënnt do eppes neies dohinner, oder ass dat ee Projet, dee méi spéit kënnt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Tribün ubelaangt, esou hate mer gesot, datt mer dëst Joer an de Budget 2008 de synthetesche Futtballterrain drasetzen. Dat ass u sech déi drëtt Phas. D'Sportshal war déi éischt Phas, an d'Strooss war déi zweet. Fir deen Terrain sinn d'Aarbechten ausgeschriwwen, an d'Soumissioune sinn elo opgemaach ginn an d'Décisioune wäerten elo geholl ginn. Dat heescht, déi ginn elo am Hierscht gemaach a mer wäerten ugangs 2009 domatter fäerdeg sinn. A mir hate gesot, datt mer am Joer 2009 dee leschten Deel vun deem Projet, dee mer 2002 gestëmmt haten, an de Budget setzen. Dat ass engersäits d'Tribün an anersäits och deen ee Parking, deen nieft der Tribün soll aménagéiert ginn.

Ënner normalen Ëmstänn wäert dat och an deem nächste Budget mat drastoen. Ech wëll mech awer net zu 100 Prozent festleeën, well am Budget hänkt et jo ëmmer dovunner of, wéi et mat de Sue steet, a wéi och d'nächst Joer d'Recette kënne fléissen opgronn vun der wiertschaftlecher Entwécklung vun eisem Land. Mä ech ginn awer fest dovunner aus, datt mer 2009 dee leschten Deel am Budget stoen hunn, an datt mer dann Enn 2009, Ufank 2010 dee ganze Projet ofgeschloss hunn.

Guy Brecht (LSAP):

Well mer scho breet Diskussioune bei de Budgetdiskussioune gefouert haten, wollt ech awer nach eng Kéier nofroen, op déi ablécklech Masten an déi Beliichtung sech net méi eegene fir an den Doihl oder duerno op de syntheteschen Terrain ze setzen. Dat ass jo richteg esou ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Luuchte kënne mer vläicht nach récupéréieren, mä d'Masten – dat ass dee grousse Problem – déi sinn net méi an der Rei. Ënne sinn déi – ech wëll elo net soen duerchgerascht – an engem Zoustand, datt ee keng grouss Investissementer domatter soll maachen. An dofir décidéiere mer jo fir neier ze setzen. An dofir kënne mer se och net méi fir aner Zwecker gebrauchen.

Guy Brecht (LSAP):

Och d'Luuchte sinn net méi ze gebrauchen, emol net méi fir den Trainingsterrain.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat kann ee kucken. Dat soll eisen Techniker kucken, a wa se nach fir eppes ze gebrauche sinn, da kann een se nach verwäerten.

Approbation à l'unanimité.

14.2.

Sports.

Construction d'un centre national de jeux de quilles et d'un hall de tennis à Pétange - projet définitif (mémoire descriptif, devis et plans) - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

An der Gemengerotssëtzung vum 20. November 2007 hu mer den Avantprojet vum nationale Keelenzentrum mat der Tennishal gestëmmt, mat engem Betrag vun 7.300.000 Euro. Dësen Dossier gouf den 5. Juni 2008 vum Inneminister approuvéiert. Och eng Rei 'avis favorables' leie vir, ënner anerem dee vum Sportsminister.

Mir hunn haut, 8 Méint méi spéit, den definitive Projet mat den Detailer vun iwwer 30 Säite virleien. Den definitive Projet, par rapport zum Avant-projet, geet ëm 100.000 Euro erop, an zwar op 7.400.000 Euro, an dat duerch eng Rei Verbesserungen. Déi éischt ass déi, datt mer d'Bürosraim um éischte Stack op Wonsch vun der Keelefederatioun, an och op Wonsch vum Tennis, géife klimatiséieren. Och dee gemeinsame Versammelungsraum fir Keelen an Tennis géif och klimatiséiert ginn.

Bei der Holzconstructioun, déi duerch d'Béie vum Holz méi Meterkipp Holz braucht, ass eng Ajustatioun gemaach ginn. An hannert dem Gebai gëtt e Reewaasserbecke gebaut, wou d'Waasser op natierlechem Wee ofsickere gelooss gëtt, mat engem ënneriedege Waasserbehälter, deen och als Staubecke fonctionnéiert.

D'Devisë fir den definitive Projet belafe sech also elo, toutes taxes comprises, op 7.400.000 Euro. Vun dësem Chiffer kréie mer 3.200.000 Euro vum Stat. Dat sinn um Deel 'Keeleconstructioun' fir de Betrag vun 3.675.000 Euro 70%, an um Deel 'Tennis' fir de Betrag vun 3.950.000 Euro 20%.

Mir hunn och an dem Budget 2008 310.000 Euro stoen. Dëst geet duer fir d'Käschten, déi de Moment ufalen, ze honoréieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif nach eppes ganz Klenges hannendrun hänken. Mir haten och, wat deen Accès op dee Parking ubelaangt, eng Diskussioun de leschte Méindeg mat de Propriétairë vum Threeland. A mir sinn eis eens ginn, datt mer déi zwee Parkinge gemeinsam ufueren, an datt mer do net versigelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Si hu jo fir de Moment eng Entrée, déi esou e bësse schief op hiren hënnegte Parking erageet. Mir setzen elo e Parking niewendrun, op eis Säit, déi awer dann ënnerenee kënnen échangéiert ginn. Wa si emol eppes Gréisseres hunn, da kënne si vun eisem Deel profitéieren, an ëmgedréint mir och. Mir maachen awer eng separat Afaart fir eis, a mer maachen eng gemeinsam Ausfaart an der Mëtt. Dat heescht, et gëtt um Buedem esou agezeechent, net datt do en Duercherneen entsteet, oder datt Geforen entstinn. Si fueren zu hirer Säit eran, mir fueren zu eiser Säit eran, a mir kënnen alleguerten duerch d'Mëtt erëm erausfueren.

Béid Parteie kënnen domatter liewen. An en Hotel ass och sécherlech e Complément zu Tennis, an ëmgedréint ass och den Tennis an d'Keelen e Complément zum Hotel. An et sollt een dat als Ganzt gesinn. An et kann een nëmmen dobäi gewanne wa mer eis esou verstinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hat déi leschte Kéier déi Saach mam Parking jo och ugeschnidden. Wann der jo elo mam Threeland zesumme waart, ass do och dee wëlle Parking vis-à-vis ugeschnidde ginn ? An deem selwechten Zesummenhang hätt ee kënnen en Accord fannen, datt een dat och emol endlech eng Kéier geregelt kritt hätt.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir wësst och, datt d'Propriétéitsverhältnisser onkloer sinn. Déi Parzell ass fréier iwwer d'Strooss ewechgaangen, an e Stéck dovunner läit nach op der anerer Säit vun der Strooss. D'Strooss gehéiert hinnen u sech och nach. Et ass wéi bei deenen Emprisen am grousse Ganzen, déi mussen eng Kéier regulariséiert ginn. Do muss awer fir d'éischt emol eng Levée gemaach ginn. Et mussen also e puer Käschten investéiert ginn. De Problem ass eis bekannt, an ass och ugeschnidde ginn. A mer musse kucken datt mer dat eng Kéier bei de Regularisatioune vun den Emprisë mat eranhuelen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dann hätt ech nach e puer Froen, déi méi dee prakteschen Deel betreffen. Ass e Plang virgesi fir d'Exploitatioun vun der Keelebunn an der Tennishal ? Wie kënnt fir d'Ënnerhaltskäschten op, dat heescht fir d'Waasser, de Kanal, d'Elektrescht, d'Botzen, asw. ? Wéi steet et mat der Benotzung vun deenen zwou Hale fir eis Bierger ? Watfir Rechter huet eng Persoun, déi net an engem Club federéiert ass ? Ass eng Méiglechkeet virgesinn, fir datt ee vu baussen iwwerhaapt kann do Keelen oder Tennis spillen ? Wat sinn d'Folgekäschten, déi duerno nach wäerten op d'Gemeng zoukommen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann als Aleedung Folgendes zu de Folgekäschten soen: Well et jo en nationale Keelenzenter ass, an doduerch d'Federatioun mat considéréiert ass an och de Sportsministère déi national Infrastrukture mat subventionéiert fir d'Ënnerhaltskäschten, ass et kloer, datt fir dee Site, wat de Keelenzenter ubelaangt, sécherlech och e groussen Deel vun deene Frais de fonctionnement vum Stat bezuelt gëtt. Wéi héich deen Deel elo ass, kënne mer net 100-prozenteg soen. Och déi Büroe gi jo ënnerhalen, an dofir kritt d'Keelefederatioun Geld vum Ministère, fir hir Büroen, respektiv hir Infrastrukturen ze ënnerhalen. Dat ass schonn emol en éischte Volet vun deene Frais de fonctionnement, déi an deem Haus do ufalen.

Da kommen déi Frais de fonctionnement vum Tennis, an do ass et fir eis ganz kloer, datt dat eis – an do wäerte mer eis zum Beispill op Mamer informéiere goen, well do fonctionnéieren och esou Infrastrukturen – op kee Fall am ordinäre Budget 1 Euro dierf kaschten, op jiddwer Fall wat de Fonctionnement ubelaangt. Mir mussen op mannst dat an de Equiliber kréien, wann net esouguer e Plus.

An ech ginn iech komplett Recht, datt et net ka sinn, datt et Infrastrukture sinn, déi eenzeg an alleng de Veräiner zur Verfügung stinn. Och vun eise Bierger mussen déi Tennisterrainen an déi Keelebunne kënne profitéiert ginn, mat Ausnam vläicht vun deenen 8 internationale Keelebunnen. Et wier vläicht net ubruecht, datt do Amateuren drop spillen. Mä déi aner 4 Keelebunne ginn zum Deel fir national Competitiounen, mä och zum Deel fir de Public accessibel gemaach, a wou een – wéi op enger normaler Keelebunn – muss bezuele wann ee wëll drop spillen.

Fir de Rescht musse mer den Detail kucken, mä déi grouss Linne mussen déi sinn, datt mir an eisem ordinäre Budget net belaascht gi mat de Frais de fonctionnement vun deem Gebai.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen dat, Här Buergermeeschter, datt den ordinäre Budget net soll domatter belaascht ginn. Well et war uganks bei der Constructioun schonns ugeklongen, datt der géift kucke fir op Privatpromoteuren zeréckzegräifen, fir en Deel vum Bau mat finanzéiert ze kréien. Dat ass jo elo net de Fall, an dat ass vläicht och grad esou gutt. Esou datt do Kompetenze ganz kloer sinn. Mä dat anert miisst och ganz kloer sinn, net datt mer all Joer am ordinäre Budget esouvill Fraisë mat hunn, a wat duerno méi gëtt wéi dat, wat de Bau u sech kascht huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Sécherlech wäerte mer dofir suergen, datt dat net geschitt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll just nach bäifügen, datt mer an deem Zentrum eng Buvette wäerte fonctionnéieren hunn, a wou och e Loyer wäert erakommen. Op däer aner Säit ass et esou – an dat hunn ech scho mat de Leit vum Tennis ofgeschwat –

datt mer do och nach musse Verhandlunge féieren. Ech mengen, eng Tennisstonn gëtt zimlech deier bezuelt, a mir stellen d'Hal zur Verfügung. An och op deem Wee musse mer kucken, datt mer zu eisem kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dir schwätzt do vu Stonnen déi musse bezuelt ginn. Et ass kloer, datt eppes dofir muss bezuelt ginn. Mä gëtt dat iwwer de Club geréiert, oder gëtt et iwwer d'Gemeng, also eis Servicer geréiert ? Datt ee sech esouvill Bonge siche kënnt, wéi ee wëll spille goen, a sech aschreiwe geet.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et gesäit de Moment esou aus, wéi wann d'Gestioun vum Tennisclub géif gemaach ginn. A mir verhandelen dann do nach eisen Deel, fir do och nach eppes ze kréien, aus.

Norbert Pierre (LSAP):

Also dat géif ech net gutt fannen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et soll ee Forfait sinn, deen een eventuell eemol am Joer kritt. Ech weess ganz genee, datt den Tennisclub de Moment wou déi al Tennishal nach do war, a Lëtzebuerger Frange wäit iwwer 1 Millioun akasséiert huet iwwer d'Stonnen. Mir stellen elo eng Hal zur Verfügung, an da schéngt et mer normal ze sinn, datt mer och een Deel dovunner matkréien. Wéi gesot, et si nach Verhandlungen, déi nach solle lafen.

Norbert Pierre (LSAP):

Un de Propriétaire hu se jo awer och e kinnekleche Loyer bezuelt, fir do kënnen déi Hal ze exploitéieren.

Carlo Gira (CSV):

Dir sitt séier fäerdeg mat menger Fro, well ech wollt nääämlech froen, ob de Sportsministère scho grad esouwäit wier wéi de Kulturministère, an ob déi Saach mat der Exploitatioun an de Käschte geregelt wier. Dat ass jo elo scho beäntwert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Sportsministère ass sécherlech scho méi wäit fort wéi de Kulturministère. Mir hunn hei scho Chiffere feststoen, an déi kënnen héchstens nach no uewe revidéiert ginn. Déi Chifferen, déi mir an eisem Dossier hunn, hu mer schwaarz op wäiss kritt, an dat ass gekläert.

Jeannot Linden (LSAP):

Nach eng kleng Ureegung. Ier et elo mam Bau lass geet, muss jo vum Kadaster alles ausgemooss ginn. Kéint een dann net och déi aner Saach mam Hotel dee Moment matmaachen ? Well dat stéisst jo praktesch uneneen.

Roland Breyer, Schäffen:

De Moment maache mer näischt mam Kadaster. Dee ganze Zoning ass zum Deel nach net delimitéiert. Well mir hu jo fir de Bau Kadasterpläng virleien. Uewendrun ass jo de Staes, deen huet jo kaf. Déi Limiten zum Noper hi si kloer. Et si just déi Saachen, déi iwwer d'Strooss erausginn, déi nach musse gekläert ginn. An dat musse mer eng Kéier global opmoosse loossen. Dat gëtt eng gréisser Saach. Déi ganz Strooss muss opgemooss ginn.

Approbation à l'unanimité.

15.

Transports et communications.

Renouvellement des infrastructures dans la rue de la Terre Noire à Rodange - approbation du devis estimatif et des plans.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn am Budget gesot, datt mer an der rue de la Terre Noire d'Infrastrukturen erneieren. Mir hunn elo den Devis estimatif virleien. Dee beleeft sech laut Schroeder & Associés op ronn 597.000 Euro. Do soll dee ganzen Décapage vum Terrassement vun den Trëttoiren a vun der Strooss gemaach ginn. Dat heescht, et gëtt bis un d'Haiser alles opgerappt. D'Bordure ginn ewechgeholl, et gëtt en neie Coffrage gemaach, et kommen nei Borduren dohinner, d'Waasserleitung kënnt draleien an d'Raccordë komme bis un d'Privatproprietéiten erun. D'Kanalisatioun gëtt ersat an déi eenzel Infrastrukturen, déi am Buedem leien, wéi d'Antenne, asw. och. De Gaz mécht bei dësem Projet net mat. En ass net an dësem Devis hei dran, a wann se eppes maachen, da maachen se dat op hir Täsch. Wa mer den Devis estimatif elo hei gestëmmt hunn, da kënne mer un d'Pläng erugoen an d'nächst Joer mat den Aarbechten ufänken.

Jeannot Linden (LSAP):

An eiser Délibératioun hu mer propper drastoen 'renouvellement de l'éclairage public y inclus pose de nouveaux candélabres'. Wa mer dann awer op d'Säit 368 ginn, da steet am 'descriptif des travaux' kee Wuert dovunner. Dat selwecht ass op der Säit 369 'récapitulation', do steet och kee Saz dovunner dran. Et gi jo awer Luuchte gesat. Firwat sinn déi an deem Descriptif net mat dran ?

Roland Breyer, Schäffen:

Hei ass den Devis vun den 'travaux de génie civil', dat heescht vun allem, wat an der Strooss gemaach gëtt. Dat ass elo den Devis, dee vu Schroeder & Associés opgestallt ginn ass. Et kommen awer och nach Saachen, zum Beispill vun eisem Waasserservice, an och d'Luuchten, dobäi. Déi gehéieren net an dësen Devis. Dat hei ass nëmmen den Devis fir 'travaux de génie civil'.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat geet net kloer hei ervir, an dofir hunn ech dat och gefrot.

Roland Breyer, Schäffen:

Esouwäit meng Informatioune ginn, wieren d'Candélabren net mat dran hei. Esou datt dat och net vun der Firma gesat gëtt. Ech kann dat awer nokucke loossen, an Iech déi nächste Kéier soen, wat nach dobäi kënnt. Och dat vun der Waasserleitung schéngt mer och net dran ze sinn. An deem Devis ass méi déi graff Infrastruktur vum 'génie civil' virgesinn. Mä, wéi gesot, mir loossen dat awer nokucken.

Romain Rosenfeld (CSV):

Den Här Breyer huet virdru gesot, datt de Gaz net mat mécht. Déi nächst Woch hu mer eng Kommissiounssëtzung vum Sudgaz, an do froen ech, datt se sech mam Büro a Verbindung setzen, net datt duerno nach eng Kéier muss opgerappt gi fir d'Gazleitung ze erneieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech war selwer an enger Versammlung dobäi, wou mer iwwer déi Projetë geschwat haten déi mer wëllen dëst Joer maachen. Ech weess elo net, ob de Gaz mat mécht oder net. De Gaz ass an dësem Devis net mat dran. Dat heescht awer net, datt se net mat do schaffen. Dir kënnt awer am Syndikat nach eng Kéier nofroen, ob se och dobäi sinn.

Approbation à l'unanimité. Mme Conter, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

16.1.

Vie associative.

« Millenium Bikers » de Pétange - admission sur la liste des associations à subventionner - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Kommissioun proposéiert eis, an de Schäfferot ënnerstëtzt dat och, fir den

'Millenium Bikers', déi scho laang bei eis op der Lëscht stinn, an ëmmer e fixe Subsid kritt hunn, eventuell op déi Lëscht vun den Associatiounen déi subventionéiert ginn drop huelen.

Accord à l'unanimité.

16.2.

Vie associative.

Octroi de subsides réguliers et spéciaux - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Subsiden ubelaangt, esou leien déi an der Gréissenuerdnung vun deene leschte Joeren. Mir leie bei knapp 100.000 Euro. Wann een déi Opdeelung e bësse kuckt, wéi dee Subsid sech zesumme setzt, da stellt ee fest, datt 37,75% vun deene Subsiden déi ausbezuelt ginn iwwer de Subside de base bezuelt gëtt. Dat ass dee Basissubsid, deen all Veräin eng Kéier vum Gemengerot zougestane kritt huet. Da sinn 22,43% opgronn vun den Aktivitéiten definéiert, 17,66% opgronn vun der Jugendaarbecht, déi di Veräiner maachen, 4,67% opgronn vun der Präsenz vun de Veräiner bei den offizielle Geleeënheeten, wéi Nationalfeierdag, wéi de Commemoratiounsdag, asw., 1,56% opgronn vun de sportleche Performancë vu verschiddene Veräiner, 1,56% opgronn vun Anniversairen. Do war de Foyer de la Femme vu Rodange, deen de 75. Gebuertsdag gefeiert huet, an d'Bluttspender vu Péiteng, déi de 50. Gebuertsdag gefeiert hunn, an déi doduerch dann dee spezifesche Subsid do kruten. 4,69% goufen un d'Nikloswierker bezuelt fir Titercher ze bezuelen. De Rescht, dat si knapps 10%, goufen a Form vu 'subsides fixes' oder vu Cotisatiounen, Memberskaarten, ausbezuelt. Dat mécht dann am Total 99.908,98 Euro.

Wann ee kuckt, da gesäit een, datt mer an alle Beräicher ganz wéineg Schwankunge par rapport zu de viregte Joeren hunn. Mir hu vläicht op enger Plaz, wou mer dëst Joer wesentlech manner hunn, an dat bedeit dann och, datt mer dëst Joer ënner 100.000 Euro leien, wou mer soss Joere liicht iwwer 100.000 Euro waren. Dat sinn déi Subsiden déi mer ausbezuelen opgronn vun de sportleche Leeschtungen, wou mer ganz oft iwwer 3.000 Euro haten, esouguer 2006 hate mer 4.850 Euro, a wou mer dëst Joer nëmmen 1.600 Euro hunn. Et sinn nëmmen 2 Veräiner, déi an dee Genoss kommen. Dat ass de Volleyball, well en duebele Champion war, an den Handball, well hien an d'Nationaldivisioun gestigen ass. Dann hu mer nach een oder aner Champion an individuelle Sportaarten, mä déi ganz grouss Zommen, esou wéi mer se 2006/2007 ausbezuelt haten, sinn dëst Joer net ugefall.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass richteg, datt beim sportlechen Deel d'Schwankungen am gréisste sinn. Wann een awer elo kuckt, esou hu mer 105.000 Euro am Joer 2005 ausbezuelt, 107.000 Euro am Joer 2006, 107.000 Euro am Joer 2007. Dëst Joer ass et fir d'éischt, datt mer ënner 100.000 Euro leien. Dat ass awer e schéine Prozentsaz, wou mer dëst Joer manner ausbezuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et si sécherlech déi sportlech Leeschtungen, déi do eng Roll spillen, mä et muss een awer och soen, datt mer d'lescht Joer der Rodanger Musek e spezielle Subsid fir hir 125 Joer ginn haten. Dat ware bal 1.000 Euro alleng fir si. An da sinn natierlech och Veräiner dobäi, déi liicht manner Jugendlecher uginn hunn, an doduerch dann och e bësse manner an deem Beräich kréien. Si hu vläicht dëst Joer och e bësse méi realistesch Zuele matgedeelt, dat kann och sinn, an datt mer doduerch dann och e bësse manner ausbezuelt hunn.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass effektiv esou, datt mer d'lescht Joer méi Gebuertsdeeg hate wéi dëst Joer. An dofir ass déi Zomm och e bësse méi kleng.

Ech hu mer awer zu de Subsiden e puer Notize gemaach, an dat aus der Siicht vun 2 Kommissiounen, an deenen ech dra sinn. Dat ass d'Kulturkommissioun an d'Sportskommissioun. Et ass ville Saache Rechnung gedoe ginn, ville Propositiounen, déi an de Kommissioune gemaach si ginn, si Rechnung gedroe ginn. Ech nennen do nëmmen d'Amicale Nidderréideng, déi eppes Klenges bäikritt huet.

Dann hunn ech och gesinn, datt de Cercle dramatique 150 Euro manner kritt huet. Ass dat duerch ee Jugendlechen, deen se manner hunn ?

Mir haten och gesot, datt den Ënnerscheed tëscht de Rappdeckelen an dem Cercle dramatique soll ëmmer e bësse bleiwen, an dat well d'Rappdeckelen jo méi Aktivitéiten iwwer d'Joer hu wéi den Cercle dramatique.

Den Hobby 81 huet och e bësse bäikritt. Dat ass natierlech och ze begréissen. A selbstverständlech ass och ze begréissen, datt d'Amis de l'Histoire 4 Punkte bäikritt hunn an der Rechnung, well hir Aktivitéiten och deementspriechend sinn.

De Péitenger Wand huet seng 1.000 Euro net méi kritt. Do wësse mer alleguerte firwat, an et brauch een net méi doropper anzegoen.

Beim Cercle nautique fält op, datt déi och e bësse manner kritt hunn. Ech huelen un, datt déi och manner Jugendlecher hunn.

Beim Dart Club 3 Frontières ass mer opgefall, datt déi 200 Euro manner kréien. Do wollt ech froen, firwat dat esou ass ?

Den Titus huet och net méi dee selwechte Subsid kritt wéi d'lescht Joer. An dat selwecht gëlt och fir d'Hondsfrënn vu Péiteng.

Den Southside Basket Péiteng huet och net méi déi Zomm vu leschte Joer kritt. Ech huelen un, datt se d'lescht Joer Champion waren, an datt se dofir méi kruten.

Wat een natierlech och freet, a wat mer ëmmer gefuerdert hunn, ass, datt den Interesseveräin vu Rolleng just nach 95 Euro ënnert deenen zwee Syndikater läit. Mir wëssen, datt d'Syndikater vläicht aner Interessen hu wéi den Interesseveräin. Mä et ass selbstverständlech ze begréissen, datt den Ofstand net méi esou grouss ass wéi am Ufank.

Erlaabt mer awer nach séier fir zum Schluss nach zwou Doléance vun zwee Veräiner hei ervirzebréngen. Do sinn emol éischtens d'Majorette vu Rodange/Lamadelaine, wou mer frou sinn, datt déi nees op der Subside-lëscht stinn. Mä déi hunn zum Beispill gefrot – well dee Moment wou déi Rodanger Hal opgaangen ass gesot gouf, datt déi Rodanger Veräiner Virrecht an däer Hal hätten – firwat si net dierfen an däer Sportshal trainéieren ? Si géifen et besser gesinn, hir Bengelen an der Hal an d'Luucht ze schéissen. Am Rodanger Centre geet dat net esou gutt.

Eng zweet Doléance hunn ech nach vum Rodanger Coin de Terre et du Foyer. Déi wëssen am Moment nach ëmmer net a watfir Raimlechkeeten datt se kommen, vu datt se hirt Lager nach ëmmer ënnert der Schoul hunn. Dat huet sech vläicht an der Tëschenzäit gekläert, mä ech wollt et awer hei froen.

Dat ware meng Interventiounen, mä am allgemenge kann ech awer heimatter averstane sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt verschidde Variatiounen ugeschwat. Effektiv ass de Grond heifir bei der Jugendaarbecht ze sichen, respektiv op Grond vun der Performancen. Ech huelen do zum

Beispill de Cercle dramatique, dee kee Jugendleche méi uginn huet, an dofir 150 Euro manner krut.

De Cerle nautique hat d'lescht Joer 2 individuell Championen, an dëst Joer hate keng. Beim Dart Club ass et identesch. Den FC Titus huet manner Jugendlecher, an dofir geet de Subsid bei deenen ëm 300 Euro zeréck. Beim Hondsclub ass et och duerch de Réckgang vu Championen, datt se manner kréien.

Beim Basket, esou muss ee soen, datt déi d'lescht Joer d'Coupe gewonn haten, dat waren 400 Euro a si sinn an eng Divisioun méi héich geklommen, an dat waren 250 Euro. Déi Zomme sinn dës Kéier ewechgefall. Op der aner Säit hu se awer méi Jugendaarbecht, esou datt se dofir nees 300 Euro méi kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Beim Gaart an Heem Rodange ass et esou, datt se am gaange sinn ze plënneren. An zwar kommen déi an de Centre zu Rodange. Si kommen dohinner wou de CIGL war. Déi Garagë si fir si adequat an d'Rei gesat ginn, an och de Büro hannenaus ass fir si gebaut ginn. Esou datt déi Saach och an der Rei ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt nach just op d'Majoretten ze schwätze kommen. Op der Generalversammlung hu mer och mat hinnen doriwwer geschwat. An de Moment hu si nach keng Décisioun geholl, ob se wëllen an d'Sportshal goen oder net. Well an der Sportshal hätten se keng Méiglechkeet fir hiert Material ze hannerleeën. Et gouf awer gesot, wa se eng Kéier de Wonsch hätte fir an d'Sportshal ze goen, da sollen se eng offiziell Demande maachen, an de géife mer de Fall traitéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech constatéiere mam Här Brecht, datt den Interesseveräin vu Rolleng 95 Euro manner huet wéi d'Syndicats d'initiative. Ech deelen awer net d'Meenung, datt et miisst sinn, datt déi op een Niveau gesat ginn. Ech vergonnen dem Interesseveräin sécherlech déi 1.645 Euro. Wann dat sollt berechtegt sinn, da sinn ech der Meenung, datt d'Syndicats d'initiative miissten dat duebelt vun deem kréien.

Guy Brecht (LSAP):

Dat ass eng Diskussioun, déi all Joer erëm kënnt. Ech muss et awer all Joer soen.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn zwou Froen zu de Subsiden. Wann ech kucken, datt de Foyer du Jour Kordall an d'Villa Bambi dee selwechte Betrag kréien, esou hunn déi eng awer wesentlech manner Still wéi déi aner. Gëtt do net gekuckt no den Aktivitéiten ?

Déi zweet Fro ass déi : Wann een op der Subsidelëscht steet, muss een dann och seng Aktivitéiten an der Gemeng hunn oder geet et duer, wann een hei ugemellt ass a seng Aktivitéiten auswäerts huet ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei däer zweeter Fro weess ech elo net wat der mengt.

Carlo Gira (CSV):

Ech kann et ganz genee soen. Ech war elo scho fir d'zweet Joer hannerenee beim Club Canin d'Ami Fidèle, déi heeschen och nach Rodange hannendrun, mä déi hunn hir Aktivitéiten an hir Generalversammlung zu Uewerkäerjeng an engem Lokal.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir d'éischt wollt ech op d'Crèchen agoen. Et ass esou, datt laut eisem Subsidereglement all Crèche e fixe Subsid vun 1.000 Euro kritt. Dat huet näischt mat den Aktivitéiten ze dinn. Et kann een awer eng Kéier hei diskutéiere fir dat ze änneren. Mir haten dat 2001 eng Kéier esou festgeluegt opgronn vun däer Situatioun wéi se do bestanen huet. Ech géif och soen, datt d'Aktivitéit vun der ASBL net a Fonctioun vun der Zuel vun de Kanner ass. Et si jo éischter d'Leit déi do sinn, déi méi musse schaffen. Ech kann awer domatter liewen, datt mer et eng Kéier sollen nokucken. Ech ginn awer dovunner aus, wann zu Péiteng nees erëm eng Kéier eng Crèche op ass, da ginn et jo och an déi 50 Still, datt mer dann erëm méi eng équitabel Situatioun wäerten hunn, wann déi d'Gestioun iwwerhëlt. Sollten déi d'Gestioun net iwwerhuelen, da muss ee sech d'Fro wierklech stellen, ob mer nach déi ASBL bäibehale sollen. Dat ass dann awer eng Fro, déi ee sech gerechterweis muss stellen.

Wat déi aner Saach ubelaangt, esou ass dat och eng Saach, déi aus der Vergaangenheet gewuess ass. Dee Veräi steet schonn op der Subsidelëscht esoulaang ech mech kann drun erënneren. Ech ka mech net drun erënneren, datt mir dee Veräin eng Kéier sollten dropgesat hunn. Wa mer dat eng Kéier wëllen a Fro stellen, da musse mer dat am Gemengerot décidéieren.

Accord à l'unanimité.

17.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

An der Nuecht vum 14. op den 15. September 2007 ass um Site vum Train 1900, um Territoire vun der Péitenger Gemeng, net wäit ewech vun den éischten Haiser vu Rodange, de Westwagon 206/216 muttwëlleg a Brand gesat ginn. Dat schéint Stéck ass dorops hin total ofgebrannt an duerch déi grouss Hëtzt komplett zerstéiert ginn. Den Autorail war net méi ze flécken, vu Restauratioun net ze schwätzen.

Ech wollt elo vun iech wëssen, wat mat dem Ënnergrond, dat heescht mat dem Buedem gemaach ginn ass wou dësen Autorail zum Zäitpunkt vum Brand stoung ? Et muss ee wëssen, datt eng Onmass Diesel, Ueleg, Schmierfetter, Lacke vum Ustrach, Plastik an eventuell och Asbest an deem Autorail waren zum Zäitpunkt wou e gebrannt huet.

Eis Pompjeeë waren deemools mat ronn 30 Leit op der Plaz an hunn hirt Bescht gemaach fir de Brand ze läschen an och d'Läschwaasser ass mat der ganzer Supp an de Buedem gesickert.

Leeft do nach, bal e Joer méi spéit, monter d'Reen- sprech Uewerfläche-waasser duerch dee gëftege Mix an d'Grondwaasser ? Ass de Buedem entsuergt ginn ?

Gilbert Welter, Schäffen:

An engem Telefonsgespréich vum 21. Juli 2008 mam Här Julien Bettendorff, huet de Kommandant vun de Pompjeeë folgend Informatioune ginn:

Bei dësem Feier, wou de Westwagon muttwëlleg a Brand gestach gi war, ass d'Läschwaasser an de Buedem gelaf. Op dëser Plaz um Site vum Train 1900 gëtt et keng Opfangbecken. D'Resultat ass similär mat deem, wat zum Beispill op der Zuchstreck Péiteng – Lëtzebuerg kéint geschéien, wann en Zuch vun den CFL brennt, respektiv op der Strooss, wann en Auto oder e Camion brennt. D'Läschwaasser versickert hei an de Buedem, a leeft an de Syphon.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat do war natierlech eng bëlleg Äntwert. Et geet jo net nëmmen ëm d'Läschwaasser. Et geet och ëm dat ganzt Reewaasser, wat duerno ëmmer doduerch gesickert ass, an an d'Grondwaasser leeft, an déi éischt Haiser vu Rodange kréien et dann an de Gaart. D'Fro war net nëmme wat d'Pompjeeë gemaach hunn. Ass de

Buedem entsuergt ginn, vu datt et op eisem Territoire geschitt ass?

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech kann nach dozou soen, datt d'Differenz déi ass:

Wann elo eng Industrie iwwer Wochen, Méint a Joeren de Buedem verseucht, dann ass dat eppes aneschters wéi wann eemol duerch en Accident Läschwaasser an de Buedem eranzitt. Mir wëssen och, datt iwwer eng gewëssen Zäit de Buedem sech selwer regeneréiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss awer nach dobäi soen, datt et net eisen Territoire ass. Et ass dem Stat säin Terrain.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dann hätt jo och ee vum Schäfferot, vu datt et bannen de Grenze vun der Péitenger Gemeng ass, kënne bei Stat intervenéiere fir ze soen, datt do eng Sauerei, eng Supp, am Buedem ass. Et ass wuel, wéi den Här Welter seet, eng kleng Supp, mä et geet awer bei deene klengen un.

Albert Muller (LSAP):

Meng éischt Fro betrëfft de Roude Léif : Esou wéi et an der Zeitung stoung, hunn d'Awunner vum Quartier « Vullesang » zu Rodange hiert éischt Quartiersfest gefeiert. An dat no 33 Joer wou d'Cité « Vullesang » gegrënnt ginn ass. Dat ass eng Initiative déi een nëmme ka begréissen an och ënnerstëtzen. Allerdéngs waren d'Awunner och der Meenung fir den Nationalfeierdag hir Haiser mam Nationalfändel ze dekoréieren. Si wollten awer net de Roud-Wäiss-Bloe Fändel ophänken, mä ganz einfach de Fändel mam Roude Léif. Grouss war d'Erstaune vun den Awunner wéi dann um Virowend vum Nationalfeierdag op eemol dräi verschidde Fändele vum roude Léif opgedaucht sinn. Dofir sinn ech vun den Organisateure vun dësem Quartiersfest gefrot ginn, ob d'Gemeng net an hirem nächste Bulletin 'Meng Gemeng' déi offiziell Versioun vum Fändel mam Roude Léif wéilt publizéieren ? Dat betrëfft och virun allem dat wäertvollt Stéck Geschir vum Roude Léif. Well anscheinend, esou ass et mir op alle Fall gesot ginn, handelt et sech ëm e männlecht Déier.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat wäertvollt Stéck ass jo dat, wat mer alleguerte mengen. Ech hat dat net esou verstanen am Ufank. Et muss een awer fir d'éischt emol soen, datt déi Fro ganz interessant ass, an datt et wichteg ass, datt sech d'Leit emol treffen, datt se de Voisinage feieren. Dat ass dat Positivt dobäi. An datt se dat och Nationalfeierdag maachen an de Roude Léif wëllen aushänken, dat ass formidabel, an dat kann een nëmmen ënnerstëtzen.

Ech war awer der Meenung - well Dir schonn do waart a gefrot si gitt - Dir och hätt kënnen drop äntweren. Éischtens emol sitt Dir och e gewieltene Mann, an zweetens wësst der och wat lass ass an der Gemeng. Just am Juni hate mer de Roude Léif op der Publikatioun 'Meng Gemeng' baussen drop, an dat mat deem gudde Stéck, wat do drop gutt ze gesinn ass. Dir hätt also kënne soen, datt d'Informatioun schonn do war, an datt een dat net brauch nach eng Kéier ze maachen. Et kann een och de Leit zielen - a si kënnen dann domatter maache wat se wëllen - , datt et offiziell e '*lion de gueules, armé, lampassé et couronné d'or, la queue fourchue et passée en sautoir'* miisst sinn. Dat hätt een de Leit och nach kënnen dobäi erklären.

Ech géif awer soen, datt mir eis Informatioun gemaach hunn. All Mënsch hat déi Informatioun, an et gesäit een um Bild, wéi de Roude Léif miisst ausgesinn. Ech wéisst net, wat d'Gemeng nach weider kéint maachen. Mir kënne sécherlech iwwert d'Syndicats d'initiativen Fändele beschafen, déi richteg sinn, an de Leit déi dann ubidden, an och de Geschäfter déi ubidden. Mä méi – mengen ech – kënne mer net maachen. Mir hunn eist gemaach, a mer wiere frou wann nach méi däer Roud Léiwen géifen aushänken. A wann dat 'gutt Stéck' net ëmmer esou siichtbar ass, dann ass dat awer net esou schro. D'Haaptsaach ass, datt mer an deem Symbol kënne weider liewen.

Albert Muller (LSAP):

Et ass richteg, datt de 'Meng Gemeng' erauskomm ass mam Roude Léif drop. Mä d'Leit hu gemengt, well de Fändel op der Foto e bësse verdiebelt war, géifen se net kloer erkenne wéi en definitiv miisst ausgesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hunn dat hei vun enger Damm kritt, déi direkt dat gutt Stéck gesinn hat.

Albert Muller (LSAP):

Meng zweet Fro betrëfft d'rue Edward Steichen an d'rue Pierre Grégoire zu Péiteng: E Bekannte vu mir, deen an dëser Strooss wunnt, huet d'Impressioun, datt den Entretien vun dëse Stroosse vernoléissegt gëtt. Virun allem am leschten Deel vun der Strooss (Ed. Steichen), wou de Pabeier nëmmen esou duerch d'Strooss flitt - dat ass awer elo entretemps besser gi well Schoulvakanz ass - an och verschidde Lächer an der Strooss net gefléckt ginn. Och wiisst d'Onkraut dichteg op deenen zwou Säite vun de Borduren a verschidden Trëttoirsplakke feelen oder d'Bordurë si futti a miisste gefléckt ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Fréier, wou Dir nach am Service technique waart, do hutt Dir dat ëmmer vum Gemengerot eriwwer kritt, an dunn hutt Dir gesot, datt bei esou technesche Saachen net soll gewaart gi bis eng Gemengerotssëtzung ass fir dat ze signaliséieren. Stellt Iech fir, et géif schonn eng Kéier een an der Tëschenzäit driwwer falen. Da géif der Iech Reprochë maachen. Selbstverständlech gi mer dat elo un eisen techneschen Service weider, fir datt déi Saache solle geflickt ginn. Beim Pabeier, deen do louch, esou war dee ganze Schoulhaff an och vill Stroossen domatter voll. Do waren iergendwellech Toperten, déi gemengt hu si miissten esou de Schoulausgang feieren. Déi Strooss ass net vernoléissegt. Mir si fir de Moment nach am gaange mat verschiddenen Awunner ze schwätzen iwwer ee Privatwee, deen do nach erofgeet. A mer wäerten déi Strooss grad esou gutt fflegen wéi déi aner och.

Albert Muller (LSAP):

Dee Bekannten huet mer gesot, datt en e puermol op d'Gemeng ugeruff hätt, mä et wier näischt erfollegt. Dofir ass en u mech erugetrueden.

Meng drëtt Fro betrëfft d'Verkéiersinsel an der rue de Longwy bei engem Supermarché hei zu Péiteng. Hei ass virun enger gewëssen Zäit eng nei Regelung agefouert ginn. D'Autoen aus Direktioun Rodange/Lamadelaine hunn eng Extraspuer kritt fir no lénks ofzebéien, an zwar ass déi giel agezeechent gi fir Autoen, déi no lénks ofbéien. Dës Signalisatioun ass am gaangen ze verblatzen. Wéini gëtt dës Spuer definitiv gekennzeechent ?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Reglementatioun ass mam Accord vun de Ponts et Chaussées gemaach ginn. Si haten déi Propositioun gemaach, fir emol versuchshalber ze kucken, wéi dat géif lafen. Dofir war et mat giel gezeechent ginn. Et war och mat enger Faarf gezeechent ginn – fir de Fall wou et net géif lafen – déi mat der Zäit och soll verblatzen. Mir hunn awer elo de Bilan gezunn, a mer sinn der Meenung, datt et gutt wier, datt et iwwersiichtlech ass a gutt fonctionnéiert, esou datt mer hinne kënnen den Accord gi fir datt et definitiv agezeechent gëtt. Et ass dann un de Ponts et Chaussées fir dat dann ze maachen.